54e séance

Mercredi 19 juin 2002

Présidence

M. Jean Spautz, Président

Ordre du jour

1. Ordre du jour

2. Projet de loi 4894 portant modification

1. de la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement, titre VI: de l'enseignement secondaire;
2. de la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue

(Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports – Discussion générale – Lecture du texte du projet de loi – Amendements – Votes – Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel – Motions – Votes)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; Mme Anne Brasseur, Ministre.

(Début de la séance publique à 9.03 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op. Huet d'Regierung der Chamber eng Matdeelung ze maachen?

(Négation)

D'Wuert huet Mme Renée Wagener.

1. Ordre du jour

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).-* Här President, ech froen d'Wuert zum Ordre du jour, well ech eng Question urgente gestallt hunn iwwert de Fall vun engem zéngjährege Meedchen, wat anscheinend schonn zënter e puer Deeg am Prisong ass, Zoustand, dee géint eng ganz Rei vu Konventioune verstéisst, wou Lëtzebuerg sech engagéiert huet, mä och géint d'Mënschenrechter am Allgemengen.

Ech wollt doriwwer Explikatioune vum Minister kréien a wollt vun lech, Här President, wëssen, ob d'Urgence vun där Question parlementaire unerkannt ass an ob mer nach haut kéinten do Informatioune kréien?

Merci.

M. le Président.- Ech bezweifelen, ob eng Urgence do sollt unerkannt sinn. De Minister ass net hei.

Pardon, ech kréien elo d'Nouvelle, de Minister wär d'accord dorop ze äntwerten.

Här Bausch?

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).-* Här President, wann Der erlaabt. Ech wéilt drop hiweisen, dass et net um Minister ass, fir ze décidéieren, eng Urgence unzeerkennen. Natierlech muss en zu Land sinn. Dat ass richteg. Et ass un der Chamber, fir d'Urgence unzeerkennen.

M. le Président.- D'accord, et ass un der Chamber fir d'Urgence unzeerkennen, mä mir stelle keng Froen, fir se ze stellen. Mir musse jo awer de Minister kënne froen, deen zoustänneg fir déi Fro ass, ob deem esou ass oder net.

Här Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).-* Här President, ech wollt just soen, dass dat richteg ass, wat den Här Bausch seet, mä nach muss de Minister do sinn.

M. le Président.- Dir hutt jo gesinn, ech krut virun enger Minutt matgedeelt, dass de Minister bereet ass, am Laf vum Dag op déi Fro ze äntwerten.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4894 iwwert d'Reform vum Enseignement. D'Wuert huet d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Mme Agny Durdu.

2. Projet de loi 4894 portant modification

1. de la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement, titre VI: de l'enseignement secondaire;

2. de la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue

Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

Mme Agny Durdu *(DP), rapportrice.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn ee ganz éducative Moien an ech hoffen, dass en eis alleguer eppes bréngt, ënner anerem flott Diskussiounen.

Deen éischte Projet de loi, dee mer analyséieren, ass deen iwwert d'Reform vun der Division supérieure. Dëse Projet de loi ass d'lescht Joer am Dezember deponéiert ginn. En ass vum Statsrot aviséiert ginn a mir hunn en eng éischte Kéier am Januar an der Kommissioun presentéiert kritt. Nom Avis vum Statsrot hu mer en an der Kommissioun analyséiert. Doropshin ass dëse Rapport geschriwwe ginn.

Mäi mëndleche Rapport wëllt ech glidderen esou wéi mäi schréftleche Rapport an zwee grouss Sujeten, net zulescht aus deem Grond, well de Statsrot en Avis séparé gemaach huet wéinst der Problematik vum Koeffizient vum Wäertunterrecht.

Ech wëll ufänken, andeems ech den éischten Deel analyséieren, deen déi Struktur, esou wéi se an der Division supérieure momentan fonctionnéiert, ëmännert.

Am Gesetz vun 1989 wor d'Division supérieure vum Enseignement postprimaire reforméiert ginn. Deemools wore folgend Guide-lines zréckbehale ginn:

Tëschent Quatrième a Première maache mer zwou Ausriichtungen: eng Section scientifique an eng Section littéraire. Mir maachen zwee Cyclen. Ee Cycle polyvalent, Quatrième an Troisième, an dann op Deuxième a Première Cycles de spécialisation. Mir hunn dann do Sections de spécialisation, déi heeschen A, A1, B, C, D, E, F.

Déi ganz Problematik, déi sech an eisem Enseignement ëmmer stellt, dat ass de Kanner, déi de Lycée classique maachen, eng gutt Ausriichtung ze ginn, hinnen eng gutt Allgemengbildung mat op de Wee ze ginn a spezifesch Kenntnisser an hiren eenzelnen Ausriichtungen.

Déi Opdeelung, déi deemools festgehale ginn ass tëschent Section littéraire a Section scientifique, déi huet awer net dat bruecht, wat ee sech erhofft hat. 11, 12 Joer duerno stellt ee fest, dass am Fong geholl den Haaptakzent, deen an där Filièresopdeelung wor, eng Stonn Mathematik méi, d'Differenz ausgemaach huet tëschent deenen, déi Sciences gewielt haten, an deenen aneren. Dat huet mat sech bruecht, dass een ni esou dee richtege roude Fuedem, wann ech dat emol esou däerf nennen, erëmfonnt huet an et huet an de Schoulgebaier bei der praktescher Andeelung relativ vill Misär gemaach.

Am Endeffekt wor d'Resultat, ob déi eng dann elo méi woussten an där enger Matière oder net, relativ moer, esou dass déi Opdeelung net déi Satisfaktioun bruecht huet, wéi mir et gäre gehat hätten.

D'Opdeelung vum Cycle polyvalent, Quatrième, Troisième, an d'Spécialisation Deuxième, Première, déi hunn et mat sech bruecht, dass ee wahrscheinlech ee Cycle général oder eng Formation générale hat, déi ze laang waren, an de Cycle de spécialisation, dee wor ze kuerz. Op Deuxième a Première wor et den Enseignanten einfach net méiglech, de Kanner an där Zäit all déi Matière bäizebréngen, déi se gebraucht hätten, fir no enger Première nach ee Bagage drop ze setzen.

Dat huet net déi néideg Satisfaktioun bruecht, esou dass mat dësem Gesetz d'Opdeelung littéraire a scientifique ofgeschaaft gëtt. De Statsrot huet gemengt, dat wär souwéisou eng Opdeelung gewiescht, déi en Etat d'esprit aus dem leschte Jorhonnert géif erëmspigelen, an en Enseignant, deen e gudde Literat wär, dee kéint am Fong och e ganz gudde Mathematiker sinn an ëmgedréint.

Mir hunn an der Kommissioun gemengt, mir kënnten dëser Ëmännerung an deem neie Gesetz nokommen.

Dann d'Opdeelung an deenen zwee Cyclen. Do wor keng Onstëmmegkeet. Ech konnt op alle Fall keng Téin an der Kommissioun héieren, wou gesot gi wär, mer sollten dat net änneren. Mir maachen elo aus der Quatrième eng Année polyvalente an da kommen dräi Spezialisatiounsjoren hannendrun.

D'Quatrième, eng Année polyvalente. D'Iddi, fir aus der Quatrième eng Année polyvalente ze maachen, ass fir de Kanner, oder soll ech elo léiwer soen den Elèven, fir keng Steng geworf ze kréien, d'Méiglechkeet ze ginn, fir déi Kenntnisser, déi se an deene Jore virdrun ewell gesammelt hunn, ze festegen. Dat Joer gi si jo och ee Joer méi al a si gi méi fest an der Ausriichtung, wat se herno als Beruff maache wëllen. Si hunn engersäits d'Méiglechkeet, fir hir Connaissancen ze festegen, sech selwer besser kennen ze léieren an ze wëssen, wat fir Fächer se léiwer hätten, wou se vläicht besser oder méi schlecht dra sinn, a mat där néideger Informatioun iwwert déi Sektiounen, déi hannendru kommen, kënne se d'Richtung fannen, an déi se goe sollen.

Am Exposé des motifs huet d'Regierung ganz klor ënnerstrach, dass se dem SPOS wëllt eng grouss Roll zoukomme loossen, fir dass deen deene Jugendleche hëlleft, déi richteg Sektioun no där Quatrième polyvalente ze fannen. Mir kënnen dëser Initiativ nëmmen eis Ënnerstëtzung ginn.

Da kommen dräi Joer Spezialisatioun hannendrun. Bei der zweejähreger Spezialisatioun ass erausfonnt ginn, dass dat am Fong geholl net géif duergoen, fir déi néideg Spezialisatioun de Kanner mat op de Wee ze ginn, esou dass mer do erëm eng Kéier op eng Spezialisatioun vun dräi Joer géife kommen, wou d'Iddi ass, dass d'Haaptfächer wéi Sproochen a Mathé sollen eng gutt Ausriichtung kréien, mä do derniewent awer d'Cours d'initiation Chemie, Physik an Ekonomie an enger méi genauer Gewiichtung an enger eenzelner Sektioun sech sollten erëmfannen.

De Statsrot huet och dës Opdeelung vun de Cycle fir gutt befonnt an an der Kommissioun konnt ech keng Kritik géint dës Opdeelung héieren, esou dass ech der Meenung sinn, dass do dee richtege Wee fonnt ginn ass.

Ech wollt der Mme Minister merci soen, dass mer ewell d'Grille horaire derbäi geluegt kritt hunn, dee Règlement grand-ducal, deen op Basis vun dësem Gesetz geholl gëtt. Do kann een natierlech gesinn, wat fir eng Änne-

rungen agefouert ginn. Et konnt een d'lescht Joer ëm dës Zäit feststellen, wéi vill Diskussioune gefouert gi waren tëschent de Syndikater, den Enseignanten an der Educatiounsministesch. Et konnt een natierlech net allem Rechnung droen, mä wann een u Grilles horaires bastele geet an et gesäit een, wéi komplizéiert déi sinn, da bréngt dat mat sech, dass vläicht deen een oder anere kënnt mengen, en hätt net genuch kritt.

Op alle Fall wéilt ech ënnersträichen, dass dem Franséischen eng absolut wichteg Positioun ageraumt ginn ass. Et war eng éischt Grille horaire ausgeschafft ginn, awer d'franséisch Proffen hunn do gemengt, si kriten net genuch Poids. Doropshin ass d'Grille horaire ëmgeännert ginn a si kruten dee Poids, dee si gäre gehat hätten. Ech mengen, dat war eng gutt Iddi.

Wéi gesäit d'Spezialisatioun aus? Mir haten A1, A2, B, C, D, E, F. D'Sektioun A2 wor 1989 agefouert ginn. Et wousst een do ni esou richteg. Bei der A2, do hunn déi meescht gemengt, wahrscheinlech eleng well se A2 geheescht huet, dat wär en Anhängsel vun der A, dat wär esou e Programme allégé vun enger Sproochesektioun. Deem wor net esou. Wann een de Programm gekuckt huet, dann huet déi A2 vill méi no geleeën un der D wéi un der A. Deementspriechend ass décidéiert ginn, fir déi A2 ofzeschafen an eng nei Sektioun G anzeféieren. An där neier Sektioun G do ass de Programm besonnesch axéiert op Sciences humaines et sociales a méi besonnesch op den Droit.

De Statsrot ass och mat dëser Ëmännerung d'accord, huet der Regierung awer mat op de Wee ginn, dass d'Programmer missten deementspriechend fir dës Sektioun adaptéiert ginn. Ech sinn iwwerzeegt, dass d'Programmkommissioune wäerten dësem Wonsch nokommen. Et muss elo iwwert d'Inhalter diskutéiert ginn, wéi déi agencéiert ginn. Et kommen Ännerungen, mä et geet net drëm, fir elo nach méi Matière anzefügen, mä et geet drëm, fir déi Matière, déi do ass, ze verdéiwen, fir dass och d'Kanner déi beschtméiglech kënne gebrauchen a léieren, se ze applizéieren.

Dëst ass am Fong geholl den éischte Volet vu mengem Exposé, wou et ëm d'Structures générales vun dësem Gesetz geet. Et ass an der Kommissioun, wat dëse Volet ugeet, ganz roueg erofgaangen. De Statsrot huet en Avis minoritaire bruecht. Och den Avis minoritaire hat zu den Ëmännerungen, déi gemaach ginn an de Structures générales, keng Kritik ze maachen an huet souguer fonnt, dass de Règlement grand-ducal géif drop hiweisen, dass et eng Réforme saine et équilibrée ass. E Kompliment, wat een net all Dag héiert, och net als Éducatiounsministesch, wou unerkannt gëtt, dass dës Reform wierklech gutt ass.

Et ass eng Reform, déi, menger Meenung no, an hirem Wäert verkannt gëtt. Et geet ganz roueg erof, mä ech sinn iwwerzeegt, dass dës Reform wäert an deenen nächste Joren hir Friichte bréngen.

Dem zweeten Deel vun dësem Gesetzestext hunn ech eng extra Plaz zougewisen, obschonn ech mech als Rapporteur do wäert neutral verhalen an et den Intervenanten, déi hannendru kommen, et iwwerloosse wäert, fir vläicht mat méi Energie a méi Elan driwwer ze diskutéieren. Ech weess net ob Diskussioune kommen. Et geet ëm de Wäertunterrecht.

Et ass och net déi éischte Kéier, dass an engem Gesetzestext de Wäertunterrecht aneschters agedeelt gëtt. Mir fannen do am Gesetzestext vun 1968, dass mir e Cours d'instruction religieuse et morale hunn, e Cours de formation morale et sociale agefouert gëtt an eng Dispens ass fir deen, dee weder op d'Instruction religieuse nach op d'Education morale wëllt zréckgräifen. Dës Dispens, déi hat e regen Zoulaf.

1988 huet dëst héicht Haus de Gesetzestext vun 1968 nach eng Kéier op de Leescht geholl an huet eng Ëmännerung gemaach: Et ass bäibehale ginn d'Instruction religieuse et morale. Et ass bäibehale ginn d'Formation morale et sociale. D'Dispens ass beschnidde ginn an deem Sënn, wou gesot ginn ass, déi, déi eng aner Relioun hunn an déi fannen, dass hir Relioun a kenger Aart a Weis sech erëmspigelt, weder an der Instruction religieuse nach an der Formation morale, déi kënnen eng Dispens froen. Dat huet mat sech bruecht, dass momentan ongefëier 5% vun de Schüler vun dëser Dispens profitéieren.

Dës Regierung huet an hirem Accord gouvernemental vum 2. August 1999 folgend Ausso a puncto Wäertunterrecht gemaach: „Conscient que la transmission des valeurs fait partie intégrante des écoles, le Gouvernement prendra les mesures nécessaires pour améliorer sensiblement la qualité de l'enseignement moral et social, notamment en matière de formation et de qualification des enseignants. Dès lors et à partir de la rentrée scolaire 2002-2003, la possibilité d'être dispensé dans l'enseignement postprimaire des cours de formation morale et sociale et des cours d'enseignement religieux sera supprimée."

Dat Gesetz, wat hei kënnt, ass eng ganz klor an dans les délais Ausféierung vum Accord de coalition. Et ass och eng Logik, déi mat sech bréngt, dass wann eng Regierung seet, ech leeë ganz vill Wäert op de Wäertunterrecht, et an der Logik ass, fir ze soen, da muss een och d'Dispens ofschafen. Dat gëtt mat dësem Gesetz gemaach. Ab September vun dësem Joer gëtt et keng Dispensméiglechkeet méi am postprimairen Unterrecht. Domat entsteet awer och e Parellelismus par rapport zur Primärschoul, wou jo och keng Dispens ass.

Doriwwer eraus gesäit den Accord de coalition vir, dass eng Opwäertung soll komme vun der Education morale et sociale. Dësem Wonsch an dëser Obligatioun ass d'Mme Minister nokomm, well et ass ganz vill geschafft ginn an de Contenuë vun der Education morale et sociale an och an der Ausbildung vun deenen Enseignanten.

Dat wor eng Konditioun, fir d'Qualitéit vun dësem Wäertunterrecht ze optiméieren, an ech mengen, dass dat bis ewell gutt geroden ass, an et sollt een och an där Richtung virufueren.

Mä doriwwer eraus woren d'Mme Minister an och de Regierungsrot der Meenung, dass een eppes sollt méi maachen. Dofir gesäit de Règlement grand-ducal vir, de Koeffizient 1 virzegesinn. Soll een dat elo gutt oder net gutt fannen?

Ech mengen, mir maachen eis jo alleguer heibanne keng Illusiounen. Mir si jo alleguer eng Kéier Schüler gewiescht. Et ass bestëmmt ganz wichteg, dass en Enseignant gutt ass a senger Matière. Et ass och ganz wichteg, dass e Programm gutt ass, mä doriwwer eraus muss een heiansdo nach gewëssen Incentiven dobäi ginn.

De Koeffizient 1 ass kloer fir de Partenaires scolaires ze beweisen, wéi wichteg dass dëser Regierung de Wäertunterrecht an der Schoul ass. Et geet duer, fir en Incentif ze ginn, fir de Kanner ze weisen, wéi wichteg dass mer dat fannen, an op där anerer Säit ass de Koeffizient net schlëmm genuch, dass een dowéinst kann e Joer doubléieren. Et soll net esou sinn, wéi wann ee kënnt mengen, dass de Wäertunterrecht kënnt Schold dru sinn, fir e Joer ze doubléieren. Au contraire, et kann een souguer seng Moyenne nach verbesseren.

Elo gëtt et natierlech Leit, déi net besonnesch begeeschtert sinn iwwert de Koeffizient 1 iwwerhaapt. Den Avis majoritaire vum Statsrot huet gemengt, dat wier awer vläicht net déi allerbeschte Méiglechkeet, déi d'Regierung sech do zougeluegt huet. Et wier méi wichteg, fir op aner Elementer opzebaue wéi d'Enseignanten oder d'Qualitéit an de Contenu. Mir sinn domat d'accord, mä mir sinn awer der Meenung, dass de Koeffizient 1 e Pluspunkt kënnt sinn, a mir encouragéieren och d'Regierung, fir beim Koeffizient 1 ze bleiwen.

Den Avis minoritaire vum Statsrot huet iwwerhaapt Problemer mat der Presenz vun der Instruction religieuse et morale. Dat ass näischt Neies, well den Avis minoritaire vum Statsrot hëlt ganz genau den Historique vun der Positioun vum Statsrot erëm. En huet 1968 d'Meenung net gedeelt, dass d'Instruction religieuse sollt an der Schoul bleiwen. En huet 1988 déi Meenung net gedeelt an en deelt se och dës Kéier net.

De Statsrot ass a sengem Avis majoritaire der Meenung, dass ee sollt bei der Instruction morale et sociale Diskussioune féieren, fir ze kucken, ob net nach vläicht aner Reliounen hiren Nidderschlag sollten a misste fannen an eiser Schoul, besonnesch déi Reliounen, déi an eisem System unerkannt sinn.

Bei dësem Gesetzestext ass an der Kommissioun déi Diskussioun net am Fong gefouert ginn, well d'Kommissioun an hirer Majoritéit esou wéi de Statsrot a senger Majoritéit befënnt, dass dës Diskussioun soll a muss gefouert ginn, mä dass awer de Kader vun dësem Gesetzestext nach net dee Richtegen ass.

Ech sinn der Meenung, dass déi Diskussioun garantéiert wäert kommen. Ech weisen drop hin, Instruction religieuse et morale ass en neutralen Numm, fir all Reliounen, zumindest emol all déi unerkannte Reliounen ze viséieren.

Plusieurs voix.- Dat do ass awer eng gelunge Meenung!

Mme Agny Durdu *(DP), rapportrice.-* Dat ass meng perséinlech Meenung.

Spéitstens wa mer déi Diskussioun iwwert d'Unerkennung, respektiv iwwert d'Net-Unerkennung vun der islamescher Relioun kréien, musse mer eis dëser Problematik nei bewosst ginn an nei doriwwer diskutéieren.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Mme Durdu, da wier jo Ärer Interprétatioun no dee Problem scho geléist, wann Der sot, dass Instruction religieuse et morale en allgemengen Term ass, deen all Relioune betrëfft. Da brauche mer déi Diskussioun do net ze féieren.

Mme Agny Durdu *(DP), rapportrice.-* Här Fayot, ech sinn der Meenung, dass mer se awer musse féieren an dass mer se sollte féieren, an ech wäert mech där Diskussioun op kee Fall verschléissen.

Dat sinn déi Ausféierungen, déi ech lech wollt als Rapporteur mat op de Wee ginn. Ech hu mäi Rapport och esou agencéiert, well d'Kolleege gesot hunn, si hätte gären herno e Vote séparé iwwert d'Problematik vun der Presenz oder Net-Presenz vun der Instruction morale et religieuse am Gesetz an och iwwert d'Problematik Koeffizient. Dofir hunn ech mäi Rapport och esou gehalen.

Ech géif lech am Numm vun der Majoritéit vun der Kommissioun recommandéieren, dëse Gesetzestext ze stëmmen, an ech freeë mech op déi Diskussiounen, déi gefouert wäerte ginn no mengem Rapport.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Claude Wiseler agedroen. Den Här Wiseler huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll ufänken, fir der Rapportrice villmools merci ze soe fir dee flotte Rapport, dee se hei op der Tribün gemaach huet an och fir deen, dee se schrëftlech gemaach huet.

En huet de Problem ganz kloer identifizéiert an ëmrass, a vereinfacht eis ganz sécherlech déi Debatten haut de Moien.

De Projet, wéi e schonn erkläert ginn ass, huet effektiv zwee Voleten. Ech probéieren och, se separat ze behandelen. Dat ass op där enger Säit d'Reform vum Cycle supérieur an op där anerer Säit d'Abolitioun vun der Dispens vum Cour de formation morale et sociale a vum Cours d'instruction religieuse et morale.

Den éischte Punkt, d'Strukture vun der Division supérieure.

Et ass effektiv a regelméissegen Ofstänn, wou déi Strukturen hei an der Chamber ëmgeännert gi sinn. 1968 hu mer véier Sektioune kritt, 1989 ass dat légèrement ëmgeännert ginn andeem mer zwee Joer Préspezialisatioun an duerno op Deuxième an op Première eng méi prezis Spezialisatioun gemaach hunn. Elo ass an de Regierungsprogramm ageschriwwe ginn, fir erëm eng Reform vum Cycle supérieur ze maachen, wou d'Finalitéiten déi sinn, datt soll eng Classe polyvalente op Quatrième gemaach ginn an dräi Joer Cycle de spécialisation duerno, datt déi Ënnerandeelung, déi um Cycle de préspécialisation war, déi deen tëschent enger literarescher an enger Wëssenschaftssektioun opgedeelt huet, soll ofgeschaaft ginn an datt déi Sektioun A2 soll suppriméiert oder remplacéiert ginn duerch eng Sektioun G, mä duerch eng geännert Sektioun G, déi awer zum Deel dann en aneren Inhalt kritt.

Ech hunn och, esou wäit wéi een d'Avise konnt liesen, e gréissere Konsensus op deene groussen Orientatioune kënne feststelle vun deem Deel vun der Reform. Dat huet och net zu gréisseren Diskussiounen an der Chamberkommissioun gefouert. Et huet selbstverständlech zu enger ganzer Rei Prezisiounsfroe gefouert, mä awer net zu gréissere Kontroversen.

Wat deen éischte Punkt ugeet iwwert d'Classes polyvalentes an de Cycle de spécialisation wëllt ech awer e puer Reflexioune maachen, well ech denken, dass hei aus enger preziser Organisatiounsfro sech awer eng Rei Prinzipiefroe fir de Schoulberäich sécherlech stellen, well et stellt sech evidenterweis déi Fro tëschent deem, wat mer den Equiliber nennen tëschent enger genereller Formatioun engersäits an enger spezialiséierter Formatioun anerersäits. Spezialiséiert Formatioun heescht an dësem Kontext selbstverständlech awer net eng Beruffsformatioun, mä eng Formatioun, déi spezifesch op en Tipp vun Universitéitsstudien oder héijere Studie ka virbereeden.

Op där anerer Säit ass et evident wichteg, datt eisen Enseignement secondaire och an Zukunft deen Enseignement bleift, wou mer eng Formation générale kréien a wou déi Kanner, déi doduerch ginn, och als Basis en allgemengt Wësse kënne beherrschen, dat an dräi Sproochen an an enger ganzer Rei Fächer, well mir wëlle jo mat deem Tipp vun Enseignement och weiderhin erreechen, datt mer op all Unien an all eisen Nopeschlänner an doriwwer eraus och den Accès kréien. Dat hu mer bis elo fäerdeg bruecht. Dat ass och eng Partikularitéit vun eisem System, an ech denken, dass déi meescht vun eis stolz op déi Partikularitéit sinn.

Natierlech denken ech awer och, datt et ëmmer an ëmmer méi schwéier gëtt, fir déi Particularitéit bäizebehalen, well d'Komplexitéit vun den Inhalter wiisst, well och déi Critères d'accès, déi op den Unie sinn, méi schwéier ginn, dass ee schonn, wann een deen Accès wëllt maachen, och vläicht muss an der Spezialisatioun e bësse méi pousséieren, fir den Accès op all déi spezialiséiert universitär Richtungen ofzesécheren.

Wichteg ass also, dass een deen Equiliber weider fënnt, obwuel dat keng einfach Saach ass.

Wat gëtt hei gemaach? Hei gëtt eng Année de consolidation agefouert, zumindest am Titel, a gesot, mir mussen u sech dat Generellt an dat Basiswëssen, dat mer am Cycle inférieur geléiert hunn, konsolidéieren. Mir mussen d'Basiswëssen ofsécheren, e Grondwësse festegen, an dass mer op enger fester Basis kënne lassgoen, an duerno fänkt eng méi prezis Spezialisatioun un, déi dann och méi laang dauert wéi déi zwee Joer, wéi dat virdru war.

Ech hoffen, datt dat kann dozou bäidroen, fir zu engem Deel zu deenen Ziler ze féieren, fir deen Equiliber tëschent genereller Formatioun engersäits a spezialiséierter Formatioun anerersäits besser ze gestalten an den Accès op den Enseignement supérieur och weiderhin ofzesécheren.

Deen zweete grousse Punkt ass déi Abrogatioun tëschent där literarescher Orientatioun an där wëssenschaftlecher Orientatioun. Richteg ass, datt an der Realitéit deen Ënnerscheed, deen 1989 agefouert gouf, sech net esou ëmgesat huet, datt e sensibel gespiert gi wier. En huet sech net décisiv, weder an de Grilles horaires nach an de Programmer, duerchgesat. Dofir, wann ech dem Conseil d'Etat säin Avis liesen, bréngt e fir d'Abolitioun vun deem Orientatiounsënnerscheed do e wonnerbaart Argument, e wéineg philosophescher Natur, dat ech hei mat Plëséier zitéieren, well de Conseil d'Etat seet, dass: „La dichotomie littéraire et scientifique correspond à un état d'esprit âgé de plus d'un siècle. Rien n'empêche de nos jours un professeur de lettres d'être fort en informatique et en mathématiques, ou un bon mathématicien, d'être un amateur éclairé des beaux-arts ou un connaisseur chevronné de textes littéraires ou philosophiques. Dans cet état d'esprit, il serait néfaste que les structures de la division supérieure de l'enseignement secondaire suggèrent une différenciation illusoire et traitant le monde scientifique et le monde littéraire comme deux mondes à part".

Dat ass wonnerschéi gesot.

(Interruption)

N'empêche, dass et wonnerschéi gesot ass, Här Scheuer!

M. Jos Scheuer (*LSAP*).- Si non e vero, e ben trovato.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Fundamental wëll ech awer soen, dass et an der Theorie richteg ass, an ech deelen déi Meenung, dass och eng Polyvalenz noutwendeg ass an dass och eng Polyvalenz muss an all Beruff mat erageholl ginn. Dat schéngt mer awer essentiell ze sinn.

Ech denken, dass eppes richteg ass. Dat ass, datt déi Dichotomie an zwou grouss Welten, literaresch Welt op

där enger Säit a wëssenschaftlech Welt op där anerer Säit, dat, wat ech an dësem Fall géing déi Tëschewelten nennen, net géing respektéieren. Mir hunn och eng Welt vu Sciences humaines, mir hunn och eng Welt vun Droit, vun Ekonomie asw. Déi fanne sech an esou enger Subdivisioun net richteg erëm, hunn awer haut an eisem gesellschaftleche Liewen eng eminent Wichtegkeet, an dofir denken ech, dass déi strikt Zweedeelung, déi Dichotomie, de Sënn haut effektiv net méi hat.

Op där anerer Säit muss een natierlech och soen, wann een déi Polyvalenz do kuckt, wier dat prinzipiell och en Argument fir déi Sektiounen duerno a Fro ze stellen. Wann alles muss ganz polyvalent sinn an alles beinhalten, da m,isst déi Reflexioun am Fong och kënne weidergefouert ginn. Mä mir halen awer elo mat där doter Reflexioun op.

Déi Sektioune si sécherlech eng Fro vun Equiliber. Et ass eng Fro, déi sech manner an der Terminologie erëmfënnt wéi duerno an der Realitéit vun de Grilles horaires an Inhalter a Programmer. An et ass do wou mer gesinn, datt déi Theorie, déi um Blat steet, och kann e Sënn kréien an effektiv ginn.

Mir hunn och eng Suppressioun vun der Sektioun A2, eng Kreatioun vun enger Sektioun G, woubäi et esou ass, datt den Exposé des motifs selwer seet, datt et zu engem Deel eng Clarificatioun vun der Terminologie ass, well mer hei d'Sektioun A1 mat A betitelen, fir et méi einfach ze maachen, an d'Sektioun A2 mat G betitelen, mä se domat démarquéiere vun enger D-Sektioun an den Inhalt trotzdeem e wéineg changéieren, andeem se méi Sciences humaines et sociales a méi Droit mécht an domat sech vun enger D-Sektioun, déi éischter orientéiert ass an eng ekonomesch Richtung, wäert ënnerscheeden.

Ech denken, datt et eppes ass, wat sécher Sënn mécht an der Welt, wou mer haut sinn, an dofir ass et evident, datt mer zu deene grousse Prinzipien als CSV-Fraktioun stinn.

Ech wëll nach eng Rei Reflexiounen dobäifügen, well hei zu engem Deel gesot ginn ass, dass dat e Pabeier mat Theorie wier. Dat ass normal bei engem Gesetzesprojet. Et geet elo drëm, datt doraus kann eng gutt Praxis entstoen an datt mer dat Ganzt um Terrain ëmgesat kréien.

Dat heescht, datt op där enger Säit déi Consolidatioun, déi hei op Quatrième virgesinn ass, an op där anerer Säit, déi Spezialisatioun, déi zwëschen Troisième a Première virgesinn ass, och nëmmen da Sënn maachen, wa se sech an de Programmen erëmspigelen a wa mer an den Inhalter duerno gesinn, datt d'Consolidatioun an d'Spezialisatioun Realitéit ginn.

Ech denken, datt dat hei eng flott Geleeënheet am Fong ass - no enger PISA-Etüd, déi jo awer eng ganz Rei Froe gestallt, mä net beäntwert huet -, fir d'Reform vum Cycle supérieur dozou ze notzen, datt d'Programmer geännert ginn, well soss mécht den Terme Consolidatioun, engersäits, Spezialisatioun, op där anerer Säit kee Sënn. Et sollt een also déi Geleeënheet hei benotzen, fir och en profondeur déi Programmer ze iwwerkucken an nei Saachen an deene Programmer virzeschloen.

D'Mme Brasseur huet verschiddentlech an der Kommissioun gesot, datt d'Commission des programmes déi Charge och kritt hätt, fir dat, wat philosophesch hannert deem Text hei steet, och an de Programmer esou ëmzesetzen. Ech ginn dovunner aus, datt mer d'nächst Joer - Dir hutt et gesot - d'Logik vun der Consolidatioun op der Quatrième erëmfannen, an datt mer déi Joren drop dann, vun Troisième op Première, och dat Ganzt als eng Unitéit gesinn, wou mer all eis Ziler, déi mer eis an de Jore setze bis op d'Première, een nom anere kënnen ofstiechen an dat Ganzt eng Unitéit vu Quatrième bis op Première gëtt.

Ech hoffen, mä dat ass jo ëmmer d'Schwieregkeet - dat hu mer jo an deene leschte Jore gemierkt -, datt et net esou geet, datt de Programm vun dësem Joer oprechterhale bleift, an datt mer dann nach do hannendrun eng Consolidatioun dobäisetzen, well dat kann et jo net sinn. Dat wär jo e Feeler, dee ganz oft inconsciemment gemaach ginn ass, mä wou ee wierklech muss drop oppassen, fir deen dës Kéier net nach eng Kéier ze repetéieren.

En anere Gedanken, deen ech wollt opgräifen, ass deen, dass wa mer eng Quatrième de consolidation aféieren, wou mer keng Spezialisatioun maachen, déi Spezialisatioun dann awer an enger direkter Form vun Troisième un ufänkt, dann ass et wesentlech - an d'Regierung seet et selwer an hirem Exposé des motifs -, datt op der Quatrième profitéiert gëtt, fir déi noutwendeg Orientatioun ze maachen, datt d'Schüler sech och duerno erëmfannen, datt se wëssen, op wat fir eng Sektioun se wëllen a kënne goen.

Am Exposé des motifs gi Cours d'initiation geplangt, et gëtt eng detailléiert Informatioun op Quatrième geplangt, et gëtt och e Suivi pédagogique geplangt, souwuel vun de Professere wéi vum SPOS. Duerfir hätt ech just d'Fro: Wéi wäit ass dat en place gesat? Wéi wäit ass dat fonctiounsfäeg fir d'nächst Joer, well et ass jo wichteg, dass et d'nächst Joer schonn effikass fonctionnéiert?

Mir sinn elo jo schonn am Juni, d'Gesetz gëtt elo gestëmmt an da publizéiert. Dir hat op eng Question parlementaire geäntwert: D'Schoulen hätte schonn déi noutwendeg Instruktioune säit Méint kritt, fir d'Virbereedung ze maachen. Et ass jo wesentlech, dass och d'Kanner, déi op Cinquième sinn, gesot kréien, wat elo op Quatrième geschitt. Bon, elo ass et manner schwéier, well op Quatrième näischt Neies agefouert gëtt a keng Wiel ze huelen ass; et ass éischter eng Wiel ofzeschafen, sou datt déi Preparatioun wahrscheinlech méi einfach ass.

Nach wollt ech hei d'Geleeënheet net verpassen, d'Fro ze stellen, wéi wäit et mat där Preparatioun, haaptsächlech wat d'Informatioun vun de Kanner an den Elteren engersäits, vun den Direktiounen an den Enseignanten anerersäits, ass?

Schlussendlech wéilt ech soen, datt am Kader vun all deenen Diskussiounen, déi mer no der PISA-Etüd haten - dës Reform stung jo schonn am Regierungsprogramm a war schonn ugefaang ginn éier d'Resultater vun der PISA-Etüd bekannt waren -, ech mengen, datt d'Reform, esou wéi se hei am Projet steet, net onbedéngt eng direkt Äntwert op PISA ass, mä datt awer d'Ëmsetzung dovunner, mat de Changementer vun den Inhalter an de Methoden, sécherlech eng Geleeënheet ass fir engem Deel vun deene Froen, déi PISA eis stellt, ze probéieren eng Äntwert ze ginn. D'Ëmsetzung ka schonn en Deel vun der Äntwert op PISA sinn. Ech wéilt deen Ënnerscheed zwëschen dem Text selwer, engersäits, an anerersäits der Ëmsetzung maachen.

Den zweeten Deel, dat ass deen Deel vun der Ofschafung vun der Dispens. Mir hunn am Sekundarunterrecht säit Joren zwee Coursen: formation morale et sociale, engersäits, instruction religieuse et morale, anerersäits. Sengerzäit ass d'Dispens, an dat ass an den Texter vun 1968 nozeliesen, erméiglecht ginn „à l'intention“ - an ech zitéieren - „de la petite minorité de ceux qui, pour des raisons de conscience, ne pouvaient pas se résoudre à inscrire leurs enfants, soit au cours d'instruction religieuse, soit au cours de morale laïque.“

D'Zilsetzung war also déi Zäit vun der Regierung, fir de Schüler zur grousser Majoritéit eng zolidd Formation morale ze ginn, d'Dispens sollt als Ausnahm geregelt ginn. Dat war schlussendlech net d'Realitéit. Dat ass 1988 ëmgeännert ginn. Dunn ass et e wéineg besser gaang, mä duerno huet de Problem sech awer och erëm agestallt. An der Regierungserklärung vun 1999 ass kloer festgesat, datt d'Suppressioun vun der Dispens virgesi soll ginn, an dat mat der Motivatioun, datt all d'Schüler solle kënne vun engem Wäerteunterrecht profitéieren.

Dës Décisioun ass a sech e Gläichzéie mat deem, wat virun e puer Joer 1998 an der Primärschoul geschitt ass. Wann een d'Gesetz vun 1912 kuckt, do war schonn déi Zäit eng Possibilitéit vun der Dispens virgesinn. Dat war awer an engem ganz anere Kontext, an ech denken, datt déi generell Aféierung vun engem Cours d'éthique non confessionnelle, deen neutral ass an dee baséiert op déi universell Mënschen- a Kannerrechter, haut déi Dispens - an den Exposé des motifs gebraucht deen Ausdrock esou - obsolète gemaach huet. Dat stëmmt, denken ech, och fir de postprimären Unterrecht.

D'Regierung huet sech op där anerer Säit och engagéiert, fir dee Moralunterrecht esou ze maachen, datt d'Formatioun an d'Qualifikatioun vun den Enseignantë sollt verbessert ginn. Ech hunn am Exposé des motifs och gelies, datt 2001-2002 eng spezifesch Formatioun ugefaange gëtt, mat Script a mat aneren Instituter. Ech hunn des Weidere gelies, dass d'Commission nationale des programmes eng ganz Rei nei Programmer ausgeschafft hätt, wat jo och wesentlech ass, fir d'Qualitéit vun deem Unterrecht ofzesécheren. Dat war e wéineg de geschichtlechen Deel.

Déi Diskussioun, déi mer heibanne féieren, respektiv den Inhalt vun där Diskussioun, ass eng Diskussioun, déi jo scho ganz oft a ganz vill Bewegung an d'politesch Landschaft bruecht huet. Dat war bei den Debatte vun 1912 de Fall. Dat war och bei der Aféierung vun der Morale laïque 1968 de Fall. Dat war och eng Diskussioun, mä déi ganz anescht gefouert ginn ass, viru véier Joer 1998, beim Ofschafe vun der Dispens am Primärschoulunterricht a bei de Konventiounen zwëschent dem Bistum an dem Stat fir de Reliounsunterricht.

Et si grouss Diskussioune gewiescht, haaptsächlech déi zwou éischt, wou ganz oft Ideologien, Passioune sech beweegt hunn. Dovunner lieft jo och zu engem Deel d'Demokratie. Haut stelle sech déi Froen deelweis nach ëmmer, d'Passiounen hu sech awer gréisstendeels oder méi geluegt, a mir kënnen haut an engem berouegte Kontext Désaccorden, déi nach bestinn, korrekt ausschwätzen, am Respekt vun deenen, ech géing soen, reliéisen a philosophesche Fräiheeten, déi jiddferengem Eenzelne seng sinn.

Dat ass an den achtzeger Joren effektiv ganz anescht ginn, well och de reliéisen an de philosophesche Pluralismus zur Selbstverständlechkeet ginn ass, den Antiklerikalismus manner hefteg ginn ass an d'Kierch vu kengem oder kaum méi als eng Gefor fir de Pluralismus betruecht gëtt, mä éischter als eng Institutioun, déi fir Oppenheet an Toleranz steet.

Ech wëll ee Prinzip hei ënnersträichen - elo kann ee mat deem d'accord sinn oder net - ech wëll soen, dass ech mengen, an d'CSV-Fraktioun mengt, datt d'Vermëttlung vu moraleschen, sozialen oder reliéise Wäerter an eisen An en onverzichtbare Bestanddeel vun der schoulescher Formatioun ass.

Dat gëtt zu engem Deel och, wat déi moralesch a sozial Wäertevermëttlung ugeet, wéineg a Fro gestallt. Ech denken, an enger Welt, wou awer den Individualismus an den Egoismus - a mir gesinn dat all Dag an den Noriichten - esou vill un Terrain gewënnt, ëmmer an ëmmer méi Iwwerhand kritt, ëmmer an ëmmer méi an dëser Welt eis Problemer stellt, wou d'Responsabilitéit an d'Solidaritéit, vu wiem och ëmmer, zur Raritéit gëtt, datt et wesentlech ass, datt mer déi humanistesch Wäerter, déi ëmmer méi a Fro gestallt ginn, als een Element vun der Éducatioun virgesinn a mer och wëlle se an d'Éducatioun aschreiwen a weiderginn. Fir mech ass dat absolut essentiel.

De Conseil d'Etat, deen ech schonn zitéiert hunn, wëll ech hei nach eng Kéier zitéieren, well e resüméiert ganz gutt déi Iddi. Et ass e wéineg méi eng laang Citatioun, mä ech wéilt se awer hei virliesen: „Le Conseil d'Etat partage entièrement le souci des auteurs du projet de loi concernant la nécessité d'un enseignement normatif ou à dimension éthique dans le cadre de l'enseignement secondaire et secondaire technique. Les normes et les valeurs fondamentales de notre société et de son fonctionnement démocratique, dans le respect et la tolérance

de tous ses acteurs, devraient de l'avis du Conseil d'Etat faire l'objet d'un enseignement à part et spécialisé, obligatoire pour tous les élèves.

En effet, dans un environnement en mutation rapide, marqué par une globalisation croissante, les jeunes doivent faire face à des défis nouveaux et se voient exposés à des désarrois profonds. En conséquence, il se recommande que la société leur offre des possibilités d'ancrage à un référentiel de valeurs reconnues, inspirées des principes de liberté, de respect, de justice et de partage.

Il s'y ajoute le fait que le développement contemporain de certaines sciences de pointe, en matière, par exemple, de biotechnologie ou des sciences de l'information, fait appel à de nouvelles considérations éthiques corollaires, si bien qu'un enseignement qui ne traite qu'en marge ces considérations, tout en restant centré sur la transmission des connaissances, est inapte pour remplir cette mission. 'Science sans conscience n'est que ruine de l'âme', affirmait François Rabelais au quinzième siècle déjà. Permettre donc aux jeunes de se soustraire à tout type d'enseignement qui met ces thèmes au centre de ses préoccupations ne peut ainsi constituer une solution digne d'un enseignement conscient de sa vocation fédératrice autour des valeurs mentionnées."

Dann als Konklusioun: „Le Conseil d'Etat constate que la solution préconisée par les auteurs du projet de loi offre à chaque élève la possibilité d'opter entre un cours de formation morale et un cours d'instruction religieuse et morale." Eng Rei Iwwerleeungen, déi ech wesentlech fannen.

Dann zur Fro vum Relioun sunterrecht en tant que tel an der Schoul, well jo och eng Diskussioun gefouert gëtt iwwer e Cours unique vu moraleschem Unterrecht. Och hei wëll ech kloer soen, datt ech denken, datt déi Méiglechkeet fir d'Kanner, ze wielen, fir en Unterrecht ze kréien, deen hirer Sensibilitéit an hirem Glawen entsprécht, an déi Offerte vu mindestens zwee Coursë sécherlech en Zeechen ass vun der Verankerung vun enger pluralistescher Gesellschaft, déi deenen eenzelne Sensibilitéite vun deenen engen a vun deenen anere Rechnung dréit.

Dat entsprécht och sécherlech enger grousser Demande vun enger grousser Zuel vu Familljen. D'Zuelen, wéi déi Coursën beluegt sinn, beweisen dat. Et ass och den Ausdrock vun engem neutrale Stat, deen dem Phenomeen Relioun Rechnung dréit a senge schouleschen Inhalter, engem Phenomeen, deen am Liewe vu ville Mënschen eng eminent Wichtegkeet huet, an ech denken, deen aus deem Grond och seng Plaz an der Schoul fënnt.

De véierte Punkt, deen ech wollt soen: Den Avis vum Conseil d'Etat seet och, datt aus pluralistesche Grënn d'Organisatioun vun anere Relioun scoursën wéi dee kathouleschen, also vu Reliounen, déi unerkannt sinn, och kéint examinéiert ginn. Ech wëll ganz kloer soen, datt ech a meng Fraktioun selbstverständlech prinzipiell och averstane sinn, a mir dee Pluralismus do och als eng Normalitéit emfannen. Nach muss ee kucken, wat d'Faisabilitéit ass, wat an der Realitéit mat där Demande, déi mer hunn, machbar ass, mä mam Prinzip hu mer evidenterweis kee Problem.

Et kann ee souguer soen, datt dat en Argument ass, fir den Unterrecht an der Schoul ze loossen, well e sech hei aus deem Grond an e prezise Kader eraschreift an dat a mengen An awer trotzdeem wichteg ass, well et evitéiert eis vläicht eng Rei Problemer.

Wichteg ass och, an dat ass en anert Element, wat an deem Avis vum Conseil d'Etat hei opgegraff ginn ass, d'Opmaachung vun de Programmen. De Conseil d'Etat schléit hei vir, datt am Text preziséiert soll ginn, datt d'Programmen net, wéi dat bis haut de Fall war, proposéiert ginn engersäits vum Chef de culte an op där anerer Säit vum Conseil des programmes fir de Moralunterrecht, mä proposéiert aus konstitutionelle Grënn, datt d'Responsabilitéit selbstverständlech eng Responsabilitéit vun der Regierung ass, also vun deene politesche Responsablen, an datt déi Programmer solle gemaach ginn sur avis vun där Kommissioun oder respektiv vum Chef de culte.

Ech fannen dat prinzipiell och richteg. Et sinn déi politesch Responsabel, déi musse Responsabilitéit kënnen droe vun deenen Inhalter, déi an der Schoul gemaach ginn. Ech fannen et och normal, datt et awer sur avis vun der Commission nationale, wéi bei allen anere Fächer gemaach gëtt, respektiv vum Chef de culte an dësem Fall, dee säin Avis evidenterweis awer dozou muss kënne bäidroen. Duerfir huet d'Kommissioun och, mam Accord vun der CSV, déi dote Propositioun vum Conseil d'Etat iwwerholl an an den Text agebaut.

Dee leschte Punkt, deen ech wollt ernimmen, dat war dee vum Koeffizient. Wéi mer wëssen, ass d'Aféierung vum Koeffizient 1 fir souwuel d'Formation morale et sociale wéi fir de Relioun sunterrecht eng Demande vun den Enseignantë vun der Formation morale, quitte dass dat heiansdo anescht duergestallt gëtt, quitte dass et och heiansdo anescht verstane gëtt. Et ass och grad esou evident, datt d'Enseignantë vun der Relioun och op deen Zuch gespronge sinn an och déi Meenung mat deelen.

Ech fannen et richteg, datt dee Koeffizient 1 fir de Relioun sunterrecht agefouert gëtt, well all Fach an der Schoul seng Wichtegkeet huet an all Fach soll am ganzen Evaluatiounssystem seng Plaz fannen. Dat schéngt mer logesch a richteg ze sinn.

Et ass och grad esou kloer, datt een net soll kënne wéinst dem Relioun sunterrecht duerchfalen, wéi een et schonn oft konnt an Zeitunge liesen. Dat ass hei net de Fall. Et kann een net wéinst dem Relioun sunterrecht duerchfalen. De Koeffizient 1 heescht leedeglech nëmmen, dass

d'Relioun als Fach an der Moyenne générale matgezielt gëtt an dofir kann eng Roll spillen, wat d'Kompensatioun ugeet, net méi an net manner. Och dat sief nach eng Kéier kloer gesot.

De Conseil d'Etat war net der Meenung, datt een dee Koeffizient soll aféieren, deen d'ailleurs net hei Objet vum Gesetzestext en tant que tel ass. Mä nach war de Conseil net där Meenung, well e seet, datt d'Valeur an d'Wichtegkeet vun engem Fach net u sengem Koeffizient gemooss gëtt. Si gëtt un anere Saache gemooss. Si gëtt un der Qualitéit vun de Programmer gemooss. Dat ass richteg. Si gëtt un der Formatioun vun den Enseignante gemooss. Och dat ass richteg. Si gëtt um Niveau vum Enseignement gemooss. Och dat ass richteg.

Dat, wat de Conseil d'Etat hei als Facteuren nennt, déi d'Valeur vun engem Fach ausmaachen, kann ech nëmmen 100%eg deelen. Dat heescht awer net, datt de Koeffizient kee Facteur dovunner wär. De Conseil d'Etat seet just, de Koeffizient ass e „facteur de moindre valeur", an dofir misst een et net onbedéngt maachen.

Ech soen, déi aner Facteure si vläicht mindestens grad esou wichteg, mä de Koeffizient ass och e Facteur, een ënner aneren. Et ass sécher net deen Eenzegen, et ass sécher net dee Wichtegsten, mä et ass ee Facteur ënner aneren, deen awer zur Valeur vu sengem Fach bäidréit, an dofir fannen ech et richteg, datt en an deen Text ageschriwwe gëtt an datt d'Educatiounsministesch wëlles huet, dat an d'Promotiounskritären anzeschreiwen.

Aus all deene Grënn ginn ech selbstverständlech den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Text an ech soen lech villmools merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Jos Scheuer agedroen. Den Här Scheuer huet d'Wuert.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt als Virspan dat hei soen: Mir stëmmen haut e Gesetz, dat zwee Voleten huet. Deen éischte Volet ass deen, deen ech als reng technesch bezeechnen. Mir schafen zwou Orientéierungen of, eng literaresch Orientéierung an eng sou genannt wëssenschaftlech Orientéierung, am Cycle supérieur vum Lycée de cycle moyen.

Mir erweideren de Cycle supérieur op dräi Joer a mir schafen eng Quatrième polyvalente. Dat sinn technesch Änneruungen.

An dann hu mer zweetens an deem Gesetz e weltanschauleche Volet, e gesellschaftspolitesche Volet, ech géif soen, e philosophesche Volet. Ech wëll et wierklech op deen Niveau erophiewen an net erofhiewen, wéi meng Virriedner dat gemaach hunn. Hei geet et ëm d'Relatioun tëschent der Schoul an der Relioun. Et geet ëm d'Relatioun tëschent der Gesellschaft an dem Reliounswiese schlechthin.

Ech behaapten, datt et kee gudde parlamentaresche Stil ass a wahrscheinlech och kee gudde politesche Stil, fir déi Kombinatioun vun deenen zwee esou elementar verschiddenen Elementer an engem eenzege Gesetz hei an der Chamber duerchzezéien. Et ass eng Kombinatioun, déi der Brisanz vun deem ganze Sujet net ugepasst ass.

Dann zum éischte Volet vum Gesetz, nämlech zur Reform vum Cycle supérieur. Mir kommen zréck op e Stadium, wou mer schonn eng Kéier waren. Mir haten an de 60er Jore bis an d'70er Joren eng Opglidderung vum Lycée an e Cycle inférieur an e Cycle supérieur.

Bis op Quatrième war een an deem Cycle inférieur an dann ass de Passageexamen gemaach ginn an dann ass d'Spezialisatioun ugaangen, souwuel fir d'Latäinsektioun, wéi och fir dee modernen Enseignement mat deenen zwou Ausrichtungen, déi en deemools hat.

Duerno ass eng Réorganisatioun komm, déi mer kennen, an elo komme mer zréck zum ale System. D'Quatrième gëtt eng Iwwergangsklass an da kommen dräi Joer Spezialisatioun dobäi.

Ech si frou driwwer, dass mer schonn, wéi mer de Projet de loi diskutéiert hunn, eng Grille horaire haten, datt an där Grille horaire d'Stonnenzuel vun den eenzelne Fächer opgelëscht ass, datt mir domadder och wësse wéi d'Gewiichtung vun deene Fächer ass, andeem nämlech d'Koeffizienten opgezielt sinn. Mir hunn och d'Deklaratioun vun der Mme Minister, datt d'Programmer solle reforméiert ginn. Dat ass gutt esou, dat ass luewenswäert.

Deem viraus gaange si laang Diskussiounen a Konferenzen, a jiddfer Fach huet - an d'Mme Minister wäert dat bestätegen - jalousement opgepasst, datt den Ensembel vun de Stonnen, déi deem engen oder anere Fach zoustinn, bleift, an datt dee Package stëmmt.

Ech wëll nees eppes opwerfe wat ech schonn e puermol hei gesot hunn, nämlech de Sënn an den Zweck vun de Programmkommissiounen. Et geet net nëmmen drëm, datt d'Stonnenzuel an därselwechter Balance bleift, wéi se virdru war, mä datt och iwwer Inhalter diskutéiert gëtt, Mme Minister, an dës fundamental Diskussioun ass bei eis net an der Kommissioun gefouert ginn. Mir hunn den Androck, datt Dir d'Programmer net à disposition stellt, datt Der probéiert, zwar d'Programmkommissioun e bësse méi administrativ ze straffen, mä datt d'Programmer net vun de Forces vives de la Nation, wéi dat ëmmer esou geheescht huet, diskutéiert ginn.

Déi Diskussioun wollte mer bei der PISA-Etüd féieren. Et ass net dozou komm, an elo reforméiere mer de Cycle supérieur a mir hu se nach ëmmer net gefouert.

Ech wollt lech just drun erënneren, wat deemools gesot ginn ass an och bestätegt ginn ass vun de Gewerkschaften. Et besteet d'Méiglechkeet, fir déi grouss Diskussioun iwwert d'Inhalter vun deem, wat geléiert gëtt, virun d'Programmkommissioun ze schalten a Form vun

Diskussiounsronnen, wou een dann de Spektrum vun alle Leit, déi un der Schoul interesséiert sinn, zu Wuert komme léisst, ier dann d'Programmkommissiounen Décisiounen huelen. Oder awer et erweidert een hir Kompositioun, an da ginn déi Programmkommissioune méi grouss gemaach, wéi dat virdrun de Fall war.

Déi Diskussioun hu mer net gefouert. Ech bedaueren dat. Meng perséinlech Tendenz geet zur éischter Versioun, nämlech zum Virschalte vun engem Gremium, deen d'Programmkommissiounen am Fong guidéiere soll.

E Wuert zur Sektioun G. Ass dat eng nei Sektioun? Si ersetzt d'A2, eng A2, déi hiren Zweck net erfëllt huet, eng A2, déi duerchweegs gewielt ginn ass par élimination vun anere Sektiounen. Mir sinn der Meenung, datt de Programm vun där Sektioun G ganz kloer definéiert muss ginn, datt en no Schwéierpunkten definéiert muss ginn. Mir hu jo vun engem soziale Volet geschwat a vun Droit. Et kënnt een do éischter soen, mir sollten d'Institutioune méi studéiere wéi op anere Sektiounen, mä et kann net esou sinn, datt déi Sektioun do exklusiv op bestëmmt sozial Beruffer virbereet oder op de Beruff vum Affekot. Dat ass net méiglech. Dat ass och géint d'Wiese vum Enseignement classique a vum Enseignement secondaire.

Ech hat och d'Fro opgeworf nom Wäert vun de Sproochen. Ganz oft ginn och Sektioune gewielt a Funktioun vum Stellewäert a vun der Bewäertung vun de Sproochen. Hei op der Sektioun G ginn déi dräi Sproochen nach mat weidergeholl. Ech soen net, mat weidergeschleeft. Et ass a mengen Aen diskutabel, ob een déi dräi Sprooche mat bis op Première duerchzéie muss. Ech hätt éischter gesot, kommt mir ginn d'Méiglechkeet, eng falen ze loossen no der Deuxième.

Hei stellt sech dann d'Fro nom Prinzip vun der Differenzéierung vun de Sektiounen ënnereneen. Ech perséinlech schwanken tëschent enger Optioun fir eng staark Differenzéierung, an op där anerer Säit gesinn ech awer d'Noutwendegkeet an, fir Passerellë bäizebehalen, déi jo och an deem Règlement grand-ducal wierklech in extenso beschriwwe ginn. D'Konditiounen, ënnert deenen ee vun enger Klass op déi aner wiessele kann, si ganz kloer definéiert. Déi Passerellë mussen nach ganz large sinn op der Klass vun der Troisième.

Ech wëll elo net gehässeg ginn a soen, et huet sech wéineg geännert um Niveau vun der Troisième par rapport zu deem, wéi et virdru war, mä Fait ass, dass wann een d'Grille horaire kuckt, just e puer Schwéierpunkten op all Sektioun gesat ginn, an déi Schwéierpunkte loosse sech liicht rattrapéiere mat enger e bësse seriöser Vakanzaarbecht, esou dass dee Cycle supérieur schonn nach méi polyvalent ass um Niveau vun der Troisième, wéi mer dat esou heibannen duerstellen an den Elèvë wëlle gleewen dinn.

Mir wëllen, datt déi Sektioun G net par la négative definéiert gëtt. Een, deen net frou ass mat Mathematik, geet dohinner. Een, dee manner gutt an de Sproochen ass, geet dohinner. Dee Choix soll net par exclusion vun där enger oder anerer gemaach ginn, mä et muss e positive Choix sinn an dee positive Choix gëllt fir all Sektiounen, déi mer am Lycée ubidden, e positive Choix, wou een d'Sektioun packt mam selwechte Fläiss, mam selwechten Engagement vun den Elèven a vun de Professeren.

Dat zur Sektioun G an allgemeng zu der Philosophie vun deem Cycle supérieur.

E Wuert dann zum Premièresexamen. Ech kommen net derlaanscht, fir hei och doriwwer ze schwätzen. Mir hate viru kuerzem d'Diskussioun iwwert de Baccalauréat international. Fir de Premièresexamen, Abitur, Bac gëtt et och nach dee berühmten Term „Matura“, an et gëtt och nach den Term „allgemeine Hochschulreife“. Dat alles sinn héichtrabend Wierder, déi bestëmmt och net onbedéngt der Wourecht entspriechen. Den Här Wiseler huet e bëssen ironesch zitéiert aus dem Avis vum Statsrot.

(Interruption)

Ech hunn et esou interprétéiert. Dir hutt och dobäi gelaacht. Et war e bëssen humoristesch. Sidd Der domat d'accord, Här Wiseler? Dir hutt déi éischt Wierder net esou eescht geholl, wéi se do geschriwwe gi sinn. Vläicht ware se och net esou gemengt.

Et kënnt effektiv vir an et ass méiglech, datt ee vun der Section A Medezin mécht an dee vun der Section C Sproocheprofesser gëtt an dee vun der Section B am ganze Beräich vum Héichschoulstudium da säi Choix trefft.

Dat heescht, zu Lëtzebuerg ass d'Differenz tëschent deenen eenzelne Sektiounen net esou grouss, wéi mer dat mengen. An iwwert d'Vakanzaarbecht ass, wéi gesot, de Wiessel machbar, a munchmol net nëmmen um Niveau vun der Troisième, mä munchmol och nach um Niveau vun der Deuxième, mä da gëtt et scho schwiereg.

An ech wollt hei d'Fro stellen - elo geet d'Mme Minister eraus - nom Stellewäert vun der Orientation scolaire an deem neie System. Wann dee System permeabel soll bleiwen a soll sinn, da muss de Passage méiglech sinn an da muss och an deem dote Spill de Service de Psychologie et d'Orientation scolaire en neie Stellewäert kréien.

Ech wollt d'Mme Minister froen, wéi et ass mam Gesetz iwwert d'Réorganisatioun vum Service de Psychologie et d'Orientation scolaire. Wichteg Instrumenter si fir d'Orientéierung vun den Elèven hei ze maachen.

Déi Permeabilitéit ass eminent wichteg, well soss geet d'Spezifissitéit vum Enseignement classique verluer a mir hu jo e Secondaire technique, wou een ebe méi beruffsorientéiert schafft, wéi dat am Lycée classique de Fall ass.

Als drëtt e Wuert zu den Optiounen. Am Rapport vun der Mme Durdu steet oder ass et am Exposé des motifs, datt déi Optiounen net hiren Zweck als Orientéierungshëllef erfëllt hunn oder als Mëttel, fir bestëmmt Fächer ze verdéiwen. Dat huet menger Meenung no eng déiwer Ursaach. Déi Optioune gi vu villen Elèven, wa se obligatoresch sinn, als lästeg emfonnt, well se quasi niewent der Schoul lafen, a well se sech grefféieren op e Programm, deen net nëmme chargéiert ass, mä surchargéiert ass.

Dat ass a mengen An d'Haaptursaach, firwat déi Optiounen hir Funktioun net erfëllen. Ech bedaueren dat. Ech stellen dat awer einfach hei emol fest. Et sollt een et och a Programm-Considératioune mat iwwerhuelen.

Zu deem technesche Volet, Mme Minister, nach eng Uregung. Mir hu keng Diskussioun gefouert iwwert de Wäert oder d'Bewäertung vum Cycle supérieur a vum Premières-Examen. Or, wa mer op d'PISA-Etüd zréckkommen, da stellt Der fest, dass mir ganz schlecht ofgeschnidden hunn um Niveau vun de Fofzéng- a Siechzéngjähregen, dat heescht um Niveau vun deenen, déi op Cinquième, respektiv op Quatrième sinn. Mir sollten eis awer d'Fro stellen: Wéi stinn dann eis Elèvë par rapport zu den auslännesche Studenten am Cycle supérieur vum Secondaire classique? Wat ass de Wäert vun eisem Bac?

Ech erënnere mech do un Diskussiounen, déi och hei vun den Enseignanten a virun allem vun der APESS gefouert gi sinn, déi ganz kloer gesot hunn: „Wa mer de Courage hätten, fir deeselwechten Test um Niveau vun de Premièren ze maachen, da géifen eis Elèven op d'mannst esou gutt, wann net besser ofschneide wéi déi Studenten aus dem Ausland."

Dat ass en Défi, Mme Minister. Sidd der bereet fir deen Défi anzegoen a fir domadder de Lëtzebuerger Enseignement an den Enseignement secondaire nees an dat richtegt Liicht international an och national ze réckelen?

De Wäert vun dëser Reform steet a fält mat der Orientatioun, déi d'Quatrième polyvalente kritt: D'Quatrième polyvalente als Classe de consolidation. Wat heescht Consolidation? Wéi ginn déi dräi Jore virdru consolidéiert? Wat gëtt genau geléiert? Ech mengen, datt och hei um Niveau vun de Programmen nach vill ze maachen ass.

Dann den zweete Volet, de philosopheschen, de weltanschauleche Volet vun dësem Gesetz. Deen ass erofgespillt gi vun der Mme Rapportrice, erofgespillt ginn och vum Här Wiseler, an iwwert dee Volet wäert mäi Kolleeg Jean Asselborn schwätzen an och iwwert den Avis vum Conseil d'Etat. Ech soen awer e puer Remarquen zum Stellewäert an der Bewäertung vun der Relioun an eisem Schoulsystem.

D'LSAP huet ëmmer d'Meenung an d'Iddi vertrueden, datt ee Cours, een eenzege Cours de morale oder d'éducation morale et sociale obligatoresch an op allen Niveaue vun eisem Schoulsystem soll agefouert ginn. Ech betounen ee Cours, een eenzege Cours, an zwar e Cours, an deem d'Grondwäerter...

(Interruption)

...vun eisem demokratesche Statswiesen, d'Grondwäerter, déi d'Zesummeliewen an enger ziviliséierter fräier Gesellschaft erméiglechen, d'Grondrechter vun all mënschlechem Individuum an d'Grondrechter och vun alle Gruppéierunge sollen duergeluegt an och geléiert ginn.

Ech betounen „geléiert ginn". Dat soll en Element vun der Erzéiung an eisem Lëtzebuerger Schoulsystem sinn. Als Basis vun deenen dote Wäerter zielt natierlech d'Déclaration des Droits de l'Homme. An als Korrelat zu de Rechter vun dem Eenzelnen a vun der Gesellschaft muss dann natierlech och de Spektrum vun de Flichte vun deem Eenzelnen a vun der Gesellschaft dobäikommen.

Mir begréissen all Efforten, déi am Laf vun de leschte Jore gemaach gi sinn, fir d'Contenuen an och d'Methodologie am Cours d'instruction morale et sociale ze definéieren, fir ze verbesseren a respektiv esou eréischt ze entwéckelen. Mir begréissen och, datt eng Formation continue fir d'Enseignanten ugebuede gëtt. Dat war eng laangjähreg Fuerderung vun eiser Partei a vu villen anere Gremien.

Mir sinn der Meenung, datt déi Efforten net ofgeschloss sinn an net kënnen ofgeschloss sinn. Dat doten ass e Cours, dee muss sech permanent nei definéieren an adaptéieren un d'Besoine vun eiser Gesellschaft, déi sech vun Dag zu Dag nei stellen. Dat huet de Statsrot och gesot a meng Virriedner hunn dat och betount. Fir datt déi Formatioun nach méi considéréiert gëtt vum Lëtzebuerger Stat bréngen ech eng Motioun an.

Déi Motioun fuerdert éischtens, datt regelméisseg där Cours de formation ofgehale ginn, an datt virun allem awer och, an elo kuerzfristeg, déi Enseignanten, déi an esou engem Cours fir d'Joer 2000/2001 ageschriwwe waren, och nach elo kënne weiderfuere mat där Formatioun, déi se mat Succès a mat Engagement an deene leschte Jore suivéiert hunn, mä déi anscheinend op administrativ Schwieregkeete stoussen, fir kënne weiderzefuere mat där Formatioun.

Motion 1

La Chambre des Députés

– *considérant que l'école publique se doit d'assurer une formation morale et sociale de qualité à tous les élèves;*

– *persuadée qu'un enseignement de qualité ne peut se faire que si les enseignants ont la possibilité de suivre des formations initiales et continues;*

– *constatant que les enseignants du cours de formation morale et sociale ont suivi avec assiduité et enthousiasme une telle formation continue portant sur 120 heures pendant l'année scolaire de 2001/2002;*

– *se félicitant qu'un suivi à cette formation de 120 heures soit offert à ces enseignants pendant l'année scolaire 2002/2003;*

– *s'étonnant du fait que les enseignants des cours de formation morale et sociale se sont vu refuser la permission de poursuivre cette formation continue par les services du Ministère de l'Education nationale avec l'argument formaliste que tout enseignant n'a droit* qu'à 40 heures de formation continue par an;

– *soucieuse de garantir aux élèves de l'école publique la meilleure formation morale et sociale possible;*

invite le Gouvernement

– *à permettre aux enseignants du cours de formation morale et sociale en question de poursuivre en 2002/2003 la formation continue entamée pendant l'année scolaire courante;*

– *à organiser régulièrement des cours de formation continue pour tous les enseignants concernés.*

(s.) Jos Scheuer, Jean Asselborn, Ben Fayot, Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err, Marc Zanussi.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.*- Déi Motioun berout op engem Malentendu, well et ass kee Problem, dass se virufuere mat der Formatioun.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Voilà, domat kënnt déi Motioun jo dann ugeholl ginn. Et wär awer gutt, wann Der d'Detailer ...

(Interruptions)

Jo, dat ass positiv.

D'Mme Brasseur huet d'Talent, fir ze anticipéieren.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Wa gesot gëtt: administrativ Schwieregkeeten, et si keng do.

Une voix.- Léiwer Dir wéi ech.

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Neen, d'Mme Minister ass och Sportsminister, an am Sport muss een anticipéiere kënnen.

Zweetens, kuerz d'Bewäertung vun Aarbechten an der Schoul an domat zu Promotiounscritèren an zu Koeffiziente fir d'Relioun.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Schoul deelt Zensuren aus. D'Schoul bewäert Leeschtunge vun Elèven, an eng vun de schwéierste Missioune vun der Schoul a vun den Enseignantë besteet eben doranner, fir Leeschtungen ze cotéieren, fir Punkten ze setzen op eng Leeschtung, déi en Elève bréngt. D'Schoul ass a bleift normativ. A wa se net normativ ass, da si mer ganz schnell am Aléatoiren dran, an enger Scheinbewäertung.

Normen erginn awer nëmmen e Sënn, wa se objektiv sinn. Norme sinn awer nëmmen objektiv, wa se kontrolléiert kënne ginn. Da stellen ech d'Fro: Sinn déi Normen, déi ugeluegt ginn an der Education religieuse et morale - woubäi ech mer d'Fro stellen, wat deen Terme „morale" soll an deem dote Konzept - contrôlabel? Si se objektiv? Si se moossbar?

D'Norme vun enger Relioun kënnen a mengen An net objektiv sinn. Dat läit an der Essenz vun der Relioun. Déi lescht Wourecht vun enger Relioun ass ëmmer eng Glawenswourecht. A wann eng Relioun dorop verzicht, da gëtt se austauschbar. A wann e Reliounsunterrecht dorop verzicht, da gëtt de Wäert austauschbar, da kann een dee Cours ersetzen duerch e Cours d'éducation morale et sociale. Lerninhalter, déi net méi objektiv nozepréife sinn, kënnen nämlech an anere Coursë vermëttelt ginn, zum Beispill an deem Cours, deen ech genannt hunn, zum Beispill an der Geschicht, zum Beispill an der Literatur, zum Beispill am Sozialcours a sou weider.

Eng Schoul kann dach keng Punkte ginn op der Gesënnung vun den Elèven. Dat ass fundamental philosophesch falsch. Dat ass meng perséinlech Meenung dozou. Dat heescht kengesfalls, datt den Unterrecht dofir muss wäertneutral sinn, den Unterrecht dierf net wäertneutral sinn, virun allem deen net vum Cours d'instruction morale et sociale. Déi Wäerter, déi vermëttelt musse ginn, si jo definéiert a villen Texter. Et sinn d'Bausteng vun eiser Gesellschaft. Et sinn d'Bausteng, op deenen d'Zesummeliewe vu Persounen a Gruppen opgebaut gëtt.

Si zéie sech duerch all Curricula am ganze Schoulwiesen. Et sinn humanistesch Wäerter, et sinn och chrëschtlech Wäerter, et si politesch Wäerter. A Saache Glawensfroe kann een net zéng Punkten oder ee Punkt oder sechzeg Punkten drop setzen. A wann een eenzel Coursën a Konkurrenz matenee setzt, Coursen, déi ziele fir d'Promotioun, da ginn d'Elèven an dee Cours, wou se am meeschte Punkte kréien an dat wierkt sech alt nees aus op d'Qualitéit vun deenen anere Coursen.

D'öffentlech Schoul huet d'Aufgab, fir de Spektrum vun den Informatiounen a vun den Duerstellungen esou breet wéi méiglech an esou onparteiesch wéi méiglech ze halen, sou wäit wéi dat fir d'Enseignantë méiglech ass. An eis Gesellschaft - dat ass jo och gesot ginn - gëtt an ass ëmmer méi, wéi jee, multikulturell. Si ass och multireliéis.

Si ass net a-reliéis a mengen An, éischter eklektizistesch, a wann an deem doten Ordre d'idées dann d'islamesch Communautéit eng Kéier kënnt, an d'Demande mécht, fir als konventionéiert Reliounsgemeinschaft unerkannt ze ginn, da stellt sech natierlech d'Fro och, fir de Studium vum Islam eranzehuelen an de Lëtzebuerger Schoulsystem. Dann ass et och selbstverständlech, datt mir an deem Ordre d'idées, wou mer soen, d'Relioun gehéiert net als Promotiounsfach an de Lëtzebuerger Schoulsystem, datt mir dann och dergéint sinn, datt eng aner Relioun an den Horaire agebaut gëtt. Mir sinn a bleiwe fir de Cours unique.

Dir Dammen an Dir Hären, et kënnt een elo nach vill schwätzen iwwert de Règlement de discipline, deen, wann en applizéiert géif ginn, munches géif iwwerflëssig maachen, wat mer iwwert dat heite Gesetz wëllen erreechen. Wann ee wëllt Disziplin a senger Schoul halen, wann ee wëllt d'Elèven dozou féieren, fir ze léiere

sech anstänneg ze behuelen, da muss een net iwwer eng Pseudocotatioun fueren. Et gëtt aner Mëttelen, fir dat ze maachen: iwwer Lerninhalter, iwwer Methoden, a wann et guer net geet, huet een och aner Moyenen, fir dat ze maachen.

Ech soen lech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Xavier Bettel agedroen. Den Här Bettel huet d'Wuert.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als alleréischt wëll ech der Presidentin vun der Educatiounskommissioun a menger Fraktiounskolleegin, dem Agny Durdu, merci soe fir en excellente schréftlechen a mëndleche Rapport iwwert e wichtegt Gesetz: d'Reform vun der Division supérieure am Enseignement secondaire.

E Projet, deen an deene vergaangene Méint fir vill an engagéiert Diskussioune gesuergt huet. Diskussiounen, déi selbstverständlech däitlech ënner Beweis stellen, datt d'Bildung ee Sujet ass a bleift, wou mat vill Engagement an Argumentatioun diskutéiert gëtt.

Mam Resultat, datt mir haut e Projet de loi virleien hunn, deen eng grondlegend Moderniséierung an Upassung vun onse Schoulstrukturen a -programmer reflektéiert.

Sënn an Zweck vun dësem Projet ass et, der Division supérieure déi noutwendeg Orientatiounen ze ginn, där dat virecht Gesetz vun 1989 net gerecht konnt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Subdivisioun vun der Division supérieure, esou wéi mer se haut kennen, besteet aus engem Cycle polyvalent - vun der IVe bis zur IIIe - an engem Cycle de spécialisation - vun der IIe bis zur Ire. Zousätzlech Optiounscoursen am Cycle polyvalent sollten d'Schüler mat deene Matièrë familiariséieren, op deene spéiderhin am Cycle de spécialisation den Haaptakzent läit.

Allerdéngs huet d'Erfahrung vun deene vergaangenen zéng Joer däitlech ervirgestrach, datt dës Zilsetzung net konnt erreechtginn. Déi zousätzlech Orientation littéraire an Orientation scientifique am Cycle polyvalent hu mat sech bruecht, datt déi ganz Division supérieure am Secondaire finalement op enger relativ komplexer Struktur baséiert. Eng Struktur, déi an hiren Ufanksstonne vläicht villverspriechend wor, mä leider nëmme médioker Resultater spéiderhin ervirbrénge konnt.

An der Virbereedung vu menger Interventioun hunn ech mech dann emol sachkundeg gemaach an nogelies, wéi dat deemools, 1989, wor, wou dat virecht Gesetz iwwert d'Division supérieure am Secondaire gestëmmt gouf.

Dobäi hunn ech mat groussem Erstaune misse feststellen, datt d'Kriticken, déi d'Chamber zu dësem Gesetz deemools geäussert huet, zu engem groussen Deel haut d'Reform vun dësem Gesetz rechtfertegen an och verlaangen.

Ech ginn lech e puer Beispiller, déi deemools ënner anerem den DP-Deputéierte René Hubsch a senger Ried ervirgehuewen huet: 1989 gouf zum Beispill vum Comité des Professeurs vum Lycée Classique Diekirch virgeschloen, fir d'Division supérieure net an zwee mol zwee Joer anzedeelen, mat enger Spécialisatioun vun nëmmen zwee Joer, mä fir aus der IVe eng Classe de transition ze maachen, eng Orientéierungsklass. Déi rechtlech dräi Joer sollten deemno därer Spezialisatioun déngen, fir déi sech d'Schüler op der IVe entscheet hunn.

D'DP huet et deemools scho schued fonnt, datt net méi ausféierlech iwwert dës Propositioune konnt diskutéiert ginn, well si dës Opdeelung vun der Division supérieure ganz interessant an och berechtegt fonnt huet. Ëmsou méi frou si mir natierlech haut, datt de Projet de loi 4894 genau dës Andeelunge vum Secondaire elo wäert ëmsetzen. Meng Fraktioun ass iwwerzeegt, datt eng dräijähreg Spezialisatioun eis Schüler sécherlech optimal op hiert spéidert Studium, dat heescht de Sprong an d'Héichschoul, wäert virbereeden.

Här President, an den Debatte vun '89 gouf awer och ganz vill iwwert déi deemoleg nei ageféierte Sektioun A2 diskutéiert. Elteren a Professeren hu contestéiert, dës Sektioun kéint e Sammelsurium si vun de Programmer aus der fréierer A- an D-Sektioun.

An tatsächlech huet sech am Laf vun de Joren erausgestallt, dass d'A2 kengesweegs zur Zefriddenheet weder vun de Schüler nach vun de Professere gefouert huet. Hire Programm gouf net ganz kloer definéiert, fir eng wäertvoll eegestänneg Sektioun ze ginn.

De Projet vun haut huet dofir de Mérite, datt d'Sektiounen an eise Lycéeën nei organiséiert a komplettéiert ginn. Mir kréien net nëmmen eng ganz nei Sektioun G, wou de Schwéierpunkt haaptsächlech op de Sciences humaines, sociales an dem Droit berout. Mä och d'B-Sektioun, déi traditionell Mathessektioun genannt gëtt, kritt eng zousätzlech Branche, an zwar d'Initiatioun op Algorithme vum Langage informatique. Dës nei Branche wäert deene Schüler, déi sech fir de Studium an dësem Beräich entscheeden, eng wäertvoll Basis ginn.

Als DP hu mir och an onsem Wahlprogramm drop higewisen, datt Trompen wéi „Vielsprachigkeit, Allgemeinbildung, gute Vorbereitung auf handwerkliche Berufe, hochqualifizierte Hochschulabgänger in ausreichender Zahl (…) etc." onbedéngt nees de Wee an d'Schoul fannen. Fuerderungen also, déi keen ons wäert streideg maachen.

An deem Sënn géing ech also mengen, datt déi heiteg Reform vun der Division supérieure am Secondaire zur vollster Zefriddenheet vun der sozialistescher Partei bäidréit. Well wa mir mat dësem Projet, duerch d'Iwwerschaffe vun de Sektioune samt hire Programmer a Fächer an déi dräi Joer Spezialisatioun, eppes erreechen, dann ass et d'Adaptatioun vum Schoulwiesen u Besoinen a

Fuerderungen esouwuel vum Héichschoul- wéi och vum Aarbechtswelt-Ëmfeld.

Här President, et ginn hei eng ganz Rei Statistiken, déi ons als DP wäertvoll Déngschter geleescht hu fir d'Bildungsoffensiv vun haut auszeschaffen. Wann haut ëmmerhin zum Beispill iwwer 12% vun de Schüler op Ire hiren Diplôme de fin d'études secondaire net kréien, dann ass dat een däitlecht Zeechen, dass eppes un eisem Schoulsystem falsch leeft. A wann de Prozentsaz vun net lëtzebuergesche Kanner am Secondaire classique mol keng 5% erreecht, da läit net nëmmen d'Noutwendegkeet vun enger Reform am Secondaire op der Hand, mä och déi, déi den Enseignement primaire betrëfft, muss ëmgesat ginn.

Här President, mir als Demokratesch Partei, déi an hirem Wahlprogramm gesot hunn - an ech widderhuelen et -: „Unsere Schulpolitik wird sich an folgenden Leitlinien orientieren:

- bessere Integration aller in Luxemburg Lernenden;
- grundlegende Modernisierung unserer Schulprogramme und -strukturen;"

an endlech

„- in die wirkliche Gesellschaft (Familie, Betriebe) integrierte Schulwelt."

Mir kënne mat grousser Zefriddenheet feststellen, datt d'Schoulpolitik vun der Educatiounsministesch dëse Fuerderunge gerecht gëtt.

Wa mir vun Integratioun schwätzen, dann heescht dat, datt schonns an der Primärschoul d'Fundament fir dës Integratioun geluegt gëtt.

(Interruptions)

All eis Schüler sollen d'Chance hunn, e Schoulsystem ze suivéieren, dee sech duerch Qualitéit a Leeschtungsbereetschaft auszeechent. Dëst Objektiv kënne mir awer nëmmen erreechen, wa mir d'Mängel berücksichtegen an da mat deenen néidege Moossnamen effektiv behiewen. Pädagogesch Projete wéi den Team-teaching an d'Aféierung vun de Cycles d'apprentissage ginn de Besoinen a Kompetenze vun eise Schüler gerecht, onofhängeg vun hirem soziale Background. Déi wuessend Hétérogénéitéit vun de Klasse gëtt op dës Manéier respektéiert, an d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch als Integratiounsmoossnam ënnerstëtzt dës Zilsetzung.

Dës a weider Moossname sinn d'Viraussetzung, fir spéiderhin am Postprimaire Fouss bei Mol ze halen. Si si mat de Garant, fir datt all eis Schüler hir schoulesch Carrière mat Erfolleg kënnen ofschléissen.

Och hei handelt et sech ëm Proposen, déi déi d'DP schonns an hirem Wahlprogramm gemaach huet: „Differenzierte Lernzyklen insbesondere im Untergrad der Primärschulen, und an den Rhythmus der Kinder angepasste Lerngruppen sollen eingeführt werden."

Här President, wann een all dës nei Moossname kuckt, fannen ech et ëmsou méi luewenswäert, datt an der leschter Zäit wéi kaum virdrun esou vill iwwert d'Bildungspolitik geschwat gouf. An deem Sënn freet et mech natierlech besonnesch, datt eng Partei wéi d'LSAP sech no méi wéi 15 Joer endlech och zu Wuert mellt, net just well si e schlecht Gewëssen huet, datt si virdrun alles matgedroen huet, mä och well si elektoral Gewënn aus der Schoul wollten a wëlle schloen.

Dobäi huet den Här Fayot jo grad an den Debatten zu der Reform vun der Division supérieure am Secondaire 1989 betount, datt si als „Sozialisten" - dat wëll ech ganz kloer soen - am Schoulwiesen ëmmer gären a positiv matgeschafft hunn, wa vun deem zoustännege Ministère interessant Ureegunge komm sinn. Dat gëllt esouwuel fir dëst Gesetz wéi fir aner Gesetzer, déi an de vergaangene Jore komm sinn."

Abee, ech fannen dëst eng besonnesch interessant Ausso vum Här Fayot, wann ee jo awer bedenkt, mat wéi enger Vehemenz sech d'LSAP haut fir d'Bildungspolitik staark mécht.

Allerdéngs, an dat mécht mech nodenklech, schéngt dësen Engagement eréischt esou richteg zënter dem schlechte Resultat vun der PISA-Etüd zur Geltung ze kommen. Virdru war nämlech alles in Butter bei de Sozialisten.

Schliesslech huet den Här Fayot jo nach '89 am Kader vum virechte Gesetz iwwert de Secondaire gemengt „déi Lamentatiounen net ze deelen, déi een heiansdo haut héiert, dass d'Kanner keng Sprooch méi géife beherrschen. (…) Ech hunn ëmmer constatéiert" - sou den Här Fayot - „dass ons Kanner an onser Schoul, an onsem Secondaire, d'Sprooch gutt beherrscht hunn. Déiselwecht Lamentatioune kann ee siche goen an déi viregt Jorhonnerten, am 19. Jorhonnert huet een se schonns fonnt, sou dass ech deenen also net ze vill Wichtegkeet géif bäimoossen."

Da froen ech mech awer, wéi mir eis bei deem gudde Sproochegebrauch an der Sproochemaîtrise kënnen erklären, datt laut de Statistiken aus de Jore '65 a '96 d'Moyennen am Opnahmexamen am Däitschen an am Franséische knapp - wann iwwerhaapt - bei 30 louchen. Dës Entwécklung ka jo wuel kaum vun engem Joer op dat anert stattfonnt hunn.

Da froen ech mech och, wéi déi Resultater bei PISA zustane komm sinn. PISA huet also de Sozialisten d'Aen endlech opgemaach.

Ëmsou méi berouegt sinn ech duerfir, datt ons Educatiounsministesch hei bedeitend méi Fangerspëtzegefill a Wäitsiicht beweist. Dat allerdéngs net eréischt säit der PISA-Etüd, well déi meescht Schoulreforme si scho virun dësem Resultat an d'Weeër geleet ginn.

Dëse Projet iwwert d'Reform vun der Division supérieure wäert och derzou bäidroen, an dat huet ons Educa-

tiounsministesch méi wéi eng Kéier widderholl, datt d'Maîtrise vun de Friemsproochen nees méi gefuerdert gëtt. Erreeche kann een dat allerdéngs net, wann een d'Stonnenzuel vum Sproochenunterrecht massiv eropsetzt. Eng 30-Stonne-Woch misst eigentlech duergoen, fir d'Schüler beschtens ze ënnerriichten.

Vill méi wichteg ass et, datt de Gebrauch vun de Friemsproochen nees konsequent an der Klass duerchgefouert gëtt. Mir hunn eng Bestëmmung, déi beseet, datt all Fach an enger bestëmmter Unterrechtssprooch muss enseignéiert ginn. Fir déi héich Klassen ass dat ausschliesslech Franséisch.

Här President, dës Reform leet awer och endlech nees Wäert op d'Finalité première vum Enseignement secondaire. An anere Wierder: Eis Schüler sollen dat Basiswësse vermëttelt kréien, wat si beschtméiglech op spéider Héichschoulstudie virbereet. An dëst Objektiv setzt nun emol en zolidde Bagage souwuel an de Sproochen - Däitsch, Franséisch an Englesch - wéi och an de wëssenschaftleche Fächer viraus.

D'Spezialisatioun, déi elo schonns op der IIIe soll ufänken, wäert de Schüler déi néideg Connaissancë vermëttelen, déi si brauchen, fir ee spéidert Héichschoulstudium mat Succès ofzeschléissen.

Och an dësem Punkt misste mir dann de Sozialisten Zefriddenheet verschafen, well dat wor eng vun hire Befierchtungen 1989, wou d'Spezialisatiounsjoren op zwee reduzéiert goufen. Si hu sech wuertwiertlech gefrot, ob „d'Schüler am Hibléck op d'Universitéit genuch Bagage an deenen eenzelne Spezialisatiounen hunn." Dës Fro wier jo dann haut zum Deel beäntwert.

Dëse Projet de loi, Här President, respektéiert awer och e besonnesch wichtege Kritär, deen an eiser heiteger Welt net méi ewechzedenken ass. Eis Schüler wäerten an Zukunft ëmmer méi an ëmmer méi intensiv mat deenen neien Technologië konfrontéiert ginn.

Et ass doduerch d'absolut Aufgab vun enger qualitativer héijer Schoul, dëser Ufuerderung gerecht ze ginn. Praktesch an egal wéi engem Beruff ass een haut op déi nei Technologien ugewisen. A wann et och nëmmen ass, fir eng Recherche iwwer Internet ze maachen. Eng Schoul, déi dës Tatsaach verkennt, kann hir Schüler einfach net virbereeden.

Eng Erkenntnis, fir déi sech d'DP an hirem Wahlprogramm agesat huet: „Neue Informationstechnologien sollen in alle Fächer integriert werden." Mat dësem Projet wäert d'Benotze vun den Informationstechnologië verstäerkt an deenen eenzelne Fächer integréiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, insgesamt gëtt déi Bildungspolitik, fir déi sech d'Demokratesch Partei jorelaang investéiert huet, säit dräi Joer Stee fir Steen a Reform fir Reform opgebaut. Mat dësem Projet kënnt ee vun deene wichtegste Pilieren an der Educatiounspolitik definitiv un d'Stoen.

Zesumme mat all deenen anere Mossnamen, wéi d'Cycles d'apprentissage, wéi d'Fuerderung vun de Sproochen, wéi de Bau vu sechs neie Lycéeën oder e Recrutement vum Léierpersonal, déi d'DP gefuerdert huet, an déi am Koalitiounsaccord 1999 offiziell festgehale goufen, kann eise Schoulsystem nees op déi Qualitéit opbauen, déi hie verdéngt an déi mir onse Kanner och schëlleg sinn.

Wéi d'Demokratesch Partei mat hirer Bildungsoffensiv un de Public erugetrueden ass, hu vill Leit et net méi fir méiglech gehal, dëse Projet bis zum Enn duerchzeféieren. Eis Bildungsoffensiv wor ee Verspriechen, bei deem mir Wuert gehalen hunn.

(Hilarité et interruptions)

Am Laf vun deene vergaangene Méint hu mir oft konnte feststellen, datt d'gesamt Schoulwelt sech däitlech breet erkläert huet, hiren Deel u Responsabilitéit vun der Bildungspolitik ze iwwerhuelen. Dëse Wëllen u gemeinsamem Engagement muss beschtméiglech ënnerstëtzt ginn. Well d'Zil vun enger kompetenter an integrativer Schoul, dat sech den Educatiounsministère gesat huet, ass nëmmen zum Präis vu Leeschtung an Efforte vun alle Concernéierten ze erreechen.

D'Resultater weisen awer haut, datt mir um gudde Wee sinn, fir dëst Objektiv ze erfëllen. Dat esouwuel um infrastrukturellen an um personale Plang wéi och am Beräich vun der Upassung an der Erneierung vun de Schoulprogrammer a -methoden. Dat huet ons Ministesch an engem vun hire villen Artikelen un déi interesséiert Leit um Terrain festgehalen: „Die Schüler von heute dürfen nicht mit Programmen von gestern auf die Herausforderungen von morgen vorbereitet werden."

Ech wëll just hei nach soen: Wann ee behaapt, d'Bildungsoffensiv wier net amgaang an d'Mme Brasseur hätt net wierklech all Effort gemaach a wier net alles amgaang ze maachen, fir dass eng Ecole du succès zu Lëtzebuerg och Realitéit géif ginn, ob dat eng Partei, LCGB oder OGBL ass, dee litt.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Gesetzesprojet, dee mer de Moien hei diskutéieren, huet zwee Haaptvoleten, en techneschen an ee méi gesellschaftspoliteschen.

Ech wëll mech a menger Interventioun méi mat deem gesellschaftspolitesche Volet befaassen, well deen eis Geleeënheet gëtt, fir als ADR méi prinzipiell iwwert d'Relatiounen tëschent Stat a Kierch an eiser heiteger Gesellschaft ze schwätzen.

D'Debatt iwwert d'Konventiounen tëschent véier Kierchen an dem Stat, an enger Konventioun tëschent dem Bistum an dem Stat iwwert den Enseignement

religieux am Enseignement primaire vun 1998 hat eis als ADR deemools schonn d'Geleeënheet ginn, fir eis prinzipiell Iwwerleeungen zu de Relatiounen tëschent Stat a Kierch ze debattéieren.

Ech wëll haut vun der Geleeënheet profitéieren, fir déi ze répétéieren.

Dëst Gesetz vun 1998, wat e Projet war vun der deemoleger CSV-LSAP-Regierung, ass och mat de Stëmme vun der CSV an der LSAP gestëmmt ginn. D'Demokratesch Partei huet sech enthalen, huet matgestëmmt bei deene véier Konventiounen. Den Här Berger huet deemools géint d'Konventioune gestëmmt an d'Mme Brasseur huet sech enthalen.

Beim Projet 4378 iwwert den Enseignement religieux am Enseignement primaire huet d'Demokratesch Partei sech enthalen.

Dat war d'Situatioun, wéi mer se 1998 virfonnt hunn. Mir hunn haut awer hei Politiker vun der Demokratescher Partei héieren, déi elo an enger anerer Optik un dee Projet de loi eruginn, e vertrieden, e verteidegen an och wäerten herno stëmmen. Ech wëll kuerz op déi Revue, déi réckwäerts geet, agoen an erënneren un dat, wat de Kolleeg Jean-Paul Rippinger 1998 deklaréiert huet. En huet gesot:

„Et ass eng Vermëschung vu Verfassungsrecht a reliéisem Recht, déi menger Meenung no net acceptabel ass".

A vu datt mer zwee Deeg debattéiert unn, huet e gesot: „Mir hu gëschter un engem Festival vun der CSV assistéiert. Zwee Rapporteuren aus der CSV hu sech zu deem Sujet hei ausgedréckt. Do huet ee gemierkt, datt d'CSV mat deem zefridde ka sinn, wat se erreecht huet. Si ass de grousse Gewënner aus der Ausenanersetzung mat hire sozialistesche Kolleegen aus der Koalitioun. Dat huet ee gëschter net nëmme gemierkt, mä och gespuert.

Wann ech net an der Oppositioun wär, géing ech souguer dem Här Weiler félicitéiere fir d'Aart a Weis, wéi si hir sozialistesch Kolleegen iwwert den Dësch gezunn hunn, obscho mir dat perséinlech net convenéiert".

Haut, Här Rippinger, kënnt Der Ärem Kolleeg Lucien Weiler félicitéieren, wéi se d'DP iwwert den Dësch gezunn huet.

„Wa mir d'Resultat vun deene kucken, déi an de Krich fir d'Trennung vu Kierch a Stat gezu sinn, ass just eng Reliounsstonn manner erauskomm. Fir de Rescht huet d'CSV nach ëmmer d'Iwwerhand, an d'Suprematie vun der kathoulescher Kierch besteet och nach ëmmer. Dofir war d'Demokratesch Partei fir eng kloer Trennung".

Dat war dat, wat den Här Jean-Paul Rippinger 1998 bei där Debatt an der Chamber deklaréiert huet.

Wann een déi Deklaratiounen héiert an et kuckt een op de leschte Kongress vun der Demokratescher Partei zréck, wou si sech als motordreiwend Kraaft an dëser Regierung duergestallt a presentéiert huet, esou kann een dat net an Aklang bréngen, wann ee gesäit, wéi an dësem Projet de loi d'Demokratesch Partei sech iwwert den Dësch zéie gelooss huet. An et kann een och elo schonn, Här President, gespaant sinn op déi aner Partei, déi sech 1998 iwwert den Dësch zéie gelooss huet, nämlech d'LSAP, wou mer wëssen, dass deemools de Jean Asselborn als Parteipresident de groussen Initiator war, fir d'Konventioune mat de Kierchen auszehandelen. En ass souguer déi Zäit als Deche betitelt ginn, an wann ee weess, dass deemools d'sozialistesch Partei déi Konventiounen an och Reliounsstonnen am Primär mat ënnerstëtzt, gestëmmt a verteidegt huet an der Debatt. Mir sinn also gespaant op dem Här Asselborn seng Interventioun, déi mer haut de Moien nach wäerten héieren, wou mer dann doudsécher de Contraire wäerten héiere vun deem, wat 1998 fir d'Sozialisten eng Verflichtung war, wéi se an der Regierung waren.

Den Här Scheuer huet de Mëtteg gesot, et wier fir d'LSAP ëmmer esou gewiescht, dass et nëmmen ee Cours dierft an der Schoul ginn, mä ech ginn awer dovun aus, dass Der do déi lescht 15 Joer ausgeschloss hutt.

Dir kënnt also soen, als Sozialiste si mer ëmmer, wa mer an der Opositioun sinn, fir d'Trennung vu Kierch a Stat, a mir sinn ëmmer dergéint, wann d'CSV eis mat an d'Regierung hëlt.

Dat als Virbemierkung gesot, Här President, wëll ech eis Positioun als ADR, wéi mer se 1998 duergeluegt hunn, hei nach eng Kéier répétéieren.

Den ADR ass

1. fir eng Trennung vu Kierch a Stat,
2. den ADR ass och der Meenung, dass de Stat net soll d'Kierche finanzéieren;
3. den ADR trëtt dofir an, datt 1) eng Steier agefouert gëtt, déi jiddereen, dee Steiere bezilt, muss bezuelen; 2) déi Steier gëtt iwwer Gesetz festgeluegt; 3) all Bierger bestëmmt selwer, wat fir enger Kierch oder Relioun hien dës Steier wëllt zoukomme loossen; 4) Persounen, déi kenger Kierch oder Relioun wëllen hir Steier zoukomme loossen, ginn dës Steier automatesch a sozial oder karikativ Wierker oder an d'Entwécklungshëllef.

Also jiddereen, dee Steiere bezilt, bezilt och dës Steier, mä en décidéiert selwer, ob en enger Kierch oder wat fir enger Kierch oder Relioun déi Steier wëllt zoukomme loossen, oder ob e se a karikativ Zwecker oder an d'Entwécklungshëllef gëtt.

Et sinn dëst Modeller, déi och an anere Länner, wéi zum Beispill an Italien, wat jo awer e kathoulescht Land ass, schonn zënter laangem bestinn an déi mat deem Modell gutt fueren.

Dat wier an enger pluralistescher Gesellschaft eiser Meenung no, déi an hirer Verfassung d'Meenungs- an d'Reliounsfräiheet stoen huet, och eng logesch Konsequenz a Respekt vun onser Verfassung.

Aus deem Prinzip, Trennung vu Kierch a Stat, ergëtt sech och logescherweis d'Konsequenz, dass d'Relioun net direkt an de Schoulunterrecht gehéiert. Och d'Verfassung, déi d'Recht op Reliouns- a Meenungsfräiheet virschreift, ass, mengen ech, net am Aklang, wa mer eng bestëmmten oder zwou bestëmmte Reliounen an den Enseignement aschreiwen.

Den ADR huet och dofir schonn 1998 proposéiert, an de Schoulen nëmmen ee Cours ze organiséieren, an zwar Sozial- a Moralunterrecht, well deemools och Sozial- a Moralunterrecht am Artikel 22 vum Gesetz vun 1998 definéiert gouf, d'Kanner am Geescht vu Fridden, Dignitéit, Toleranz, Fräiheet a Solidaritéit ze erzéien, am Respekt virun anere reliéisen, moraleschen a philosophesche Meenungen, als Basis vun eiser demokratescher Gesellschaft.

Mäi Kolleeg Fernand Greisen huet deemools gesot, et wier dëst eng eenzeg propper Léisung an hätt dozou ugedoen. An de staatleche Primärunterrecht gehéiert nëmmen an ausschliesslech de moraleschen a soziale Wäertunterrecht, esou wéi e virdrun definéiert ginn ass.

Et ass dëst och am Sënn vun de Kierchen, well se hiren Unterrecht dann ausserhalb vum Schoulzwang fir déi interesséiert Kanner a Jugendlech kënne fräi gestalten.

Dat war eis Propositioun, esou wéi mir se 1998 definéiert hunn an zu där mer och haut nach ëmmer stinn.

An dësem Sozial- a Moralunterrecht si mir awer der Meenung, dass do sollen déi verschidde Weltrelioune virgestallt ginn, e Bestanddeel vun deem Sozial- a Moralunterrecht sinn, net fir d'Kanner oder déi Jugendlech ze orientéieren an déi eng oder aner Relioun, mä fir se ze informéieren am Kader vun enger Allgemengbildung, fir hiert Wëssen ze erweideren iwwert déi verschidde Reliounen an ze soen, op wat fir eng Grondwäerter an op wat fir enge Praxissen déi eenzel Relioune baséieren.

Reliounsunterrecht vun enger oder méi Relioune gehéiert also eiser Meenung no net an d'Schoul. A wann ee vum Prinzip ausgeet, dass dat net an d'Schoul gehéiert, da brauch een och net iwwert d'Dispens ze diskutéieren. De Problem vun der Dispens stellt sech net.

Wéi ass et haut? Haut hu mer déi dräi Méiglechkeeten. Et kann een an de Reliounsunterrecht goen, an de Sozial- oder Moralunterrecht oder d'Dispens froen, wou de Moien d'Mme Rapporteur eis hei gesot huet, dass ongefëier 5% vun de Schüler dovunner Gebrauch maachen.

Mir sinn als ADR mat där Propositioun net averstane gewiescht, dass et Jugendlecher gëtt, déi weder an de Reliounsunterrecht nach an de Sozial- a Moralunterrecht ginn, well mer der Iwwerzeegung sinn, dass Sozial- a Moralunterrecht an eiser Gesellschaft vun haut e wichtege Bestanddeel vun der Schoulbildung muss sinn an dofir och muss obligatoresch sinn.

Wa mer awer nëmme Sozial- a Moralunterrecht maachen, da brauche mer och keng Dispens an dann ass d'Diskussioun iwwert de Koeffizient iwwerflëssig. Mir musse wëssen, dass mer doduerch, dass mer aus dem Reliounsunterrecht e rechtlechen Unterrecht an de Schoule maachen, dass mat alle Kierchen, wou mer Konventioune maachen - am Ableck sinn et der véier, wou mer Konventiounen ofgeschloss hunn, mat der kathoulescher Kierch, der israelitescher Kierch, der protestantescher Kierch an der griichesch-orthodoxer Kierch -, esou schéngt et eis och normal ze sinn, dass, wann déi Kierchen den Antrag stellen oder Jugendlecher an de Schoule sinn, déi an deene Glawensgemeinschafte sinn, dann och mussen an dësem System d'Recht kréien, fir hir Coursen an der Schoul gehalen ze kréien.

Dat mécht de Schoulsystem, dee scho komplizéiert ass, net méi einfach, mä et mécht en nach méi komplizéiert, well et organisatoresch da praktesch onméiglech gëtt. Mä dat ass net eng Fro vum Prinzip. De Prinzip, zu deem mir stinn, hunn ech virdrun erkläert. Dat hei ass just nach eng zousätzlech negativ Konsequenz, déi dat mat sech bréngt.

Well déi Fro vun Trennung vu Kierch a Stat, vu Reliounsunterrecht am staatlechen Enseignement, jo oder neen, eng Fro ass, déi quiesch duerch eis Schichte geet, déi och an den eenzelne Parteie wahrscheinlech verschiddentlech diskutéiert gëtt, hu mir schonn 1998 proposéiert, ob et net méi richteg wier, fir esou eng Fro emol eng Kéier dem Vollek selwer ze stellen iwwert de Wee vun engem Referendum.

Wat geschitt elo? D'Parteien erklären de Wieler virun de Wahlen an engem Wahlprogramm eppes, wou déi Partei, déi mat der CSV bis elo ëmmer an d'Koalitioun gaangen ass, dat net gehalen huet, wat an hirem Wahlprogramm stong.

Hei géife mer am Fong emol eng Kéier dem Wieler seng Meenung respektéieren a mir géifen de Wieler selwer iwwer eng gesellschaftspolitesch kruzial Fro entscheede loossen. Jiddfer Partei ka jo dann hir Meenung dozou soen, an d'Bierger am Land wësse fräi no hirem Gewëssen ze entscheeden, an déi soen dann der Politik, a wat fir eng Richtung, dass si gär géife goen.

A wann d'Wieler fir eng Trennung vu Kierch a Stat sinn, dann hu mer dat an engem demokratesche Stat ze respektéieren, a wann d'Wieler sech majoritär dofir décidéieren, datt de Stat soll d'Kierch finanzéieren, datt d'Kierche sollen an eisem Enseignement public geléiert ginn, dann hu mer dat och ze respektéieren.

Aus dëse prinzipiellen Iwwerleeungen ergëtt sech, datt mir net kënne mat dësem Projet averstane sinn, well eben dëse Projet géint déi Prinziper geet, wéi mir eis

Verfassung interpretéieren. Ech géif vläicht ofschléissend nach de mandatéierte Spriecher vun 1998, den Eugène Berger, zitéieren, dee gesot huet: „Duerfir soll eng öffentlech Schoul net enger Relioun, egal wéi déi heescht, eng Sonderstellung garantéieren. Dëst ass net d'Aufgab vun der Schoul. Dëst ass géint de Pluralismus an d'Neutralitéit vun der Institutioun Schoul, duerfir soll de Reliounsunterrecht ausserhalb vun der Schoul organiséiert ginn, well dat och a villen anere Länner de Fall ass. An der öffentlecher Schoul soll e wäertneutrale Moral- a Sozialunterrecht offréiert ginn, dee fir jiddereen do ass a fir jiddereen d'selwecht ass."

Déi prinzipiell Iwwerleeung vun dem mandatéierte Spriecher vun der Demokratescher Partei vun 1998, war 1998 eis Meenung an der DP hir Meenung, an ech mengen och deene Gréngen hir Meenung, mä si war deemools net der CSV an der LSAP hir Meenung.

(Interruption et hilarité)

Et war net Är Meenung.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Wat hu mer da gemaach? Mir hu Verbesserunge bruecht.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här Asselborn, wann Der Verbesserunge bruecht hutt deemools, da musst Der haut dëse Projet stëmmen, well an där Logik ass dann och dat Gesetz vun haut nach eng Verbesserung zu Ärer Verbesserung.

Ech war am Fong fäerdeg, Här President.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Här Gibéryen, Dir sidd jo e formidablen Opportunist.

Mir hunn deemools gefuerdert, dass mer sollen een Enseignement, ee Cours hunn am Primärunterrecht. Et ass ëm dee gaangen. D'CSV war net domadder d'accord. Dunn hu mer et awer fäerdeg bruecht, wéinstens d'CSV bougéieren ze dinn, dass mer den Enseignement moral et social am Primärunterrecht generaliséiert hunn, dass e muss an all Klass obligatoresch am Primärunterrecht ofgehale ginn. Dovunner schwätzt Dir net. An d'Stonne sinn erofgesat gi vun dräi op zwou. Sot elo net hei, wierklech an Ärem Stil, dee mer kennen, dee populistesche Stil, sot eis elo net, dass mir deemools eng aner Meenung gehat hätten ewéi haut.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här Asselborn, Dir hat vläicht keng aner Meenung. Dir hutt deemools net Är Meenung applizéiert.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Mir hunn awer wéinstens probéiert et esou ze maachen, well mir haten eng Meenung.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dir hutt se net applizéiert an Dir hutt de Reliounsunterrecht an d'Gesetz fest am Enseignement primaire ageschriwwen. Dat ass d'Resultat vun deem Gesetz gewiescht.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Ma dat stung dran.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dir hutt et ganz genau festgeluegt an Dir hutt souguer nach eng Konventioun mam Bistum gemaach, wéi Der dat och géift finanzéieren.

Här Asselborn, Dir wësst jo souwisou, datt Der an enger schlechter Positioun sidd, well d'Leit am Land si jo awer net esou domm. D'Leit wëssen och wat ee sot, wann een an der Oppositioun ass. Dir hutt jo elo selwer gesot: D'CSV ass net mat gaangen.

M. Jean Asselborn *(LSAP)*.- Jo.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dunn hutt Dir lech eben der CSV gebeugt. A sou wéi den Här Rippinger lech deemools...

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Dir beugt lech dauernd.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- ...félicitéiert hätt, wann en an der Majoritéit gewiescht wär, félicitéiert den Här Rippinger ewell, well d'DP ass an där Positioun net besser. Si ass haut an der Majoritéit a si ass och wahrscheinlech der Meenung, datt et nëmmen ee Cours däerf ginn, mä si beugt sech dann och, als eng Partei, déi de Motor vun der Regierung ass, an dësem Fall der CSV.

(Hilarité)

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Très bien.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Robert Garcia agedroen. D'Wuert huet den Här Robert Garcia.

M. John Schummer *(DP)*.- Wien huet lech dat do geschriwwen?

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Keen.

M. John Schummer *(DP)*.- Dat mierkt een.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dat Eenzegt, wat geschriwwe war, Här Schummer, dat war dat, wat ech vun der DP vu virun dräi Joer virgelies hunn.

M. John Schummer *(DP)*.- Jo, jo. Dat war ganz gutt.

(Hilarité et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Garcia. Ech géing ëm Är Opmierksamkeet bieden.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an eisem Land tobt de Moment eng Bildungsoffensiv. De Krich géint d'Bildungsmisère erhëtzt d'Gemidder, PISA-Tierm wackelen iwwerall, an och haut hu mer et mat enger formidabler Schluecht am Äifer vun där Bildungsoffensiv ze dinn. Déi feindlech Stellunge goufe fulminant an engem Elan iwwerrannt, bis gemierkt ginn ass, dass et där feindlech Stellungen iwwerhaapt keng gouf.

Et gouf am Ufank vun dësem Gesetz Scharmützelen iwwer Stonne vu Konschtunterrecht, vun Education physi-

que, vu Franséisch. Elo Dir Dammen an Dir Hären, hu sech d'Gemidder berouegt, well um Contenu vum Cycle supérieur net all ze vill geännert gouf. Mir hunn et also net mat enger Schluecht vun der Bildungsoffensiv ze dinn, mä mir hunn et mat enger noutwendeger Kurskorrektur ze dinn. D'Chance ass gläichzäiteg verpasst ginn, fir méi grondsätzlech iwwer eng richteg Reform vum Cycle supérieur nozedenken an och esou eng Reform an Ugrëff ze huelen.

Ech gi fir d'éischt op déi éischt Volete vum Gesetz vun haut an, ier ech dann op dee leschten, méi kontroverséierte, Volet ze schwätze kommen.

Den éischte Volet ass d'Verschiebung vun der Spezialisatioun erëm zréck vun der IIe op d'IIIe. Et ass e bëssen eng chaotesch Sprangprozessioun. Mir hate schonn eng Kéier déi Differenzéierung op IIIe, du si mer op IVe zréckgaangen, du si mer op d'IIe erëm virugaangen, elo gi mer op d'IIIe nees zréck, dat ass also eng Sprangprozessioun, déi zu lechternach sécherlech géif zu engem gréissere Chaos féieren. Trotzdeem si mir och där Meenung, wéi d'Meenung vun deene meeschten ass, ech menge souguer alleguerten heibannen, dass et besser ass, déi Spezialisatioun am Cycle supérieur e Joer méi frei ze starten, well sech erausgestallt huet, dass déi zwee Joer net duergaange sinn, fir e Minimum vu Spezialisatioun an haaptsächlech och vun Erkennung vu Kompetenze vun de Schüler duerchzeféieren.

Ceci d'autant plus, wou d'Ire eigentlech bal e verluerent Joer ass, well - dat musse mer jo zouginn - déi meescht Schüler a Schülerinnen op Ire haaptsächlech léieren, fir den Examen ze packen an net en vue vun enger Spezialiséierung vun hire Kenntnisser a vun enger Affinéierung vun hire Kompetenzen.

Et gëtt also elo theoretesch, zumindest an deenen dräi Joer, méi Méiglechkeeten, fir déi potenziell Kompetenze vun de Schüler ze entdecken an ze affinéieren. Duerfir si mer mat deem dote Volet d'accord.

Deen zweete Volet ass dee vun der Ofschafung vun där onséileger Sektioun A2, déi oft polemesch als eng Section poubelle bezeechent ginn ass, awer zumindest dat war, dass et en drëtte Choix war vu Schüler, déi sech net konnten décidéiere fir eng vun deene bestehende Sektiounen. Mir hunn och d'emblée déi Iddi, fir eng Sektioun G anzeféieren, ganz interessant fonnt, besonnesch well se ënnert dem Motto vun de Sciences sociales stung.

Allerdéngs huet sech dee Flou vun der Zilsetzung vun där Sektioun G an de leschte Wochen e bëssen intensivéiert, well am Ufank war et net ganz kloer, wat dann den Inhalt an d'Zilsetzunge vun där Sektioun G waren. An enger vun deene leschte Kommissiounssëtzungen ass op eemol eppes do verzielt gi vum Ënnerscheed, deen ee misst maachen zwëschen der Betribswirtschaft, déi éischter an d'Sektioun D géif gehéieren an der Vollekswirtschaft, déi dann éischter an d'Sektioun G géif gehéieren. Ech hunn dat net esou ganz suivéiert, well normalerweis gëtt déi Differenziatioun zwësche Volleks- a Betribswirtschaft éischter op der Uni gemaach, well déi zwou Saache jo ontrennbar matenee verbonne sinn. Ech denke kaum, dass ee kann eng Sektioun D maachen, déi sech mat dem Schwéierpunkt Betribswirtschaft beschäftegt, well effektiv fir d'éischt muss d'Vollekswirtschaft emol duerchkuckt ginn, ier ee kann an d'Detailer vun der Betribswirtschaft goen.

Mir hunn éischter fonnt, dass wann a leschter Zäit zu Lëtzebuerg ee Secteur geboomt huet, dann ass, dee vun de Beruffer am sozialen an am éducative Beräich an duerfir géife mir et nëmme logesch gesinn, dass niewent deene Sektiounen, déi sech op Mathematik oder op Elektronik, beziehungsweis op Naturwëssenschaften, op Konscht, op Musek an esou weider spezialiséieren, dass et eng Sektioun géif ginn, déi Kompetenzen an Interesse vu Schüler a Schülerinnen am Beräich vun deene künftege sozialen an éducative Beruffer géif berücksichtigen. Mir hunn eis jo öfters beklot, a mir wäerten dat och nach herno maachen, dass d'Selektioun vun de Schüler a Schülerinnen a Richtung vun zum Beispill dem ISERP oder dem IEES deelweis, zumindest wat den ISERP ugeet, op de Moyennë vum Premièresexame berout an net op iergendwellech Orientéierungen.

Et si vill Studenten de Moment an och fréier um ISERP gewiescht, déi sech ni oder vläicht seelen d'Fro gestallt hunn: Sinn ech eigentlech fir de Beruff vum Schoulmeeschter, vun der Léierin gëeegent? Ech denken, dass just esou eng Sektioun wéi déi heiten, déi zwar eng Spezialisatioun wéi déi aner Sektioune géif bidden, awer och net exklusiv wär - dat ass jo hei schonn eng Kéier betount ginn, keng vun deene Sektiounen ass ganz schrecklech exklusiv -, dass awer esou eng Sektioun géif dozou féieren, dass méi Schüler a Schülerinne sech géife mat där Iddi, fir e sozialen an éducative Beruff ze ergräifen, beschäftegen an no der Ire hire Choix en bonne âme et conscience kéinten treffen.

Wat also fir eis wichteg ass am Kader vun der Sektioun G, dat ass, dass déi Missiounen a Programmer vun där Sektioun méi géifen definéiert ginn. Et huet sech natierlech de Problem gestallt, wann ee wëllt Programmer definéieren, da misst een eigentlech kënnen op Enseignanten zréckgräifen, déi schonn an deem Beräich schaffen. Vu dass et en neie Beräich ass, ass et schwiereg fir do Programmer auszeschaffen. Mir hunn eis soe gelooss, dass deelweis Ekonomiesproffen un deene Programmer geschafft hunn.

Mir hätten et léiwer gesinn, wann do och vläicht Leit vu baussen, aus dem éducativen a soziale Secteur doru mat bedeelegt gewiescht wären. Mä do ginn et effektiv nach Schwieregkeeten, an duerfir wollte mir eng Motioun hei déposéieren, déi éischtens d'Regierung invitéiert, esou séier wéi méiglech méi eng kloer Definitioun vun den Zilsetzungen an och vun de Programmer vun där neier

Sektioun auszeschaffen. Zweetens ze kucken, ob een net kann d'Carrière vum Professer vum Enseignement secondaire Universitairen eröffnen, déi en Diplôme am Domaine vun de Sciences sociales a vun der Éducatioun hunn.

Motion 2

La Chambre des Députés

– *saluant le fait que la section A2 de l'enseignement secondaire va être remplacée par une nouvelle section G consacrée aux sciences humaines et sociales;*

– *soucieuse toutefois que cette nouvelle section ne devienne une section économique bis, mais qu'elle obtienne un profil précis orienté vers les sciences humaines et sociales afin qu'elle puisse être attrayante pour des élèves faisant foi d'une vocation notamment pour une profession dans le domaine de l'éducation ou le travail social;*

invite le Gouvernement

– *à élaborer le plus rapidement possible une définition claire et précise des orientations de sciences humaines et sociales de la nouvelle section et à ajuster au fur et à mesure de l'avancement de la nouvelle section les programmes sur ces orientations;*

– *à ouvrir la carrière de professeur de l'enseignement secondaire à des universitaires détenant un diplôme dans les sciences sociales et de l'éducation.*

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

Ech kommen dann zum drëtte Volet vun dësem Gesetz, deen et eigentlech guer net gëtt. Dat ass nämlech dee Volet, dee mir eis eigentlech erwaart haten, nämlech déi inhaltlech Ëmgestaltung vum Cycle supérieur. Do hunn déi Gréng natierlech, wéi esou oft an der Bildungsfro, diametral opposéiert Virstellunge wéi déi vun där aktueller Regierung.

Ech wëll kuerz rappeléieren, dass mir wëllen, dass de Secondaire op engem Tronc commun, op enger Gesamtschoul, vu VIIe bis Ve, beziehungsweis 9e baséiert. Iwwregens e Modell, deen et bal an alle Länner vun der OECD gëtt. Ech mengen et gi véier Länner, déi dat doten net hunn. Et huet sech och bei der PISA-Etüd erausgestallt - ech hunn dat schonn e puer Mol hei gesot -, dass besonnesch déi Länner, déi iwwer esou e System verfügen, am erfollegräichste waren. Mir hate rezenterweis eng Konferenz vun enger internationaler Wëssenschaftlerin, der Mme Allemann, déi erëm eng Kéier all déi Saache bestätegt huet, déi mer säit Joren hei préconiséieren, dass et immens wichteg ass, dass d'Kanner esou laang wéi méiglech beienee bleiwen, well et net méiglech ass, mat zéng Joer, wéi et an Däitschland, oder mat zwielef, wéi et zu Lëtzebuerg ass, déi néideg Kompetenzen alleguerten ze entdecken an ze identifizéieren, sou dass een d'Kanner kann op déi richteg Filièren en bonne âme et conscience verdeelen.

Et ass och entwécklungspsychologesch net sënnvoll, esou eng Entscheedung esou fréi ze huelen. Ech denken, dass et am Intérêt, besonnesch am Lëtzebuerger Kontext wär vun alle Schüler a Schülerinnen, fir déi Entscheedung fir déi Optrennung eréischt am Alter vu 15 Joer ze maachen. Dës Optrennung geschitt souguer a südleche Länner, wou d'Kanner jo e bësse méi fräiräif sinn entwécklungspsychologesch gesinn a physiologesch gesinn, eréischt mat 15 oder mat 16 Joer.

Mir sinn also fir e Cycle inférieur vum Postprimaire, dee Basics fir se alleguerte bréngt, awer gläichzäiteg - an elo kommen ech zu dem nächsten Thema - eng Education au choix ufänkt, déi dozou féiert, dass ee seng Entscheedung op IVe, net opgrond vu vagë Preferenzen oder well Frënn a Frëndinnen déiselwecht Sektioun gewielt hunn, hëlt, mä dass ee kann opbauen op eng kontinuierlech Education au choix, déi an der Primärschoul ufänkt an déi dozou féiert, dass d'Kanner mat fofzeng oder siechzéng Joer zimlech wëssen, wat hir Stäerkten, wat hir Schwächten, wat hir Interessen an och wat hir Kompetenze sinn.

Et gëtt an der Lëtzebuerger Schoul éischt Projeten, fir esou eng Education au choix duerchzezéien, déi et a Frankräich an an der Belsch scho méi laang gëtt. Mir denken, dass och de Cycle supérieur eréischt seriö ka legitiméiert ginn, wann e virdrun op enger Education des choix baséiert, fir dass no där berühmter IVe kënnen d'Schüler e Bagage matbréngen, deen et hinnen erlaabt, wierklech hir Kompetenzen, hir Fäegkeeten an hir Schwächte kënnen nuancéiert ze identifizéieren.

Dat féiert mech dann zu deem nächste Punkt, nämlech zu där berühmter IVe. D'Regierung huet gesot, dat wär e bëssen eng Année bilan, wou haaptsächlech déi Basics, déi hätte sollen an deenen dräi éischte Jore geléiert ginn, widderholl ginn. Ech muss soen: Ech fannen déi Visioun schrecklech, wann ech meng eegen an och aner Kanner gesinn, déi sech jo permanent bekloen iwwert deen Triichter, dee se an der Schoul opgesat kréien, wou permanent muss widderholl ginn.

Ech sinn éischter fir eng Strategie, dass een den Unterrecht mat neie Methoden esou effikass gestallt, dass een net muss bestänneg widderhuelen, an dass een net muss op enger IVe reaktiv soen: Elo musse mer dee ganze Schmorri vun deenen dräi Joer nach eng Kéier widderhuelen. Mä dass een op enger IVe seet: Elo hu mer Basics an déi sëtzen, déi si mat effikasse Methode geléiert ginn, déi Sproochen, déi musse geléiert ginn, soufern ee se an deem net spezialiséierten Zyklus brauch.

An dass een da seet op IVe, do maache mer net eng Année de consolidation, mä do maache mer eng Année d'orientation, wou mer kënnen op der Basis vun deene Basics soen: Ma do si Schüler a Schülerinnen, déi hunn déi dote Komponent vun de Basics besser bestan, also solle se vläicht e bësse schnupperen, a wéi eng Richtung mer se dann op IIIe schécken. Mat enger Kombinatioun vun der Education au choix brénge mer et da fäerdeg,

fir vill Feelentscheedungen, där vill Leit op de Leim gaange sinn, ze vermeiden an dann déi Sektiounen och esou opzebauen, dass an deenen eenzelne Sektiounen déi richteg Leit op der richteger Plaz sëtzen.

Da kommen ech zu enger richteger Reform och vun deem Cycle supérieur zwëschent der IIIe an der Ire. Do hu mir eng Vue, déi sech gaanz staark den anglo-sächsesche Länner rapprochéiert, wéi zum Beispill Kanada, wou effektiv och déi Philosophie besteet, bis IVe sinn d'Basics ofgeschloss, an da gëtt gezilt gekuckt, wat d'Kanner fir Interessen a Kompetenzen hunn.

Do gëtt et natierlech ëmmer eng Part vu Flichtfächer. Et ass kloer, datt een an enger Sektioun, déi naturwëssenschaftlech ass, net kann à la carte verfueren, dass op eemol d'Kanner géifen dräi Joer laang Naturwëssenschafte maachen a just eng Kéier eng oder zwou Stonnen dat beluegt hunn. Dat ass ganz gutt a soll och net contestéiert ginn.

Wat awer déi aner Fächer betrëfft, do si mir fir eng wäitgehend Opléisung vun den traditionelle Fächer an enger neier Form engersäits vu fächeriwwergräifende Klasteren, wou dann d'Enseignanten och zesummeschaffen, am Kader zum Beispill vu semester- oder trimesteriwwergräifende Projeten, wou da villfälteg Kompetenzen an enger Villfältegkeet vu Fächer mussen utiliséiert ginn a wou dann d'Schüler kënne feststellen „Wou leie meng transversal Kompetenzen?“. Dat si jo déi, déi och an der PISA-Etüd getest si ginn a wou mer jo wierklech déi allerlescht an Europa waren. Et wier also eng Geleeënheet no dem PISA-Desaster, an deene véier Joer duerno déi Schwächte vun transversalen an aktive Kompetenzen ze corrigéieren.

Do kéint een dann natierlech och eng Partie vu ganz spannende Wahlfächer aféieren, wéi zum Beispill am Beräich vun de Medien, well ech sinn där Meenung, dass de Sproochenunterrecht sech no der IVe, also vun IIIe un, soll op zwou Haaptaxen orientéieren. Ech denken nämlech, dass déi reng sproochlech Acquisitioun, wa se effikass duerchgefouert war, do misst ofgeschloss sinn. Da ginn et nach zwou Aufgabe fir de Sproochenunterrecht:

1. D'Literatur: Do stellt sech jo eraus - d'Mme Minister war jo och a Finnland -, dass dat eng wichteg Komponent ass. Allerdéngs net wann ee Literatur léiert, mä wann een se liest, well duerch d'Liese léiert een d'Sprooch méi wéi duerch Auswennegléiere vu Vokabelen, wéi dat hei an dem PISA-Hearing vun engem Beamte vum Ministère gesot ginn ass. Eng Sprooch léiert een duerch aktiv Uneegnung.
2. Nieft der Literatur hu mer d'Utilisatioun vun der Sprooch a konkrete Kontexter, nämlech a fächeriwwergräifende Projeten an a Coursen.

Da kéint een nämlech mat enger Klapp zwou Mécken treffen. Hir hunn nämlech festgestallt, dass mer de Moment schonn - an deenen nächsten zéng, 20 Joer wäert dat sech nach verstäerken - en immense Problem hu beim Recrutement vun den Enseignanten an de Beräicher vun Däitsch, Franséisch, Englesch a Mathematik. Wann een dann zumindest een Deel vun deene sproochlechen Uneegnungen am Cycle supérieur aneren Enseignanten, déi da jo géife mat deenen zesummeschaffen, iwwerdroen, zum Beispill dass een d'Franséischt am Kader vun engem Geschichtsprojet affinéiert, dann hätte mer och zumindest zum Deel déi Pénurie, déi jo net méi ze behiewen ass, entschäerft.

Deen anere Volet huet den Här Scheuer och schonn ugeschwat, dee wëll ech awer net verdéiwen, well ech scho beim Bac international drop agaange sinn, dat ass dee vum Premièresexamen. An där heite Logik, déi mir hei sollen ofstëmmen, wou d'IVe eng Année de consolidation ass, also näischt Neies bréngt, ass also d'IIIe dat éischt Joer, wou eng gewëssen Innovatioun ass an dem Schüler senger alldeeglecher Praxis. Dat heescht, dat Joer ass am Fong een Initiatiounsjoer, an dann hu mer d'IIe eigentlech als eenzegt Joer, wat voll där Spezialisatioun gewidmet ass, an d'Ire, wa se sou bleift wéi se ass, ass eigentlech just nach axéiert op d'Packe vun deem Premièresexamen.

Dann hu mer also just nach ee richtegt vollt Joer, fir eis där Spezialisatioun ze widmen, an dofir fanne mir dat ganz bedauerlech an dofir denken ech, dass mer och mussen a Richtung vun enger Reform vum Premièresexame goen, wou d'Joer nach méi staark zielt, wou och am Joer Projeten, Aarbechte musse beschafft ginn a wou de Premièresexame sech haaptsächlech op déi Haaptfächer limitéiert an haaptsächlech och op eng oral Duerstellung, well ech gesinn net an, dass ee muss an engem Premièresexamen och nach schrëftlech all dat resuméieren, wat ee schonn am ganze Joer a Prüfungen an an aneren Tester gemaach huet.

Aus all deene Grënn, déi ech elo zitéiert hunn, nämlech deen drëtte Volet, dee gefeelt huet, musse mir eis leider, och trotz deem Vote séparé dee mir wäerte froen, wann aner Kolleegen dat net froen, bei dësem Projet enthalen, well et effektiv keen Element vun enger Bildungsreform ass, mä just eng mineure Kurskorrektur. An anere Schoulsystemer géife se sech futti laachen, dass doriwwer muss extra hei nach ee Joer legislativ geschafft ginn, an anere Schoulsystemer gëtt dat ruck zuck iwwer e Reglement gemaach, beziehungsweis hu souguer eenzel Schoulen d'Méiglechkeet, fir dat einfach esou als eng administrativ Moossnam ze maachen.

Ech kommen dann zu deem véierte Volet, dee jo och contestéiert ass, dat ass déi Geschicht vun der Dispens a vum Koeffizient 1 fir de Moral- a Sozialunterrecht, beziehungsweis fir de Reliounsunterrecht. Ech mengen, do si mir pour une fois därselwechter Meenung wéi mäi Virriedner, den Här Gibéryen, deen dat ganz anschaulech hei nach eng Kéier duergestallt huet, mat sengen übleche Seitenhieben op aner Massendénger vun der Vergaangenheet a vun der Aktualitéit.

Mir si schonn ëmmer fir een eenzegt Fach, ob een dat elo Sozialkunde, Gesellschaftskunde, Ethik, Education morale et sociale nennt, mä dat ass a sech egal. Mir sinn op alle Fall fir een eenzegt Fach, wou all déi Volete vun der ethescher an der gesellschaftlecher Zeen berücksichtegt sinn an der öffentlecher Schoul.

Dat Fach muss och equivalent si mat anere Fächer wéi Geschicht, Géo a Biologie a mir sinn där Meenung, dass esou ee Fach esouguer misst de Koeffizient 2 an där Logik kréien, dass de Koeffizient 1 dofir souguer net duer géif goen. Mä et mussen natierlech och gewësse Viraussetzunge geschafe si fir esou ee Fach. Eischtens mussen déi Programmer okay sinn, déi musse wierklech ausgefeilt sinn, fir deem héieren Zil vun esou enger Educatioun gerecht ze ginn. Déi Enseignantë mussen deementsprechend forméiert sinn a wann dat Fach esouguer als eenzegt Fach do wär, misst ee sech iwwerleeën, ob een net esouguer eng eege Formatioun fir déi Enseignantë soll virgesinn.

Wat och ganz wichteg ass, déi Methode musse sech duerch eng gewëssen Originalitéit an Aktivitéit auszeechnen, well et geet jo och net duer, dass een zum Beispill ee Problem, dee scho virdrun a villen anere Fächer duerchgeholl ginn ass, och nach op eng relativ langweileg a kognitiv Aart a Weis do behandelt.

Ech weess vu ville Schüler a ville Schülerinnen, déi sech bekloen, dass se an hirer Schülercarrière vu siwe Joer dat Thema Droge mindestens zéngmol behandelt hunn op déiselwecht Aart a Weis, eng Kéier an där enger Sprooch, eng Kéier an der Geschicht, eng Kéier an dem Moralunterrecht, an iergendwann eng Kéier muss do vermiede ginn, dass dat herno en Dauerlangweiler gëtt. Dofir muss dat Fach och esou orientéiert sinn, dass et wierklech fir all d'Schülerinnen a Schüler interessant ass.

Mir sinn awer natierlech och där Meenung, dass bei deenen Thematiken, déi an deem Unterrecht solle behandelt ginn, natierlech d'Weltrelioun, d'Geschicht an d'Inhalter vun de Weltreliounen e wichtegt Element sinn. Menger Meenung no sinn d'Relioun oder d'Tatsaach, dass ee sech enger Relioun zougehéiereg fillt, e wichtegt mënschlecht Element. Et handelt sech ëm eng irrationell awer mënschlech verständlech Ausenanersetzung mat rationelle Phenomeenen. Et handelt sech ëm eng vereinfachend Erklärung vu komplexen Zesummenhäng. Et ass mënschlech, well all Mënsch sicht sech an där komplexer Welt einfach Erklärungsmusteren.

Déi Leit, déi ganz hefteg géint d'Relioune wierderen, musse sech heiansdo esouguer de Virworf gefale loossen, dass se handelen no deem wat de Psychoanalytiker Erich Fromm eng Kéier gesot huet, nämlech dass déi Leit, déi besonnesch fanatesch wären, a Wierklechkeet déiselwecht Neigung a sech selwer bekämpfen. Dofir hu mir eigentlech e bësse méi eng sereine a souverän Haltung an där Diskussioun, a mir sinn do net déi, déi géifen hei e Kreuzzug géint d'Relioune féieren.

Mir fannen och, dass d'Weltrelioune relevant fir d'Geschicht an d'Kenntnis vun der Zivilisatioun sinn. Mir fannen och d'Relioune wichteg, fir psychoanalytesch Prozesser am Mënsch ze erkennen, a mir fannen och ganz wichteg, dass d'Relioune musse kannt si vun de Schüler, fir aktuell politesch Phenomeenen sereinement ze analyséieren, zum Beispill de Phenomeen vum Islam, fir net an déi Fal ze tappen, wéi et verschidde Presidente vu Weltmächte maachen an doraus en isotomescht Weltbild entwerfen.

Dofir mussen all déi Reliounen an hiren historesche soziologesche Kontext gestallt ginn, an dofir ass et ganz wichteg, dass déi Relioun net an enger interesséierter Versioun, mä objektiv neutral an engem eenzege Moralunterrecht diffuséiert gëtt.

Dofir si mir och där Meenung, wéi och scho mäi Virriedner, dass all konfessiounsspezifesch Reliounsunterrechten aus der Schoul gehéieren a solle vun deene jeeweilege Communautéiten aus der Schoul oder zumindest aus dem Horaire vun der Schoul diffundéiert ginn.

Ech hunn et och scho gesot, ech fannen dat - well ech Respekt hu fir déi Leit, déi deene Reliounen unhänken - esouguer besser fir deen Unterrecht, well déi Statsrelioun, déi mir de Moment hei hunn, där déi meescht heibannen och iergendwann eng Kéier an der Jugend ugehéiert hunn an un hire Ritualen hu misse participéieren, ass haaptsächlech wéinst hirem Zwangscharakter diskreditéiert ginn. Vill Leit, an ech gehéieren och derzou, si vun der Relioun vergrault ginn, well an deem obligatoresche Reliounsunterrecht Saache verzielt gi sinn, déi een net méi konnt gleewen als rationell denkende Mënsch.

(Interruption)

Ech denken, dass et fir déi Relioun selwer besser wär, net nëmme fir déi kathoulesch Relioun, fir all Reliounen ass et éischtens besser si sinn aus der öffentlecher Schoul, an zweetens si sinn ausserhalb vun de Machtstrukturen. Well ech sinn der Meenung, dass den Niddergank vun der kathoulescher Relioun, zumindest an der Praxis, well mir hu jo aus de Sondagen, dass ongeféier nach 10% vun de Leit deene Praktike seriö noginn, a gläichzäiteg d'Montée vun anere Relioune beziehungsweis vu Sekten, déi heiansdo och ganz geféierlech sinn, déi läit haaptsächlech dorunner, well sech eng Relioun, déi chrëschtlech Relioun, déi vun hirem Inhalt hier mat all deene Messagë vu Bridderlechkeet asw. eng seriö Alternativ ass och an der materieller Welt, dass déi sech doduerch diskreditéiert huet, dass se ze vill no un de Machtstrukturen ass an dass et ganz heilsam wär fir déi Relioun, och anerer, dass se sech wäit ewech vun deene Machtstrukture géif halen.

Da kommen ech eben zu deem leschte Punkt, wou ech e bëssen zweespälteger Meenung sinn, dat ass déi Geschicht mam Koeffizient. Meng Partei ass der Meenung, dass et am Prinzip, sou laang wéi et deen Dualismus gëtt, natierlech kee Koeffizient ka ginn, mä vu dass mir jo derfir sinn, dass de Reliounsunterrecht net an der Schoul ass, stellt sech déi Diskussioun net.

Déi aner Diskussioun ass déi vun der Dispens. Do ass eis Partei och där Meenung, dass een, wann et bei deem Konsens, där Situatioun hei soll bleiwen, d'Dispens soll oprechterhalen, natierlech an deem Fall, wou et nëmme géif de Moralunterrecht ginn, do géif déi Fro vun der Dispens sech och eriwwregen.

Ech sinn zwar perséinlech där Meenung, dass een och an deem Status quo soll déi Dispens ofschafen, och wann ech Geforen dobäi gesinn. Ech sinn nämlech net där Meenung, dass Schüler a Schülerinnen, och wann et nëmme 5% sinn, sech engem Moralunterrecht, deen neutral ass, kënnen entzéien. Ech fannen, iergendwann eng Kéier gëtt ee rosen iwwer gewëssen Onéierlechkeete vun Elteren, déi am Bistro oder an der Öffentlechkeet optrieden - zwësche guillemets - als „Pafefrësser", déi awer hir Kanner bis zum Schluss aus gewëssene gesellschaftleche Grënn an de Reliounsunterrecht schécken, déi sech selwer och nach an der Kierch bestueden, gläichzäiteg am Bistro géint d'Kierch fachen, an iergendwann eng Kéier fannen ech, dass ee muss éierlech sinn an dass ee muss kënne soen: „Ech schécke meng Kanner an de Reliounsunterrecht, well ech dorunner gleewen." an „Ech schécke meng Kanner an de Moral- a Sozialunterrecht, well ech fannen, se missten esou eng Ausbildung hunn."

Dofir sinn ech där Meenung, privat eben, dass een déi Dispens ka roueg ofschafen.

Ech gesinn awer och doranner Geforen, an déi Geforen hu sech bestätegt, wann ech de Rapport gelies hunn. Et sinn nämlech déi Gefore vun där Konkurrenz zwëschent dem Moralunterrecht an dem Reliounsunterrecht. Si mer e bëssen éierlech: D'Kanner kucken, wa se sech bedeelegen oder entscheeden, ginn ech op Relioun oder ginn ech op Morale, wou muss ech éischtens am mannste schaffen, an zweetens wou kréien ech dee beschte Punkt.

Dat fannen ech denigrant fir déi zwee Fächer, an dat ass jo och erëm eng Kéier hei am Rapport bestätegt ginn, ech zitéieren: „De plus, le coefficient 1 pourra même permettre à certains élèves" - an do ass derbäi gesat gi vun der Kommissioun - „en cas de notes élevées" - natierlech - „de rattraper certaines notes légèrement insuffisantes."

An där Versioun an an där Versioun virdru gëtt jo do schonn ënnerstallt, dass een do soll gutt Punkte kréien, da kann een nach geringfügeg seng schlecht Nummeren an anere Fächer verbesseren.

Et ass eng Tatsaach! Ech fannen dat awer, wann dat elo schonn esou cru do steet, suggéréiert, dat si Fächer, wou een eigentlech d'emblée näischt mécht a wou een dann 58 kritt, an doduerch kann een da vläicht eng „légère insuffisance" kompenséieren.

Dofir fannen ech dat doten eng Konkurrenz, déi um Terrain jo och existéiert. Ech mengen, jiddferee kennt jo Leit, Enseignanten, dee weess, datt déi Praxis leeft.

Ech wéilt do eng kleng Anekdot verzielen: Mir haten am Lycée de Garçons et de Garçonnes zu Esch eng Table ronde mat Politiker. A wéi déi Table ronde mat Politiker langweileg ginn ass, dunn ass de Moderator, den Här Maurice Molitor deemools bei RTL, mam Mikro an de Sall gaang. Do waren 200, 300 Schüler a Schülerinnen. Dunn huet en d'Fro gestallt: Sidd Dir dofir, sidd Dir dogéint? An dunn huet en dann d'Fro gestallt un déi Schüler vum Cycle supérieur vun deem Lycée: Sidd Dir dofir, dass de Reliounsunterrecht aus der Schoul geholl gëtt, quitte dass Der awer dann net fräi kritt, mä dass deen ersat gëtt duerch en obligatoresche Moralunterrecht? Et huet natierlech - ech weess net, ob dat esou en Esprit guéguerre huet - all Mënsch dann d'Hand gehuewen, a just e puer Schüler hunn net dofir plädéiert. Déi waren dann offensichtlech op der Relioun, an dunn ass dann de Moderator dohinner gaang mam Mikro an huet gefrot: Sidd Dir dann elo fir d'Relioun? Jo, bei eisem Relioun sproff, dem Här sou an sou, do hu mir dat éischt Trimester den Islam gemaach, dat zweet Trimester aner Reliounen, do maache mir wierklech eigentlech bal datselwecht wéi an der Education morale et sociale.

Déi Reaktioun ass symptomatesch. Et gi fir de Relioun sunterrecht à la limite - wann ech dat elo iwwerspëtzt a karikatural wëll formuléieren - zwou Alternativen: entweder maachen ech quasi datselwecht, wéi an deem aneren Unterrecht - da maachen ech mech jo awer iergendwéi iwwerflësseg - oder ech weise vill Videoen a gi gutt Punkten a wéineg Relioun an da kréien ech mat engem flotten Unterrecht vill Schüler, déi awer net wéinst der Relioun dohinner ginn, mä ebe wéinst deene ville Videoen a wéinst deene ville Punkten.

Ech fannen dat eng Dumpingtaktik, déi och vläicht vun deem aneren Unterrecht ka gemaach ginn, well wann op eemol den Enseignant oder d'Enseignante vun der Formation morale et sociale mierkt: Ma jo, ech ginn hei méi streng vir, ech ginn och emol Prüfungen an déi 40, da kënnt kee méi bei mech, da ginn d'Leit an d'Relioun, ma da ginn ech och jiddferengem 58 an ech weise ganz vill Videoen.

Dat ass e bëssen e Malaise, dee mech dozou féiert, dass een awer d'Fro vun der Dispens muss an engem anere Liicht kucken, wat einfach erëm eng Kéier bestätegt, dass et dat Bescht wär, wann et nëmmen een eenzege Moral- a Sozialunterrecht an der Schoul géif ginn. Duerfir ralliéiere mer eis an där Fro ganz kloer un de Conseil d'Etat an iwwregens och bei der Fro vum Koeffizient, well ech mengen, dass de Conseil d'Etat ganz Recht huet, dass dee Koeffizient iwwerhaapt näischt ausseet iwwert d'Valeur vun deem Fach.

Ech resüméieren nach eng Kéier: Mir froen e Vote séparé iwwert dee Volet vun der Dispens a vun dem Koeffizient, a fir de Rescht vum Projet wäerte mer eis enthalen, well mer eben fannen, dass et sech hei net ëm eng Reform vum Cycle supérieur handelt, mä just ëm en Ajustement.

Ech soen lech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Aloyse Bisdorff agedroen. D'Wuert huet den Här Bisdorff.

M. Aloyse Bisdorff *(déi Lénk).-* Et ass schonn e puer Mol drop higewise ginn, Här President, dass dëse Gesetzesprojet am Fong geholl zwee Deeler huet: een organisatorescher Natur, deen deelweis op Elementer zréckgräift, déi et scho fréier gi sinn; deen zweeten Deel, dee Bestëmmungen enthält fir d'Dispens vu reliéisen oder moralesche Course kënnen ofzeschafen.

Ech wëll mech haaptsächlech op dësen zweeten Deel bezéien. Dat Virgoen ass ee Bestanddeel vun der ideologescher Reconquista vun der kathoulescher Kierch. Et soll verhënnert ginn, dass d'Jugend sech der religiöser Indoktrinatioun kënnt entzéien. Dobäi - an dat ass vu verschiddenen anere scho gesot ginn - hunn d'Reliounen iwwerhaapt als solch näischt an der öffentlecher Schoul ze sichen. Wann een dovunner ausgeet, dass eng Relioun eng Sekt ass, déi réusséiert huet, an dass hannendrun nach vill aner Sekte sinn, déi och versichen ze réusséieren, a wann déi alleguer den Zougang an d'öffentlech Schoul kréien, da gëtt et een Duercherneen an ee Gestreits, dat net méi ze bewältegen an ze erdroen ass.

Do wou d'Jugend zu fräien toleranten awer och wëssende Bierger soll erugebilt ginn, gi se dann an ee religiöse mentale Käfeg gespäert. All Dag gesi mer, wat d'Relioune fir Onheel an der Welt uriichten, besonnesch hir fundamentalistesch Deeler, déi et awer an alle Relioune gëtt. An der Vergaangenheet si ganz Kricher op dësem Gebitt gefouert ginn, awer och haut hu vill Konflikter nach religiös Komponenten. Ech wëll net wäit an d'Welt erausgoen. Ech bleiwen hei an Europa an erwähnen nëmmen Nordirland, wou de Problem déif religiös Ursaachen huet a wou déi Verantwortlech vun de Relioune sech net beméien, fir hir Konflikter kënnen ze iwwerwannen.

Dat kënnt nämlech doduerch, well an de Käpp vun de religiöse Führer de Wourechtsgehalt vun hirer Relioun un der Zuel vun hiren Unhänger gemooss gëtt. Duerfir war d'Uwendung vu Gewalt fréier esou entscheedend bei de Bekéierungen an de Missionéierungen. Déi deelweis aggressiv Missionéierunge vun haut erkläre sech aus deemselwechte Grond.

Duerfir dat Bestriewen duerch Zwangsrekrutéierung an der Schoul d'Verflüchtegung vun de religiöse Bekenner ofzeschwächen. D'Relioun wëllen an de Schoulen nei ze verankeren a gläichzäiteg besser Resultater bei den zukünftege PISA-Vergläicher wëllen ze erreechen ass e Widdersproch a sech. D'religiös Dogmen a Virstellungen hunn nach ëmmer versicht d'Duerchsetzung vu wëssenschaftlechen Erkenntnisser ze verhënneren. Nach haut ginn et an den USA Staten an deenen et verbueden ass d'Evolutiounstheorie ze léieren. Amplaz vun der Evolutiounstheorie gëtt den eemolege göttleche Kreatiounsakt geléiert, nodeem dann alles hannendrun esou bleift wéi et ass, an all Éiwegkeet.

Une voix.- Dat ass d'Fräiheet an den USA.

M. Aloyse Bisdorff *(déi Lénk).-* Doduerch, dass d'Jugend sech ëmmer wéineger wëllt der religiöser Indoktrinatioun ënnerwerfen, ass da schonn e Versuch gemaach ginn 1988, fir ze kucken, fir ze verhënneren, dass déi Dispens sollt kënnen ugewannt ginn. Dëse Versuch konnt awer ëmgaange ginn duerch eng Erklärung, dass déi Relioun zu där een erkläert ze gehéieren, net géing am Programm ugebuede ginn. Et war net erlaabt et aus philosophesch atheistesche Grënn ze maachen, dat ass net als Argument ugesi ginn.

Et huet een uginn, dass een un eppes gleeft, egal u wat. Et soll elo dës Dier zougemaach ginn. Obscho gesot gëtt, dass beim Cours d'instruction religieuse et morale net direkt festgehale gëtt, ëm wat fir eng Relioun et sech handelt, ass et awer gewosst, dass et sech ëm déi kathoulesch Relioun handelt. Eng vun den Ursaachen oder vun de Grënn, déi och ugefouert ginn, fir dës Dispensméiglechkeet vollstänneg ofzeschafen ass déi, dass gesot gëtt: „D'Zuel vun deenen, déi elo nach déi Hannerdier vun der Bestätegung zum Glawen un eng aner Relioun benotzen, misst elo och zougemaach ginn."

Et stellt ee fest, dass besonnesch bei den iewegte Klassen dee Wee ëmmer méi oft gaange gëtt, wann ee sech d'Zuel vun de Schüler ukuckt, déi d'Dispens ufroen, obschonn dat am Fong geholl moralesch vläicht net ëmmer onbedengt ze akzeptéieren ass, well et geet ee jo dovunner aus, dass et sech ëm eng Deklaratioun handelt, déi net onbedéngt mat der Wourecht zesummenhänkt. Et ass hei geschwat gi vu fënnef Prozent, mä wann een dat awer elo kuckt op d'Verdeelung op d'Klassen, da stellt ee Folgendes fest, dass et nëmmen 1,6% ass an deenen ënneschte Klassen; op der IIIe awer schonn 10,58% an op der IIe 18,15%. Dat ass och d'Ursaach, firwat elo versicht gëtt, dës Dier zou ze maachen.

Doduerch dass d'Jugend sech ëmmer wéineger wëllt religiös indoktrinéiere loossen - dat hunn ech jo elo scho gesot - gëtt elo versicht, deen heite Wee zou ze maachen. Obschonn de Cours net direkt seet, ëm wéi eng Relioun et sech handelt weess awer jiddfereen, dass et déi kathoulesch ass. Esou wéi den Här Ford an den zwanzeger Joren am Zesummenhang mat sengen Autoe gesot huet - déi jo alleguer ëmmer schwaarz ugestrach waren: „Dir kënnt all Faarf wielen, virausgesat et ass déi schwaarz."

A well d'Begeeschterung vun der Jugend fir déi religiös Indoktrinatioun net besonnesch grouss ass, kritt dëse Cours dann och nach de Koeffizient 1. Domadder gëtt bewierkt, dass de Schüler brav, gedëlleg, onkritesch iwwer sech ergoe léisst, wat en do gebuede kritt, an och demüteg dee Kabes erëmgëtt, fir vill Punkten ze kréien. Doduerch kann e seng Moyenne hiewen an e kann Defizitter an anere Fächer kompenséieren, wou et awer

bedeitend méi wichteg wär, e gudde Wëssensstand ze hunn.

Esou gesinn dréit déi Geschicht mat dem Koeffizient 1 souguer dozou bäi aner Fächer ze benodeelegen. De Koeffizient 1 steet awer net am Gesetz, mä e steet an engem Règlement grand-ducal, an domadder ass et jo och vill méi liicht méiglech, dee Koeffizient eventuell ze änneren, em nach méi en héicht Gewiicht ze ginn, wéi en et elo schonn an dëser Bedeitung huet.

Mat dësem Gesetz gëtt ouni Zweifel ee Verstouss géint d'europäesch Konventioun vun de Mënscherechter gemaach. Déi zukünfteg Veruerteelung vum Lëtzebuerger Stat wäert dann och net op sech waarde loossen. Dat léisst sech haaptsächlech begrënnen duerch déi ongläich Behandlung vun de Reliounen. Déijeeneg, déi an dem kathoulesche Reliounsunterrecht sinn, kréien deen offréiert während der Schoulzäit. Déi aner mussen ausserhalb vun der Schoulzäit eventuell hiren eegene Reliounsverflichtungen nogoen, awer gläichzäiteg deen anere Cours an der Schoul suivéieren.

Dat ass also eng ongläich Behandlung an duerfir seet de Statsrot a sengem minoritären Avis Folgendes - ech muss dat zitéieren, well dat an dëser Bezéiung onheemlech wichteg ass: „En conclusion, le Conseil d'Etat donne à considérer que l'abolition de la dispense du cours de formation morale et sociale et du cours d'instruction religieuse et morale dans l'enseignement secondaire et dans l'enseignement secondaire technique a pour conséquence dans la pratique actuelle d'obliger les parents d'élèves appartenant à une autre religion que la religion catholique, d'inscrire leurs enfants dans un cours éventuellement dispensé en dehors de l'enseignement public, organisé en dehors de leur horaire scolaire et obligatoirement dans les cours de formation morale et sociale.

Cette situation risque d'être discriminatoire à l'égard de ces enfants, qui pour pouvoir bénéficier d'un enseignement de leur religion doivent suivre deux cours dont un pendant leur loisir, alors que les enfants relevant de la religion catholique ne doivent suivre qu'un seul cours“, an et kënnt een dobäisetzen, während der Schoulzäit.

Allgemeng kann ee soen, Här President, dass d'CSV um Gebitt vun der religiöser Reconquista am Laf vun de Joren et ganz klug fäerdeg bruecht huet, fir Koalitiounspartner ëmmer virzeschécken. Dat war an den achtzeger Joren d'LSAP, déi déi éischt Aschränkung 1988 mat gedroen huet an déi d'Verankerung vum kathouleschen Unterrecht an der Primärschoul festgeschriwwen huet. Dat ass haut d'DP, déi elo dozou bäidréit, déi Aschränkung vun 1988 nach ze verschäerfen.

Dat ass ëmsou verwonnerlecher, well 1988 de schoulpolitesche Spriecher vun der DP, den Här René Hubsch, dee war, deen deemools eng Gesetzespropositioun abruecht huet, wou e grad dovunner ausgaangen ass, dass nëmmen een eenzege Cours sollt sinn, an zwar ee vun der Formation morale et sociale. Dat war déi offiziell Haltung vun der DP.

Une voix.- Jo.

M. Aloyse Bisdorff *(déi Lénk).-* Déi ass elo an d'Bréch gaangen. Mir bedaueren, datt dat esou geschitt ass, mä dat hätt kënnen de Wee sinn, fir an eng richteg Richtung ze goen. Duerfir bréngen ech an deem Sënn och een Amendement eran, dat den Artikel 48 vum Artikel 2 ewechléisst, fir dass dann nëmme méi ee Cours iwwreg bleift, deen dann an eise Schoule soll dispenséiert ginn.

Amendement 1

Article 1er

Les modifications suivantes sont effectuées:

– L'article 48 est retiré de la liste des articles à modifier.

– A l'article 49, qui devient le nouvel article 48, 2e alinéa, les termes „l'instruction religieuse et morale“ sont biffés.

Nouvel article 2

– Un nouvel article 2 est introduit, ainsi formulé: „L'article 48 de la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement, titre VI: de l'enseignement secondaire, est aboli.“

L'ancien article 2 devient l'article 3.

Article 4 (ancien article 3)

Cet article est ainsi modifié: „L'article 37 de la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue est aboli.“

Nouvel article 5

Un nouvel article 5 est introduit, ainsi formulé: A l'article 14, alinéa 1er de la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue les termes „un cours d'instruction religieuse et morale“ sont biffés.

Article 6 (ancien article 4)

Cet article est ainsi modifié: „Les nouveaux articles 14 et 37 entrent en vigueur ...“

(s.) M. Aloyse Bisdorff.

Ech hoffen, a well dat och d'Haltung vun der DP war, déi deemools 1988 ageholl ginn ass, dass se deen Amendement géingen ënnerstëtzen.

Dat géing keng Verzögerung bedeite vun dësem Gesetzesprojet, well ech erënneren: 1988 huet de Statsrot aus ville Grënn, déi en deemools och ugefouert huet, d'Dispens vum zweete Vote net ginn. D'Gesetz ass eréischt dat Joer dono a Kraaft getrueden, sou dass, wann en och hei elo d'Dispens vum zweete Vote net gëtt - wat an der Logik wär vu sengem Virgoen -, da wär et gutt méiglech, fir dësen Amendement mat eranzehuelen an domadder ee Gesetz ze maachen, dat den ideologesche Krich hei an eisem Land net géing erëm op d'Spëtzt dreiwen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Jean Asselborn agedroen. Den Här Asselborn huet d'Wuert.

M. Jean Asselborn *(LSAP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zënter 1968, also genee säit 34 Joer, huet ee Schüler am Enseignement secondaire a secondaire technique keng Note méi op d'Zensur kritt an der Relioun. Deemools hat an enger CSV-LSAP-Koalitioun ee CSV-Minister, den Här Jean Dupont, dës klug an zukunftsorientéiert Moossnam am Sënn vun der öffentlecher Lëtzebuerger Schoul geholl, eng öffentlech Schoul, déi, wéi mer wëssen, alles ënnerhuele muss, wat d'Kanner zesummebréngt, an alles verhënnere muss, wat d'Kanner dividéiert.

Lëtzebuerg war 1968 ee Land mat ville Katholiken an deem Sënn, dass eng grouss Majoritéit vun de Bierger zu Lëtzebuerg gedeeft ass an zur kathoulescher Kierch gehéieren.

Lëtzebuerg ass och 2002 ëmmer nach e Land mat ville Katholiken, och wann d'Influenz vun der kathoulescher Kierch haut anescht ass, jiddefalls anescht gelagert ass wéi virun 30 Joer.

Ech mengen net, dass ech deen Eenzegen am Land sinn, dee sech d'Fro stellt, firwat am Joer 2002 eng liberal Partei an eng liberal Unterrichtsministesch aus heiterem Himmel dëse Fortschrëtt vun 1968 an der öffentlecher Schoul an der Foulée vun dësem Gesetz brieche wëllen.

Ech verstinn net, dass eng Partei wéi d'Demokratesch Partei, déi sech liberal nennt, esou ee Salto no hanne schléit, zemools well de Koalitiounsprogramm dëst net virgesäit a well een ni och öffentlech d'CSV héieren huet zënter 1999 dëst ze fuerderen. Lëtzebuerg ass, wéi mer wëssen, eng ganz kleng Communautéit vu Leit, eng Communautéit, déi sonner Zweifel geprägt ass vun der kathoulescher Kierch a vun hirer Relioun. Mä Lëtzebuerg ass kee Land méi, wat mat Brieder zesummegeneelt ass, weder an der demographescher Zesummesetzung nach an der Mentalitéit vu senge Bierger. Mir hunn haut nach ëmmer eng dominant Relioun am Land, mä doniewent hu mer vill aner Reliounen a geeschteg Gemeinschaften, wann ech esou däerf soen, vill méi jiddefalls wéi 1968.

Reliounsfräiheet ass an der Siicht vun eiser Partei e Mënscherecht. Dat heescht, jidderee muss an enger Demokratie denken a gleewe kënne wéi seng Relioun et seet, oder denken, dass e mat Reliounen näischt wëllt ze dinn hunn. De Stat an eleng de Stat ass de Garant, dass dës Fräiheet ze gleewen oder anescht ze gleewen oder net ze gleewe respektéiert gëtt. Derniewent steet d'Flicht vum Stat ze garantéieren, dass seng Bierger, déi Jonk, déi an d'Gesellschaft eraliewen, eng optimal Bildung kréien. Dës Flicht ass, wéi mer wëssen, eng vun deene wichtegsten Aufgaben, déi all Stat huet. Dofir ass am leschte Jorhonnert a speziell 1912 e Schoulgesetz gestëmmt ginn, wou d'öffentlech Schoul aus der Mainmise vum Klerus befreit ginn ass an dem Stat ënnerstallt gouf. Deemools ass am Land e Ruck duerch d'Gesellschaft gaangen. D'Mentalitéiten hu sech geännert. Et huet zwar nach méi wéi en halleft Jorhonnert gedauert, mä ëmmer méi ass d'Asiicht komm, dass Relioun a Kierch engersäits, Stat an Demokratie anersäits, zwou verschidden, ganz verschidde Saache sinn, an dass de Glawen un ee Gott, u religiéis Ziler a Weeër näischt ze dinn huet mat de Regelen, déi am Stat d'Demokratie ze garantéieren hunn.

Wann also Reliounsfräiheet e Mënscherecht ass, da kann dat Mënscherecht allerdings nëmmen ofgeséchert sinn, wann d'Demokratie och fonctionnéiert. An enger Diktatur oder an enger verzerrter Demokratie gëtt et keng Reliounsfräiheet. Näischt ass méi wichteg fir d'Kontinuitéit vun der Demokratie wéi eng zolidd Schoulausbildung vun de Bierger.

Als Buergermeeschter erlaben ech mir ganz schematesch ee Beispill an deem Kontext ze zitéieren, dat weist, wou d'Grenze vun der Reliounsfräiheet gelagert sinn.

Elteren aus eiser Gemeng Stengefort, déi der Kierch vun den Adventiste vum siwenten Dag ugehéieren, hunn hirem Fiss verbueden, fir samschdes an d'Schoul ze goen, well déi adventistesch Relioun vum siwenten Dag verbitt, samschdes ze schaffen oder eng iergendwellech Aktivitéit ze maachen.

Als Gemeng Stengefort hu mer nee gesot, och allen zoustännegen Instanze vun der Gemeng, mam Argument, dass eis Verfassung seet, dass d'Primärschoul obligatoresch ass. D'Lëtzebuerger Geriichter, och d'Stroossbuerger Geriichter hunn eis Recht ginn. Et war dëst eng wichteg Entscheedung fir d'öffentlech Schoul.

Wann ech hei e wéineg aushuelen, dann ass et fir ze verdäitlechen, dass een net soll an net däerf an der Politik mam Feier an der Fro vun der Relioun am Kontext vun der öffentlecher Schoul spillen. Et ass séier ee Broch am Damm entstanen, wann een oprappt anstatt weider opzebauen am Interesse vun der öffentlecher Schoul, also där Plaz, wou déi jonk Leit, ech betounen zesummen hir Educatioun kréien an zesummen an d'Gesellschaft erawuessen.

D'Gefor, déi méi oder wéineger latent an der Essenz vun dësem Projet drastécht, ass am Avis vum Conseil d'Etat enthalen: „Le Conseil d'Etat voudrait relever que tout le texte du projet se réfère à un cours d'instruction religieuse et morale sans préciser qu'il s'agit en l'occurrence d'une confession bien déterminée, à savoir le culte catholique. Dès lors l'organisation de cours d'enseignement religieux propres à d'autres cultes reconnus par la loi mériterait d'être examinée.“

Dës Interpretatioun, Dir Dammen an Dir Hären, vum Conseil d'Etat, ass, a mengen Aen, net falsch. Et ass ee Wénk mat der Scheierpaart, fir aner Relioune ënnert deene selwechte Bedingungen an d'öffentlech Schoul

eranzekréien. Ass dat wierklech gewollt? Wa jo, dann huet dës CSV-DP-Koalitioun gutt geschafft. Da konfrontéiere mer d'Schoul mat Schwieregkeeten, déi se bestëmmt net néideg ass. Keen däerft et besser wësse wéi déi heiteg Erzéiungsministesch an och wéi déi viregt, dass d'Lëtzebuerger Land aner Erausfuerderungen unzehuelen huet wéi eng Diskussioun, iwwer wéi a wéi vill Reliounen an eiser Schoul, a prezis am Schoulprogramm, also an der Schoulzäit sollen, däerfen a mussen agebonne ginn.

Dës Diskussioun kann all Moment op d'Lëtzebuerger Schoul zoukommen. Aner Relioune wäerten hiert Recht ze siche wëssen. Ier dës Regierung mat enger Liichtfankegkeet ounigläichen eis Schoul mat enger Hypothéik beleet, déi wéi doe kann, wëll ech virun dësem Vote virschloen, nach eng Kéier Loft ze huelen an nozedenken, ier d'Chamber sech entscheet.

Wat geschitt eigentlech mat dësem Text?

Schüler kënne mat Hëllef vun der kathoulescher Relioun hir Moyenne verbesseren. „Pour compenser des notes légèrement insuffisantes dans d'autres branches“, seet de Conseil d'Etat, an dat ass richteg.

Setze mer eis also eemol an d'Haut vun engem jonke Mënsch, deen doheem eng Educatioun kritt, déi entweder reliounsneutral ass oder op enger anerer Relioun berout wéi där kathoulescher Relioun. Dëse jonke Mënsch gesäit, dass seng Frëndin oder säi Kolleeg duerch d'kathoulesch Relioun an der Schoul Avantagë kritt. Doduerch gëtt just dat provozéiert, wat d'Schoul évitéiere muss, nämlech déi jonk Leit ze splécken a Saache religiös Astellung. Doduerch gëtt de Prinzip vun der Chancëgläichheet an der öffentlecher Schoul mat Féiss gerannt. Wat entsteet? Den Enseignement moral et social gëtt nach méi vun de Schüler gemieden, well se dervun ausginn, dass, wa se sech an de Reliounscours mellen, hinne merci gesot gëtt doduerch, dass se gutt Nummere kréien. Den Enseignement moral et social verléiert un Interessen, anstatt dass soll de Géigendeel geschéien.

D'Autoritéit vum Enseignant an deem Cours gëtt heimat net verbessert, well och hei héich Notë Flicht ginn, fir dass iwwerhaapt Interesse besteet. Wann d'Ursaach vun dësem Gesetz d'Verbesserung vum Cours vum Enseignement moral et social war, dann hätt een och solle konsequent sinn, Mme Brasseur, an dësem Cours eleng e Koeffizient 1 ginn, ouni mat der Schoul ze spillen.

Am Avis séparé vum Conseil d'Etat gëtt an e puer Sätz dat Wesentlechst zu dësem Gesetz widderholl:

Éischtens d'Grondwäerter vun eiser Gesellschaft musse selbstverständlech an alle Fächer erëmzefanne sinn, mä et mécht Sënn, an engem spezifesche Cours méi geziilt drop anzegoen.

Zweetens, d'Programmer an d'Formatioun vun den Enseignante vum Sozial- a Moralunterricht solle perfektionéiert ginn.

Drëttens, fir all Diskriminatioun vun de Schülerinnen a vun de Schüler ze verhënneren, sollt an der öffentlecher Schoul een enezege Cours vu Formation morale et sociale ofgehale ginn, ee Cours, deen op de groussen Theme vun der Déclaration universelle des Droits de l'Homme a vun de Grondrechter vun der Demokratie baséiert ass.

Dëser Positioun hunn ech am Numm vun der LSAP am Fong geholl näischt bäizefügen. Si ass déi eenzeg richteg.

Niewent dësem Cours, engem Cours, deen duerchaus och als Regelcours sollt behandelt ginn, wéi den Här Garcia dat hei ganz gutt explizéiert huet, mat engem Koeffizient, dee souguer méi wéi 1 ka sinn, sollen all Reliounen, déi kathoulesch wéi déi aner, hir Doktrin kënnen ausserhalb vun der Schoulzäit selbstverständlech enseignéieren.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Demokratesch Partei ass, wéi mer wëssen, 1999 an dës Regierung agezu mat dräi schéine Wierder: Dialog, Transparenz a Stil.

Nu virgëschter a gëschter huet d'DP ze héieren a verdäitlecht kritt, wéi d'Enseignanten an d'Chargéen hei virun der Chamber protestéiert hunn, dass déi fett Joren definitiv eriwwer sinn. „Allez les bleus“, dat ass just nach eng flott Erënnerung un Zäiten, déi emol eng Kéier waren. Dialog, Transparenz a Stil, just eidel Sproochblose ware se. Fiktiv an de Raum gestallt si se ginn, mä haut kënne se gemooss ginn no der konkreter Politik à la DP.

D'DP ass och 1999, wéi mer eis erënnere kënnen, an d'Regierung agetruede mam selwer geprägten Image, d'Land ze moderniséieren, neie Wand iwwerall blosen ze dinn. Haut musse se sech d'Feststellung gefale loossen, dass se mat dësem Gesetz, wou se d'Geschicht vun der Zäit hannertzeg dréinen, e Bild ofginn, dat alles anescht wéi zukunftsorientéiert ass. An dee grousse Reproche, deen een der Demokratescher Partei maache muss, ass deen, dass se net emol mat engem Yota probéiert hunn, eng Diskussioun unzekierpen iwwer eng aner Léisung wéi déi, déi haut virläit, iwwer eng Léisung, déi am Avis séparé vum Conseil d'Etat ugeschnidde ginn ass. Déi huet se komplett ignoréiert. Ech wëll hei net mat mengem Kolleeg Gast Gibéryen polemiséieren. Dofir ass dat Gesetz hei vill zevill seriö. Ech wëll just soen, dass 1998, Här Gibéryen, d'Positioun vun der LSAP an och déi Diskussioun eng ganz aner war. Eis Positioun war 1998 ganz klor déi, mat där mer an d'Wahlen eragaange sinn, dass mer wëllen ee generelle Cours hunn an dass d'Relioun soll ausserhalb vun der Schoul enseignéiert ginn.

Mir haten 1994 an de Koalitiounsverhandlungen de Choix, entweder soll näischt geschéien oder mer solle kucken, dass mer eppes un d'Bougéiere kréien. An de Koalitiounsverhandlunge vun 1994 hu mer et fäerdeg bruecht, mat der CSV ze verhandelen an ze soen, dass d'Reliounsstonne vun 3 op 2 erofginn, a mir hunn d'Verallgemengerung vum Moral- a Sozialunterricht an

der Primärschoul duerchgesat. Positives huet bougéiert. D'Rad vun der Geschicht hu mir net zréckgedréint, mir hunn et vijenzeg gedréint. Mir ware géint d'Ofschafe vun der Dispens deemools 1998 am Secondaire a mir hunn eis do duerchgesat. Mir waren och dergéint, dass d'Relioun am Secondaire e Koeffizient kritt. Mir waren och 1998 erfollegräich. Mir hunn d'CSV do net gewäerde gelooss.

Nun d'DP, eng liberal Partei, wéi se ëmmer seet a wéi se sech duerstellt, eng Partei, déi haut den Educatiounsminister huet, suergt derfir, dass eist Educatiounswiesen no hannen anstatt no vijenzeg kuckt. Eng Regierungskoalitioun erfuerdert selbstverständlech e permanent Entgéintkomme vun ënnerschiddleche Positiounen, mä kee konnt och nëmmen e Schied vun enger anerer Positioun vun der Demokratescher Partei, der liberaler Partei, op dësem Punkt gesinn. Eigentlech onverständlech!

Fir dass alles klor ass iwwer eis Positioun, bréngen ech am Numm vun eiser Partei een Amendement an, deen de Cours d'enseignement moral et social als obligatoresche Cours am Enseignement secondaire an am Enseignement secondaire technique aféiert, e Cours, wou iwwer all d'Reliounen, iwwert d'Mënscherechter a Grondwäerter enseignéiert gëtt. Dëst Gesetz ass e schlecht Gesetz. Et ass e Gesetz, dat géint d'Intérête geet vun der öffentlecher Schoul an dofir stëmme mer dergéint.

Ech soen lech merci.

Amendement 2

Amendements du Groupe parlementaire socialiste

Exposé des motifs

L'école publique doit rassembler et non pas séparer. Elle doit aussi veiller à ce qu'aucun élève ne soit discriminé par son fonctionnement.

Or, le projet de loi sous rubrique tel que proposé par le Gouvernement, et plus particulièrement les articles relatifs à la formation de valeurs, apportera une discrimination des élèves n'appartenant au seul culte ayant le privilège d'organiser son instruction dans le cadre de l'école publique.

Dans son avis séparé, le Conseil d'Etat analyse les questions touchant à l'enseignement de valeurs en se basant sur des textes juridiques fondamentaux, tels que la Convention européenne des Droits de l'Homme. Il arrive à la conclusion que le texte du «projet de loi ne correspond pas aux principes fondamentaux de l'école publique au sein de laquelle le principe de non-discrimination doit être pleinement respecté». Pour éviter toute discrimination, il propose d'organiser un seul cours unique et obligatoire pour tous les élèves fréquentant un établissement d'enseignement public. Toute instruction religieuse devrait être organisée en dehors de l'école publique.

Selon l'avis séparé du Conseil d'Etat, ce cours unique «à la formation à la dimension morale et sociale» devrait être «basé sur les grands thèmes de la Déclaration universelle des Droits de l'Homme et les valeurs fondamentales qui sont à la base du consensus social et démocratique existant» qui «pourrait s'adresser à l'ensemble des élèves quelle que soit leur provenance culturelle ou leur croyance religieuse».

Le groupe parlementaire socialiste propose dès lors de modifier les dispositions relatives à la formation morale et sociale du projet de loi sous rubrique en adoptant les présents amendements.

Texte et commentaire des amendements

Amendement 1:

Le texte de l'article 1er du présent projet de loi et portant modification à l'article 48 de la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement, titre VI: de l'enseignement secondaire, est modifié comme suit:

«Art. 48.- L'enseignement secondaire comporte un cours de formation morale et sociale basé sur les grands thèmes de la Déclaration universelle des Droits de l'Homme et les valeurs fondamentales qui est obligatoire pour tous les élèves.

Un règlement grand-ducal, à prendre sur avis du Conseil d'Etat, l'avis du Conseil national de la formation morale et sociale ayant été demandé, détermine les lignes directrices du programme et l'organisation du cours de formation morale et sociale. Le même règlement organise la formation des enseignants chargés de ce cours. La durée et le nombre des leçons hebdomadaires sont fixés, le Conseil national de la formation morale et sociale entendu en son avis, par les règlements grand-ducaux prévus à l'article 49.»

Amendement 2:

L'article 3 du projet de loi sous rubrique est modifié comme suit :

«Art. 3.- L'article 37 de la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue est modifié comme suit:

«Art. 37.- L'enseignement secondaire technique comporte un cours de formation morale et sociale basé sur les grands thèmes de la Déclaration universelle des Droits de l'Homme et les valeurs fondamentales qui est obligatoire pour tous les élèves.

Un règlement grand-ducal à prendre sur avis du Conseil d'Etat, l'avis du Conseil national de la formation morale et sociale ayant été demandé, détermine les lignes directrices du programme et l'organisation du cours de formation morale et sociale.

Le même règlement organise la formation des enseignants chargés de ce cours. La durée et le nombre des leçons hebdomadaires sont fixés, le Conseil national de

la formation morale et sociale entendu en son avis, par les règlements grand-ducaux prévus à l'article 28.»

Amendement 3:

Dans le texte de l'article 1er du présent projet de loi et portant modification à l'article 49 de la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement, titre VI: de l'enseignement secondaire, toute référence à l'instruction religieuse et morale est biffée.

Commentaire des amendements:

Les amendements ont pour but d'introduire dans l'école publique un seul cours de formation éthique et civique obligatoire pour tous les élèves fréquentant un établissement d'enseignement secondaire et secondaire technique, tel que proposé par le Conseil d'Etat dans son avis séparé.

(s.) Jean Asselborn, Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err, Jos Scheuer, Marc Zanussi.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, losst mech vläicht am Virfeld vu menger Interventioun dräi kuerz Remarquë maachen. Déi eng ass: Wann ee gemengt hätt, dëst Gesetz géif Ulass ginn fir gewëssen Orateuren, fir politesch Kapital aus dëser Reform erauszeschloen, dann ass dat net de Fall gewiescht. Ech mengen, ausser deene puer méi polemesche Wierder, déi mäi Virriedner gebraucht huet, muss een awer soen, dass, och wa sech Differenzen hei bemierkbar gemaach hunn tëschent deene verschiddene Fraktiounen, déi Diskussioun sachlech hei ofgelaf ass, an dass ech déi Virriedner alleguerten och am Numm vun eiser Fraktioun dofir ganz häerzlech felicitéiere wéilt.

Dat Zweet ass, dass méi den Akzent bei dëser Reform geluegt ginn ass op déi méi weltanschaulech, philosophesch an ideologesch Differenzen, déi et tëschent deene verschiddene Fraktiounen an och deene verschiddene Parteie gëtt.

Dat Drëtt ass, dass ech och ganz besonnesch der Educatiounsministesch, d'Mme Brasseur, vun eis aus félicitéiere wëll, och fir déi vill an onzähleg Consultatiounen, déi se am Virfeld gefouert huet vun dëser Reform, an am Virfeld vun dësem Text, dee mer haut hei virleien hunn.

Här President, mir alleguer heibanne sinn ëmmer schnell do, fir eis iwwer e gewëssene Wäertverloscht hei an do ze bekloen. Wäerter kënne mer seltenst kloer agrenzen; mir kënne se och net moossen. Mir wëssen anscheinend awer ëmmer, wa se net genuch zum Droe kommen. Ëmmer dann, wann eppes net esou leeft wéi normal, wann zum Beispill zu Erfurt e Schüler Amok leeft, wa wéi zu New York den 11. September den internationalen Terrorismus zouschléit a wann am Nahen Osten eng Bomm an d'Luucht geet, wann Onschëlleger hiert Liewe loossen, ëmmer da schwätze mer schnell vu Wäerter, an, an engem Otemzug awer och vu Wäertverloschter.

D'Relioune vermëttelen där Wäerter, vun deene mir soen, dass se wichteg sinn fir eist alldeeglecht Zesummeliewen; awer net nëmme si. Et gëtt niewent de Reliounen nach vill aner Acteuren, déi allgemeng gülteg Wäerter vermëttelen, Wäerter, déi niewent de Gesetzer den Zesummenhalt vun enger Gesellschaft, jo souguer e wichtegen Deel vun hirer Kultur, ausmaachen. „Jede Gesellschaft braucht Bindungen. Ohne Regeln, ohne Tradition, ohne Konsens über Verhaltensnormen kann kein Gemeinwesen entstehen.“, huet d'Marion Gräfin Dönhoff eemol geschriwwen. Mat Recht, wéi mir mengen.

Och an der Schoul mussen dës allgemeng gülteg Wäerter, dës Regelen a Bindunge vermëttelt ginn, an dat ganz besonnesch haut, an enger Zäit, wou déi Wäerter vu munchen a Fro gestallt ginn. D'Schoul huet an eisen Aen e ganz anere Stellewäert kritt an där Wäertvermëttlung, well d'Schoul u sech och e ganz anere Stellewäert kritt huet an eiser Gesellschaft. Et si leider manner oft d'Familljen an et ass nun eemol méi oft d'Schoul, déi dës Wäerter muss vermëttelen: Toleranz, Respekt ee vis-à-vis vun deem aneren, d'Liewen a Fridden a Fräiheet sinn där Wäerter, déi mir ëmmer erëm evoquéieren, déi eis Gesellschaft zesummenhalen, an op déi och Europa opgebaut ass.

Mat därselwechter Toleranz soll ee ganz sécher och der Kierch begéinen. Mir sollten och deen Débat haut hei an der Chamber mat därselwechter Toleranz ee vis-à-vis vun deem anere féieren.

Ech deelen déi Argumenter vun de sozialistesche Kolleegen zur Ofschafung vun der Dispens an der Aféierung vun dem Koeffizient ganz a guer net. Ech deele se ëm sou manner, well mer wëssen, datt grouss sozialistesch Leaderen, déi, déi d'sozialistesch Parteien an Europa zesumme mam Här Asselborn haut jo sou vermëssen, sozialistesch, oder besser gesot sozialdemokratesch Leaderen - wéi zum Beispill den Helmut Schmidt - d'Kierch an hire Rôle an der Gesellschaft anescht gesinn wéi d'LSAP, oder soll ech soen: se méi nuancéiert gesinn. A sengem Buch „Auf der Suche nach einer öffentlichen Moral“ huet den Helmut Schmidt Folgendes geschriwwen - ech zitéieren: „Die Kirchen müssen Gegengewichte setzen gegen die Tendenzen zum moralischen Verfall unserer Gesellschaft. (…) Deshalb müssen die Kirchenleute Beispiele geben, sie sollen uns Laien zu Beispielen ermutigen. Sie sollen uns als Volkskirche Seelsorge und Trost geben. Sie sollen uns Barmherzigkeit und Solidarität lehren gegenüber den Benachteiligten, den Schwachen, Kranken und Armen (…) Auch im 21. Jahrhundert werden die Kirchen gebraucht.“ Et géif een net mengen, datt dat vum Helmut Schmidt wär.

Dat, Här President, sinn also net Wierder aus dem Mond vun engem chrëschtlech-konservative Politiker, mä déi vun engem international unerkannte Sozialdemokrat, vun engem fréiere Leader vum europäesche Sozialismus.

(Interruption)

Dat si jo och Leit.

Ech géif mir op alle Fall wënschen, wann och déi lëtzebuergesch Sozialiste mat deeneselwechten Nuancë géingen un déi Problematik erugoen, an net alles um Altor vun enger falsch verstanener Ideologie an engem falsch ze verstoenden Antiklerikalismus géifen afferen.

(Interruptions)

Dofir sinn ech iwwerzeegt, datt et richteg ass, dass grad op Wäertvermëttlung an der Schoul,…

(Interruptions)

…sief et am Reliounsunterrecht, an der Morale laïque oder awer an anere Coursen den Akzent geluegt gëtt. D'Demokratesch Partei steet op alle Fall zu deem, wat si 1999 an hirem Wahlprogramm gesot a geschriwwen huet - ech zitéieren: „Die DP kennt die Tatsache an, dass religiöse Werte zu unseren Traditionen gehören. Wir sind der Überzeugung, dass die Vermittlung moralischer Werte zu den Hauptfächern einer freien, öffentlichen Schule gehört. Daher werden wir dem allgemeinnützigen Moralunterricht Mittel geben, sodass er als echte Alternative zur Glaubenserziehung bestehen kann."

Mir ginn duerch dës Reform dem Moralunterrecht déi Mëttel, fir datt en zu enger echter Alternativ zur Relioun ka ginn. Domadder gi mir jo dann och de Sozialiste Recht, déi selwer an hirem Wahlprogramm stolz geschriwwen haten, datt ëmmer méi Kanner an den neutralen Ethikunterrecht géinge goen, an dobai hu si nach Folgendes gefuerdert - ech zitéiere si och: „Die Qualität des Ethikunterrichts im Primär- aber auch im Sekundarunterricht muss abgesichert werden, indem ausschliesslich qualifiziertes Lehrpersonal mit dem Ethikunterricht betraut und gutes Lehrmaterial zur Verfügung gestellt wird."

Dat ass genau dat, wat d'Bildungsministesch lo mécht, a wat dës Regierung sech virgeholl huet. Den Ethikunterrecht kritt e seriöe Programm an et gëtt domadder also ëmgesat, wat an der Regierungserklärung vum 12. August 1999 stoung, wou et geheescht huet - ech zitéieren och dat: „Conscient que la transmission de valeurs fait partie intégrante de la mission des écoles, le Gouvernement prendra des mesures nécessaires pour améliorer sensiblement la qualité de l'enseignement moral et social, notamment en matière de formation et de qualification des enseignants. Dès lors, et à partir de la rentrée scolaire 2002/2003, la possibilité d'être dispensé dans l'enseignement postprimaire des cours de formation - morale et sociale et des cours d'enseignement religieux sera supprimée."

De Conseil d'Etat huet an engem seltenen Akt zwee ënnerschiddlech Avisen zu dësem Aspekt vun der Reform ginn, wat awer u sech keen Novum ass a senger Geschicht, also an der Geschicht vum Conseil d'Etat, besonnesch, wat dës Fro ubelaangt. Et ass awer en Akt, deen ech net deelen, well de Conseil d'Etat sech hei selwer zum Spillball vun der Politik mécht, wat esou enger Institutioun a mengen Aen awer net gerecht gëtt. Dofir wëll ech och weider net op dësen Avis agoen.

Här President, erlaabt mir, méi no op d'Dispens anzegoen, fir déi mir schonns an der Vergaangenheet deen een oder anere Glawenskrich an dësem Haus gefouert hunn.

Ech si fundamental der Meenung, datt an der Schoul gewësse Grondwäerter musse vermëttelt ginn. Dofir mengen ech och, dass d'Dispens zu eiser heiteger Zäit net méi sënnvoll ass, well se justement net zu der Wäertvermëttlung bäidréit.

A mengen Aen ass d'Dispens och net méi dat Symbol vu Fräiheet an der Schoul, dat den Här Fayot vläicht nach 1988 an hir gesinn huet - ech zitéieren en: „D'LSAP huet an de Koalitiounsverhandlungen, wéi dat jo och hei rappeléiert ginn ass, sech dogéint gewiert, dass d'Dispens géing ofgeschaaft ginn, well mer gemengt hunn, dass déi Dispens effektiv en Element vu Fräiheet an onser Schoul wär, besonnesch an där Situatioun, wou mer 1984 mam Cours de morale laïque waren, a wou mer lo zum Deel nach sinn, wou eben dee Cours de morale laïque, esou wéi mer et wëssen, eng ganz Partie Mängel opgewisen huet …" An da geet et nach virun. Dat huet den Här Fayot den 21. Juli 1988 gesot.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Dofir, Här Rippinger, hunn ech mech jo enthale bei der Ofschafung vun der Dispens. Dat misst Der dann och dobäi soen.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- D'Dispens ass vläicht deemools als Element vu Fräiheet gesi ginn, mä iwwert déi ideologesch Diskussioune sollte mir haut - mengen ech - eraus sinn. Eist ganz Schoul sollt d'Fräiheet verkierperen, de fräidenkende Mënsch an enger fräier Gesellschaft. Fräiheet halen an erhalen heescht och, Wäerter weidervermëttelen. Zu dëser Konklusioun sinn iwwregens d'CSV an d'LSAP 1998 komm, wéi si am Enseignement primaire d'Dispens ofgeschaf hunn, an zwar mat folgendem Argument - ech zitéieren: „En 1912, la législation avait prévu la possibilité d'une dispense de fréquentation des cours de religion pour les élèves sur la déclaration écrite du père ou du tuteur. Dorénavant l'élève aura le choix entre les cours de formation morale et sociale et celui de la formation religieuse et morale. L'introduction générale d'un cours d'éthique confessionnellement neutre, basé sur les principes universellement reconnus des droits de l'homme et de ceux de l'enfant, rend d'ailleurs obsolète la dispense prévue à l'article 26, alinéa 6 de la loi modifiée de 1912…"

Den Här Asselborn huet dëst Gesetz, dat mer zesummen hei an der Chamber mat de Konventiounen mat deene véier groussen unerkannte Kierchen de 17. Juni 1997 gestëmmt hunn, deemools hei an der Chamber verteidegt, an en hat kee Problem domadder, datt d'Dispens, d'Symbol vun enger fräier Schoul, wéi den Här Fayot deemools sot, ofgeschaaft géif ginn.

Ech muss allerdéngs soen, dass mir eis deemools enthalen hunn, béi deem Gesetz, awer wann Der dat noliest,

wat ech deemools am Numm vun eiser Fraktioun gesot hunn, da war dat aus reng verfassungsrechtleche Grënn. Dat war d'Ursaach, firwat d'DP sech bei deene véier Konventiounen enthalen huet. Dir kënnt d'Grënn, déi ugefouert gi sinn, jo noliesen.

(Interruption et hilarité)

Den Här Asselborn huet awer - a well e jo lo erëm intervenéiert huet, kann ech e jo nach eng Kéier zitéieren - deemools och e Saz gesot, deen ech gären nach eng Kéier hei ervirruffen: „D'Relioun an der Schoul oder an der Kierch kann och net, mengen ech, op Dauer e reng parteipolitesche Problem hei zu Lëtzebuerg bleiwen." Dat war de 17. Juni 1998. Et ass also nach net esou laang hier.

(Interruption)

Domat huet den Här Asselborn Recht. Ech ginn em och ausdrécklech Recht an deelen déi Aschätzung. E seet awer och doduercher, datt d'Relioun an der Schoul op d'mannst haut nach e parteipolitesche Problem ass, an awer kee sachlechen, inhaltleche Problem. Dofir solle mir a mengen Aen ophalen, op dësem Punkt hei onnéideg ideologesch Kämpf ze féieren, déi eis alleguerten an am meeschten d'Schoul net weiderbréngen.

Och d'Sozialisten hunn Intérêt dorunner, datt erëm Wäerter, sief et chrëschtlecher oder sief et déi allgemeng Wäerter, an der Schoul vermëttelt ginn, Wäerter, vun deenen och si wëssen, datt si de Kitt vun eiser Gesellschaft sinn.

(Interruption)

Dës Wäerter sinn esouguer méi wéi e Kitt, jo si schützen eis Gesellschaft virun de Geforen, déi am 20. Joerhonnert Europa an d'Welt zweemol an den Ofgrond gestierzt hunn.

Ech sinn dofir besonnesch frou, datt d'Educatiounsministesch de Courage hat, dës Reform an deem Esprit unzegoen. Si wollt eppes fir d'Wäertvermëttlung an der Schoul maachen, si wollt net e Beitrag zu iergendenger bëlleger Polemik iwwert d'Trennung vu Kierch a Stat maachen. Dës Reform huet si am Respekt vun de Suerge vun eisem Koalitiounspartner gemaach. Toleranz a Fairness muss eben och op dësem Niveau vun der Politik gëllen.

(Interruption)

Fir d'Demokratesch Partei op alle Fall gëllt dat do.

Mir hätten näischt geännert a virun allem näischt verbessert fir d'Schüler hei am Land, wa mir parteipolitesch Interessen, vun deene virdrun esou vill geschwat ginn ass, an de Vierdergrond gestallt hätten.

Elo gëtt d'Formatioun vun den Enseignanten an den Inhalt vun de Coursen däraarteg verbessert, datt ech mengen, datt mer mat dëser Reform e gudden an e richtege Schratt an déi richteg Richtung gemaach hunn, an datt ech mengen, datt dës Reform inhaltlech sou vill bréngt, datt ee mat guddem Gewëssen och kann d'Dispens am Secondaire ofschafen.

Ech fannen et och richteg, datt e Koeffizient 1 fir d'Morale laïque an och fir d'Relioun agefouert gëtt. Och am Turne besteet bis haut e Koeffizient 1.

(Interruptions)

Firwat also net an dem Reliouns- oder dem Moralunterrecht?

M. Jos Scheuer *(LSAP).-* Deen, deen un den Härgott gleeft, kritt de Koeffizient vun engem, deen zwielef op 100 Meter leeft;…

(Interruptions)

…de Reliounsunterrecht kritt also de Koeffizient vum Sportscours.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).-* Här President, sans commentaire. D'Aféierung vun engem Koeffizient 1 ass an eisen Ae ganz wuel e wichtegt Signal nobaussen, e Signal un d'Gesellschaft dofir, datt d'Wäerter an der Schoul grouss geschriwwe ginn.

D'Gefor vun der reliéiser Indoktrinatioun an der Schoul, wéi se verschiddentlech a leschter Zäit ënnerschwelleg an der Öffentlechkeet gezeechent gouf, ass a mengen Aen net ginn, och net andeem mer de Koeffizient 1 aféieren. Et kënnt also zu kenger neier Well vu reliéiser Indoktrinatioun. Et muss een einfach seriö bleiwen a sech mol ukucken, wat an dëse Coursen inhaltlech vermëttelt gëtt. Och am Reliounsfach gëtt net méi, wéi dat vlaicht fréier emol zu eiser Zäit de Fall war, de Glawe mat Nodrock vermëttelt, mä éischter déi chrëschtlech Wäerter. Dofir ass déi Gefor, déi d'Leit vläicht nach 1912 gesinn hunn an enger Zäit, déi sech wesentlech vun eiser Zäit haut ënnerscheet huet, einfach net méi ginn. Dofir sinn och déi ideologesch, parteipolitesch geprägte Glawenskricher total iwwerflëssig, jo schonns esouguer bal anachronistesch.

Ech hunn näischt dogéint, wann deen ee fir d'Trennung vu Kierch a Stat antrëtt, a wann deen anere fir d'Trennung vu Relioun a Schoul antrëtt. A sech wier eng Minoritéit vum Conseil d'Etat fir e Cours de morale unique. Dës Reform verspäert eis de Wee nu wierklech net, fir weder an déi eng nach an déi aner Richtung ze goen. Dofir, wa sech mol zu Lëtzebuerg e Konsens sollt erausschielen fir d'Aféierung vun engem eenzege Moralunterrecht, kënnen déijéineg, déi dës Reform duerchzéien, wéinstens op e gutt Fundament zréckgräifen, dat mir hinnen duerch dës Reform hannerlooss hunn.

Deemno, Här President, wëll ech vun dëser Plaz aus confirméieren, dass meng Fraktioun selbstverständlech dëse Projet de loi ënnerstëtze wäert.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Mme Erzéiungsminister Anne Brasseur.

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll alle Riedner villmools merci soen, déi hei un dëser Diskussioun sech bedeelegt hunn, a fir d'éischt der Mme Rapporteur merci soen, der Mme Durdu, déi als Presidentin vun der Educatiounskommissioun hei an der Chamber wierklech dofir gesuergt huet, dass mer eng sachlech a fair Diskussioun kruten, well dat net evident war, an et ass och der gudder Présidence vun der Mme Durdu ze verdanken, dass mer dat konnte maachen.

Allerdéngs ass dat och geschitt, well déi aner Membre vun der Kommissioun sech un där sachlecher Diskussioun bedeelegt hunn. Mir haten och hei am Plenum e Reflet dovun. Dofir jiddferengem e ganz grousse Merci.

Bei dësem Projet de loi gi verschidden Ännerungen duerchgezunn. D'Haaptännerung ass déi, dass et zu enger Reform vun der Division supérieure kënnt, dat heescht vu 4e bis op 1re vum Enseignement classique, an déi Ännerung ass an der Diskussioun an den Hannergrond geroden. Et ass vun engem Riedner hei gesot ginn, am Fong hätt een net däerfen ee Projet maachen, mä et hätt een der missen zwee maachen, well de Projet iwwert d'Dispens näischt mat der Reform vun der Division supérieure ze dinn hätt. Et huet domat ze dinn, well mir hunn e Règlement grand-ducal bäigeluegt, wou déi ganz Grille horaire dran ass an d'Koeffiziente virgesi sinn. An dat ass e Ganzt. Ech mengen, et wier net gutt gewiescht, wann een dat a Stécker zerrappt hätt an dat net an der Chamber als e Ganzt présentéiert hätt. Dofir huet d'Regierung de Choix getraff, dat doten an engem Projet ze maachen.

Iwwert d'Reform vun der Division supérieure sinn hei verschidde Wuertmeldunge gewiescht, mä déi meescht hu sech och domat d'accord erkläert. De Conseil d'Etat huet dat iwwregens och ervirgestrach a sengem Avis - an dat waren déi zwou Fraktiounen, wann een dat am Zesummenhank vum Conseil d'Etat sou soe kann - a sengem Avis commun also vun deenen zwou Sensibilitéiten…

(Interruption)

Eng Fraktioun muss jo net onbedéngt parteipolitesch gebonne sinn.

De Conseil d'Etat seet - ech zitéieren: „Le Conseil d'Etat peut souscrire aux grandes orientations de ces arguments et modifications dans la mesure où il peut déceler une pondération sage et équilibrée dans l'approche.“ Dat resuméiert ganz gutt, wéi d'Reform vun der Division supérieure ugesi gëtt vun allen Acteuren. Et ass awer net esou einfach gewiescht, fir op dee Wee ze kommen. Et gëtt oft vergiess, dass deem ganz vill a laang Consultatiounen an Diskussioune virausgaange sinn.

Ech hat mat enger ganzer Rei Leit Rieds an engem Grupp d'accompagnement. Ech sinn virun d'Programmkommissioune gaangen. Jiddferee war mat der Finalitéit vu där Reform d'accord. Dat heescht also d'accord, op 4e eng année de consolidation et d'orientation ze maachen, an d'Spezialisatioun op 3e unzefänken. Net, well jiddferee gemengt huet, et misst dann nach méi spezifesch éduquéiert ginn, well de But vun dem Enseignement secondaire classique ass awer nach ëmmer deen, engem eng humanistesch Grondausbildung ze ginn, mä wou ee sech kann a verschidde Sparte spezialiséieren. D'Programmkommissioune kruten och mat op de Wee, dass et net drëm geet, méi Matière ze vermëttelen, mä dass et drëm geet, déi dräi Joer ze notzen, fir d'Matière esou opzeschaffen, dass ee se och dono praktesch uwennen an och Querverbindungen hierstelle kann.

Jiddferee war also mam But vun der Reform d'accord, mä et ass ganz kloer, dass, wann een eng Reform mécht, dann eppes ännert. Wéi ech de Programmkommissiounen dunn awer d'Ännerunge présentéiert hunn, du goungen d'Diskussioune lass. Et waren 22 Fachrichtungen am Ganzen; sechs ware géint d'Reform a 16 dofir. Et waren der dogéint, well déi eng sech erhofft haten, hiert Fach kréich méi Gewiichtung; anerer hu fonnt, hiert Fach misst anescht gesi ginn. Besonnesch de Sproochenunterrecht a virop de Franséischunterrecht huet fonnt, dass déi Propositioun, déi ech gemaach hat, zum Nodeel vum Sproochenunterrecht war. Ech hu mech deem Argument net verschloss, au contraire. Mir hunn dat Ganzt nach eng Kéier op de Métier geholl, an dunn eng Grille horaire erausbruecht, déi de Stellewäert vun der Sprooch ënnermauert an ënnerstëtzt.

Aner Revendicatioune sinn opkomm: Et misst ee méi Education physique maachen; et misst ee méi Education artistique maachen; et misst méi Musek an d'Schoul erakommen; et misst och méi Ekonomie sinn an d'Latäin misst obligatoresch bis op 1re duerchgeféiert ginn. Do muss een natierlech Choixe maachen, well, wann een hei d'Additioun vun deene verschidde Fachrichtunge mécht, da kéim een op eng Stonnenzuel pro Woch fir d'Schüler, déi wäit iwwert dat géing erausgoen, wat all normale Mënsch als Schaffwoch fir sech als normal fënnt. Da wiere mer op enger 45-Stonne-Woch gewiescht, wat mat Sécherheet inacceptabel ass.

Et ass awer och de Reliouns- an de Moralunterrecht - an dat ass hei an der Diskussioun e bëssen ënnergaangen - duerch dat Erëmopschaffe vun all deene Fächer op der 2e suppriméiert ginn. Et ass hei net evirgestrach ginn, an zwar dass op der 2e an der Philosophie d'Histoire des religions obligatoresch gëtt, wat en Novum ass. Op der 12e am Secondaire technique ass scho säit enger Zäit kee Reliounsunterrecht méi gewiescht, an elo gëtt en och net méi op der 2e ugebueden, mä gëtt duerch e Cours an der Philosophie ersat iwwert d'Histoire des religions.

Dat zu der Reform vun der Division supérieure, wou et drëm geet, dat, wat een op 7e, 6e a 5e geléiert huet, nach eng Kéier ze verdéiwen, dass een dono zolidd dorop opbauen an da vun der 3e un eng Wiel treffe kann,

dass een eng Spezialisatioun mécht, wou een net méi Quantitéit kritt, mä méi Qualitéit, fir da beschtméiglechst gerüst ze sinn, fir dono Etudes supérieures unzegoen.

Ech sinn net der Meenung wéi beispillsweis den Här Garcia, deen hei gesot huet, et soll een en Tronc commun maachen, no der 5e missten d'Schüler alles kënnen, d'Sprooche missten och anescht vermëttelt ginn, d'Sprooche missten esou vermëttelt ginn, dass d'Kanner dat duerch liese sech géingen uneegnen. En hält net vill vu Vokabelléieren. Ech muss lech soen, ech sinn do enger ganz anerer Opfaassung. Déi Methoden, déi mer eng Zäit applizéiert hunn, hunn eben net zu deem gewënschte Resultat fonnt. Et léiert een näischt duerch Intuitioun, et léiert een doduerch, dass ee Saachen erkläert kritt, an dass een d'Saachen da muss erschaffen, opschaffen a widderhuelen.

D'4e soll de Schüler d'Geleeënheet ginn, dat Wëssen, wat se bis dohinner unenee gereit hunn, ze verdéiwen, fir dann op 3e besser mat der Spezialisatioun virunzefueren. Eng Spezialisatioun, wou awer d'Programmkommissioune ganz kloer den Opdrag kruten, net méi Matière dran eranzesetzen.

Den Här Scheuer huet gemengt, et misst virun de Programmkommissiounen nach en Organ ageschalt ginn, d'Forces vives misste consultéiert ginn. Wann een dat alles mécht, muss ech lech soen, maache mer keng Reform méi vum Enseignement. Den Här Garcia huet drop higewisen, dass e sech am Fong gewonnert huet, dass d'Chamber sech mat esou Reforme wéi déi hei iwwerhaapt beschäftege misst, mä ons Structure législative gesäit dat vir. Ech ginn do dem Här Garcia Recht. Ech fannen, datt d'Schoulreforme sech musse mat de Leit um Terrain eenegen, an am Fong op eng méi soupel Aart a Weis, an dass et net parlamentaresch Debatte sinn, déi dat do änneren. Mir mussen awer d'Strukturen hei stëmmen, an dofir ass dëse Projet de loi och esou entwéckelt ginn.

Et ass och an dëser Reform eppes Neits ageféiert ginn: d'Section G. Do ass gefrot ginn, wat d'Ausrichtung ass. Do wäerte mer elo an deem nächste Schouljoer un de Programmer schaffen, well dat jo net elo am Hierscht uleeft, mä d'iwwernächst Joer.

Eng generell Fro: Wann d'Chamber dëst Gesetz elo stëmmt, wat ech hoffen, da gëtt et applikabel vun der Rentrée scolaire un, dat heescht, dass déi Schüler, déi elo op 4e kommen, mat deem neie System ufänke wäerten. Et applizéiert sech also nëmmen op 4e. D'Schoule sinn och deementspriechend informéiert ginn, dass se d'Eventualitéit awer vun deem Vote an d'A gefaasst hunn, an dass d'Schüler op 4e net méi tëschent littéraire a scientifique mussen décidéieren.

Dofir sinn ech och dankbar, Här President, dass Der d'accord waart, dee Projet de loi nach elo op den Ordre de jour ze huelen, well dat gëtt de Schoulen d'Méiglechkeet, sech nach ze organiséieren. Och organisatoresche Problemer muss een an de Schoulen nämlech Rechnung droen. Vu dass d'nächst Woch keng Sitzungswoch ass, war ech frou, dass dat elo de Moien um Ordre du jour steet.

Den éischte Volet ass also d'Reform vun der Division supérieure. Wa vun der Oppositioun gesot ginn ass, dat wier kee grousse Worf, mengen ech awer, dass et wesentlech ass an der Approche vis-à-vis vun der Educatioun, nämlech dass mer Basiswësse vermëttelen, dass mer kucken, dat ze konsolidéieren, an dass mer de Schüler och Zäit loossen, dat kënnen ze applizéieren.

Deen zweete Volet an dësem Projet de loi ass d'Abolitioun vun der Dispens. D'Abolitioun vun der Dispens vun dem Cours d'instruction religieuse oder vum Cours de formation morale et sociale stung an der Regierungserklärung vun 1999. Et stung awer och dran, dass d'Viraussetzung vun der Ofschafung vun der Dispens wier, dass dee Cours de formation morale et sociale en uerdentleche Programm a Contenu kréich, an dass och d'Enseignanten eng Formatioun kréien. Dofir sinn ech hei der Programmkommissioun vun der Formation morale et sociale wierklech dankbar fir déi excellent Aarbecht, déi se gemaach huet, fir e Cours opzebauen, dee bis dohinner a vun 1968 un ni eng richteg Teneur hat.

Dat wor e Fach, dat jiddfereen esou enseignéiert huet, wéi et him gefall huet. An da koum et ëmmer erëm zu deene selwechte Sujeten, déi do traitéiert gi sinn, oft mat Enseignanten, déi net terribel motivéiert woren, fir dat Fach ze enseignéieren.

Well ech awer der Meenung sinn, dass et een enorm wichtege Cours ass, hunn ech där Commission des programmes, d'Moyene ginn, fir e Cours ze entwéckelen. Si hunn dat gemaach ënnert der Mathëllef vum Institut für Schule und Weiterbildung vu Soest an Däitschland.

Et gëtt an Däitschland e Programm, dee sech praktische Philosophie nennt, deen op all deene Punkten opbaut, déi an der Wäertvermëttlung als wichteg ëmfonnt ginn. Do ass drop geschafft ginn, esou dass mer en excellenten a kohärente Programm hunn, deen och schonn d'lescht Joer virgestallt ginn ass, esou wéi och d'Formatioun gemaach ginn ass vun enger ganzer Rei Leit, déi sech do engagéiert haten an déi begeeschtert woren, iwwert dee Cours de Formation continue, eng Formatioun, déi mer viruféiere wäerten.

Duerch déi Kontakter, déi ech hat mat der Programmkommissioun vun der Formation morale et sociale, ass d'Diskussioun iwwert de Koeffizient opkomm. Dee steet net am Regierungsofkommes. D'Commission des programmes huet mer gesot, wann Der wëllt dee Cours esou orientéieren, dass en eng Struktur kritt, dass e vun de Schüler seriö geholl gëtt, vun den Enseignante seriö geholl gëtt, da muss een deem Cour e Koeffizient ginn.

Et ass also op Wonsch vu Leit, déi de Programm vun der Education morale et sociale ausgeschafft hunn, wou dee Koeffizient ageféiert ginn ass. Wéinst dem Parallelismus vum Reliounsunterricht ass et normal, dass de Reliounsunterricht och e Koeffizient krut. Et ass also net op Wonsch vun dem Archevêché, mat deem ech selbstverständlech Kontakter hat a gutt Diskussiounen, wou dee Koeffizient ageféiert ginn ass, mä et ass op Wonsch vu Leit aus der Programmkommissioun vun der Formation morale et sociale.

Firwat mer zu enger Abolitioun vun der Dispens kommen? Eng Rei Virriedner sinn dorop agaangen. Et schéngt mer evident ze sinn, dass mer keng öffentlech Schoul kënnen an däerfen zu Lëtzebuerg hunn, wou et kee Wäertunterricht gëtt. D'Kanner brauchen haut méi wéi je Repèren, Repèren, déi net méi an der Famill vermëttelt ginn. Mir sinn an enger Welt vun Enttraditionaliséierung, vun Individualiséierung. Et ass e Wandel vu Familljestrukturen, e Wandel am Erzéiungsstil, e Wandel an der Aarbechtsorganisatioun. Et gëtt fir ganz vill Leit eng Orientéierungskris am Moment. Mir mussen Eckpfeiler ginn, wou ee sech dru kann orientéieren. D'Schoul ass also gefuerdert, fir dat mussen a kënnen ze vermëttelen. Si muss de Schüler Hëllefstellung ginn an Orientéierungshëllef sinn.

D'Äntwert op déi Orientéierungslosegkeet kann net déi sinn, dass gesot gëtt, d'Schoul muss sech aus dem Wäertunterricht eraushalen. An alle Länner, mat Ausnahm vu Frankräich, gëtt et iwwregens e Cours vu Relioun oder Coursë vu Reliounen, an et gëtt e Cours vu Morale laïque. Mä souguer a Frankräich, wou se d'Ecole laïque ageféiert hunn a wou all Wäertunterricht ausserhalb vun der Schoul stattfënnt, huet de viregten Unterrichtsminister, de Jack Lang, eng Etüd an Optrag ginn, déi de Régis Debray gemaach huet an déi virun zwee Méint presentéiert ginn ass, wou „le religieux“ soll an de Schoulen enseignéiert ginn. Dat ass net „la religion“, mä dat ass „le religieux“ mat de Wäerter, déi domat zesummenhänken.

D'Dispens zu Lëtzebuerg wor am Fong, fir eng ganz Partie Schüler eng Kommoditéit. De Conseil d'Etat, dee seet a sengem Avis séparé, et wieren Déclarations fausses gemaach ginn. Verschidde Schüler hu gesot, si hätten eng aner Reliounszougehéieregkeet, obwuel et net wouer wor. Dat war am Fong eng hypocrite Haltung, déi de Législateur favoriséiert huet. Mir wossten all, dass géing gefuddelt ginn, mä mir hunn déi zwee Aen zougemaach. Et ass jo awer net esou, wéi een de Wäertunterricht kann ugoen.

Am Avis majoritaire, steet et méi nuancéiert. Déi schwätze vun „déclaration de facilité". Ech mengen, et soll een dat och esou gesinn. Eng ganz Partie Schüler hunn aus Kommoditéitsgrënn effektiv gesot, si géinge weder an dat eent nach an dat anert goen.

Wann een och kuckt, wéi et mat den Dispensen ass op Septième, Sixième, respektiv op Huitième, do sinn 1,6% vun de Schüler, déi gesot hunn, si géingen enger anerer Reliounsgemeinschaft ugehéieren an dofir d'Dispens kréien. Op Cinquième an Neuvième sinn et 2,4%. Op Quatrième an Dixième 7,2%. An dann, wann d'Schüler groussjähreg ginn a sech selwer kënnen e Certificat ënnerschreiwen, da sinn op eemol 10% op der Troisième, déi soen, si hätten eng aner Relioun. Op der Deuxième sinn et souguer 18%.

Dat beweist also, dass et hei net drëm geet, dass déi jonk Leit op eemol d'Relioun changéiert hätten, well dat sinn ëmmer nach nëmmen 1,6%, mä dat beweist, dass se aus Kommoditéitsgrënn aus dem Reliounsunterricht oder aus der Morale laïque ausgescheet sinn.

D'Participatioun um Reliounsunterricht awer, déi ass stabel bliwwen. Op Septième sinn et 60,7% vun de Schüler, déi de kathoulesche Reliounsunterricht besichen, op der Deuxième 57,6% .

Et si just d'Schüler vum Cours d'éducation morale et sociale, déi op Septième 37% duerstellen an op Deuxième awer nëmme méi 24%. Et ass also dee Cours aus deem d'Schüler sech erausgemellt hunn an net aus dem Reliounscours, well deen ass stabel bliwwen. Doraus gesäit een, dass dee Cours vun der Formation morale et sociale am Fong vun de Schüler net als dat ugesi ginn ass, wat e sollt, nämlech e Cours vu Wäertvermëttlung, an deem si sech selwer erëmfonnt hätten, soss hätte se dee Cours net esou staark délaisséiert, well am Reliounsunterricht si se nach wie vor bliwwen.

Wat ass de Cours vun Education morale et sociale? „Et ass e Cours, dee vun enger Reliounszougehéieregkeet onofhängeg ass, wou all Schüler sech kann dru bedeelegen, well en op Mënscherechtsprinzipië baséiert a folglech kann dann och an eisen Aen d'Dispens ofgeschaaft ginn.“ Dat ass eng Zitatioun vum Här Jean Asselborn, deen dat den 10. Juli 1998 bei der Ofschafung vun der Dispens am Primaire gesot huet. Den Här Asselborn huet also dee Moment argumentéiert, dass dee Cours de formation morale et sociale esou wier, dass d'Dispens kënnt ofgeschaaft ginn. Dat ass en Argument, wat ech och kann deelen, a wat fir de Primaire gëllt, muss och kënne fir de Secondaire gëllen, well d'Schüler, déi hu jo eng Perséinlechkeet, eng Struktur, ob se ënnert 12 Joer oder iwwert 12 Joer sinn.

Et ass dru geleeën, dass all d'Schüler e Wäertunterricht kréien, ob dat am Primaire oder am Secondaire ass. Dat ass ganz wichteg.

Am Ausland huet ee meeschtens en alternative Choix. A Finnland gi beispillsweis verschidde Religiounen an der Schoul enseignéiert oder e Cours d'éducation morale. Et gëtt och do keng Dispens. An Däitschland hänkt dat jo vun de Bundesländer of. A Baden-Württemberg, wou et nëmme Reliounsunterricht gouf, gouf et en Antrag vun deene Gréngen den 10. Dezember 2001 am Landtag: „Ethikunterricht für alle Schülerinnen und Schüler, die

nicht am Religionsunterricht teilnehmen, stufenweise einzuführen." Dat heescht, dass also jiddfereen, deen net an de Reliounsunterricht geet, um Ethikunterricht deelhëlt. Och do ass keng Dispens virgesinn.

Déi nächst Fro, déi sech stellt, ass, ob dee Wäertunterricht, deen ee mécht, soll konfessionell sinn oder net? Soll et een Unterricht sinn, wou een iwwer „le religieux" schwätzt? Dat ass dat, wat mat der Reform an der Philosophie op der Deuxième agefouert gëtt, mä wat awer nach kee generelle Cours ass.

Den Här Hubsch hat eng Proposition de loi erabruecht, wou e gefrot huet, et soll ee Cours unique vu Quatrième u sinn, fir allgemeng Valeuren ze vermëttelen. Dee Cours gëtt elo an der Philo op der Deuxième ageféiert, mä fir een eenzege Wäertunterricht ze maachen, dofir gëtt et an dëser Majoritéit keen Accord, esou wéi et ënnert der viregter Majoritéit mat de Sozialisten och keen Accord ginn huet, wat de Primaire ubelaangt.

Ech muss lech soen, dass een och hei muss den eenzelne Sensibilitéiten an den Traditioune Rechnung droen. Wann ee kuckt, wéi vill Schüler am kathoulesche Reliounsunterricht zu Lëtzebuerg agedroe sinn, esou schwankt dat vun op der Septième mat 60,7% bis op der Deuxième mat 57,6%. Dat heescht, eng grouss Majoritéit vun de Kanner geet hei zu Lëtzebuerg an de kathoulesche Reliounsunterricht. Wou et drop ukënnt, dat ass d'Qualitéit vum Unterricht. Dat gëllt souwuel fir deen ee Cours wéi fir deen anere Cours.

Wann ee seet, et kann een d'Konfessiounen an der Schoul zouloossen, da muss ee sech natierlech och d'Fro stellen, wellech Konfessiounen. Dat ass eng Diskussioun, déi nach geféiert muss ginn, mä déi de Kader vun der Schoul wierklech iwwerschreit.

Wéi ass et mat deenen anere Reliounen, deene Cultes reconnus par l'Etat? Wat ass ee Culte reconnu par l'Etat? Wéi wäit kann een do goen? Eng Diskussioun där ech mech selbstverständlech net wëll verschléissen.

Dann ass d'Diskussioun: Sollen déi Coursen an der Schoul gehale ginn, während dem offizielle Programm, als Optioun niewent dem offizielle Schoulprogramm oder soll een dat ganz op privater Basis organiséieren? Dat ass eng Diskussioun, déi ee féiere muss.

Ech géing mer wënschen, Här President, wann eng Kommissioun hei an der Chamber sech där Diskussioun géing unhuelen, well dat dépasséiert de Kader vun dësem Gesetz, awer mat dësem Gesetz ass d'Diskussioun vun de Reliounen, vum Religieux a vum Religiounsunterricht bestëmmt nach net ofgeschloss.

Wat de Koeffizient ubelaangt, do ass natierlech vill driwwer diskutéiert ginn. Ech hat uganks gesot, dass eng Demande wor vun enger Rei Membere vun der Programmkommissioun vun der Formation morale et sociale, e Koeffizient ze ginn. Et kann ee bedaueren, dass e Fach an der Schoul nëmmen unerkannt gëtt, wann et e Koeffizient huet, mä et gëtt och aner Fächer, déi datselwecht reklaméieren. Onse Schoulsystem ass esou opgebaut a fonctionnéiert esou. A jiddfereen, an dat ass och hei scho gesot ginn, erënnert sech u seng eege Schoulzäit, wann net e gewëssen Drock do wor, dann huet een dat vläicht net esou eescht geholl.

Et ass och vun eenzelne Schüler bedauert ginn, dass dat Fach net zielt. Mir hunn eng Pétitioun vu Schüler vun der Schülerkonferenz mat ganz villen Ënnerschrëften - iwwer 3.000 -, déi soen, si wiere géint d'Ofschafe vun der Dispens a si wiere géint de Koeffizient. Ech hunn awer och Témoignagë vu Schüler kritt, déi soen, mir si frou, wann dat Fach zielt.

Et sinn Interviewe gemaach ginn. Eng Kéier vum Radio ARA, deen eng ganz Partie Schüler gefrot huet an déi soten: Mä dat Fach misst awer e Koeffizient kréien, fir dass mer et seriö huelen. Och dat si Stëmme vu Schüler, déi ech hei wollt ervirbréngen.

Et gëtt da gesot, et wier ongerecht, well een, dee gleeweg wier, dee wier avantagéiert. Ech muss lech soen, dass déi Reliounsenseignante Professere sinn, déi e Stage maachen, genee wéi déi aner, hunn also déiselwecht Formatioun à la base, hunn, wat d'Benoutung ubelaangt, déiselwecht Connaissancen an déiselwecht Approche. A wann dann och nach gesot gëtt, do kritt ee Punkten au rabais, wier dat iwwerall de Fall wou een Alternative vu Coursen huet. Wann een tëschent dem Italieneschen an dem Spuenesche wielt, da kann deen een avantagéiert si par rapport zu deem aneren, ouni dass awer gesot gëtt, dass et géing ongerecht zougoen. Dat sinn Argumenter, déi geholl gi fir eppes wat, menger Meenung no, awer iwwert d'Zil erausschéisst.

Ech si wierklech iwwerzeegt, dass et wichteg ass, dass mer dat Fach Formation morale et sociale revaloriséieren, dass mer deem e Koeffizient ginn, dass dann de Reliounsunterrecht och e Koeffizient kritt an dass dee Reliounsunterrecht och op Plazen, wou en net esou gutt fonctionnéiert huet, och revaloriséiert gëtt. Well d'Qualitéit vum Unterrecht ass eppes enorm Wichteges an et ass nëmmen duerch eng gutt Qualitéit vum Unterrecht, wou mer d'Schoul virubréngen.

(Interruptions)

Här President, dat sinn déi puer Remarken, déi ech dozou wollt maachen. Et ass nach e Règlement grand-ducal iwwert d'Adaptatioun vun de Promotiounen, do ass kaum heivu geschwat ginn. Duerch déi Reform wäerte mer och Branches fondamentales aféieren an der Schoul, dat heescht, dass een an engem Haaptfach net ka kompenséieren, well dat huet zu Abüe geféiert bei der Kompenséierung. Et konnt een zum Beispill eng Datz an der Mathematik hunn, wann een op der B wor, dat geet elo duerch déi Adaptatiounen hei net méi. Eppes, wat och vill gefuerdert ginn ass, och dat ass hei an deem Projet dran, wat awer vergiess ginn ass ze erwähnen.

Ech hu Motioune virgeluegt kritt, Här President. D'Motioun 1, déi vum Här Scheuer déposéiert ginn ass, wou e seet, et soll eng „formation morale et sociale de qualité à tous les élèves“ enseignéiert ginn. Där Meenung sinn ech och, wann en domat och de Reliounsunterrecht gesäit, wat ech awer kaum mengen.

Mä a sengem „invite le Gouvernement“ seet en, dass dee Cours och soll d'nächst Joer virulafen an dass mer regelméisseg sollte Formation continue maachen. Dat maache mer. Mir hunn ons och wierklech Moyenen dofir ginn, an dass d'Servicer vum Ministère de l'Education nationale formalistesch wieren „que tout enseignant n'a droit qu'à 40 heures de formation continue par an“, esou stëmmt dat net an ech hat Récksprooch mat de Leit vun der Formation morale et sociale a mir fuere viru mat deem Cours, well dat wierklech eng Dynamik och erabruecht huet, sou dass ech mengen, dass der Demande vun deene Leit och Rechnung ka gedroe ginn, sou dass ech géing soen, dass déi éischt Motioun sans objet wier.

Wat déi zweet Motioun ubelaangt, do gëtt gefrot, dass mer solle preziséieren, wat d'„orientations de sciences humaines et sociales“ sinn an dass mer d'Programmer mussen adaptéieren. Dat ass ganz kloer, dass mer mussen och Leit vun de Sciences sociales an d'Educatioun eraloossen. Och do si mer mat engem Projet de loi amgaang, sou dass ech géing soen, och déi wier sans objet an ech géing der Chamber proposéieren, déi net ze akzeptéieren.

Wat d'Amendementë vum Här Bisdorff ubelaangt, mengen ech muss ech net am Detail drop agoen, wéi och wat den Amendement vun de Sozialisten ubelaangt, well ech hunn a menger Argumentatioun gesot, firwat ech der Meenung sinn, dass ee soll bei deem Projet de loi vun der Regierung bleiwen.

Ech géing da fir ofzeschléissen, Här President, Dir Dammen, Dir Hären, nach eng Kéier jiddferengem merci soen, och deenen déi gehollef hunn, dee Projet de loi hei auszeschaffen. Et wor net einfach. Et wor e ganz laange Processus. All déi Saachen, iwwert déi haut net méi geschwat ginn ass, dat ass en Zeechen, dass vill mat de Leit dialogéiert ginn ass an dass mer eng ganz Partie Problemer am Virfeld konnte léisen. Et muss awer eng Kéier e Choix getraff ginn. Dee Choix muss duerch de Projet de loi elo geholl ginn.

Wat d'Reform vun der Division supérieure ubelaangt, stellen ech bal eng Unanimitéit hei fest. Wat d'Formation morale et sociale an de Reliounsunterrecht ubelaangt, stellen ech fest, dass do d'Meenungen ausernee ginn, wat och net erstaunlech ass. Mä ech si frou iwwert dee sachlechen Toun, an deem d'Debatt geféiert ginn ass, well et ass déi Orientéierungshëllef, déi mer och deene jonke Leit musse viru mat op de Wee ginn. Well mir däerfen net vergiessen, dass am Bildungswiesen eppes wichteg ass, dat ass, dass mir als erwuesse Leit dat gutt Beispill ginn.

Ech soen lech villmools merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss, a mir kommen zu der Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4894 a mir stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Artikel 1 ass gelies.

Amendement 1 (5 Articles)

Mir hunn dozou eng Partie Amendementer erakritt vum Här Aloyse Bisdorff, déi sech och ënner anerem op den Artikel 1 bezéien.

En huet sech averstanen erkläert, datt mer in globo iwwer seng Amendementer ofstëmmen.

Et sief awer nach drop higewisen, datt dësen Amendement nëmmen eng Ënnerschrëft dréit.

Ass nach ee bereet heibannen, fir deen Amendement ze ënnerstëtzen?

(Assentiment)

D'Konditioune sinn also erfëllt, fir dass kann ofgestëmmt ginn.

Da stëmme mer also elo of iwwert d'Amendementer. Wéi gesot, den Här Bisdorff huet sech d'accord erkläert, fir se all mateneen ze huelen.

Mir maachen e Vote électronique.

Vote

Déi fir d'Amendementer vum Här Bisdorff si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen.

D'Amendementer vum Här Bisdorff sinn ofgelehnt mat 35 Nee-, 12 Jo-Stëmmen an 13 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement (par M. Ady Jung), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Gusty Graas), Mme Maggy Nagel (par M.

Xavier Bettel), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

M. Jean Colombera.

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

Amendement 2 (Article 1/48)

Beim Artikel 1 huet och den Här Jean Asselborn en Amendement agereecht iwwert den Artikel 48. Mir stëmmen also elo iwwert den Änneruungsantrag vum Här Asselborn iwwert den Artikel 48 of.

Vote

Déijéineg, déi derfir sinn, mussen een Ament waarden, bis de Computer…

Une voix.- An déi aner net?

M. le Président.- Een nom aneren.

Mir stëmmen also elo of iwwert den Amendement zum Artikel 48 vum Här Asselborn.

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen.

Den Amendement vum Här Asselborn ass verworf mat 35 Nee- a 25 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jos Scheuer), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Fernand Greisen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement (par M. Ady Jung), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Gusty Graas), Mme Maggy Nagel (par M. Xavier Bettel), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

M. Jean Colombera.

Amendement 2 (Article 1/49)

Beim Artikel 1 huet den Här Asselborn nach een Amendement agereecht iwwert den Artikel 49.

Vote

Mir stëmmen also och of iwwert den Amendement vum Här Asselborn zum Artikel 49.

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen.

Den Amendement vum Artikel 49 ass ofgelehnt mat 35 Nee- a 25 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Georges Wohlfart), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Fernand Greisen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement (par M. Ady Jung), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel (par M. Gusty Graas), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

M. Jean Colombera.

Domadder wier also den Artikel 1 an där Form ugeholl, wéi e vun der Kommissioun virgeschloen a vun der Mme Durdu hei virgedroe ginn ass.

Mir kommen dann elo zum Artikel 2.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz) (Suite)

Den Artikel 2 ass gelies an ugeholl.

Den Artikel 3 ass gelies.

Amendement 2 (Article 3/37)

Beim Artikel 3 huet den Här Asselborn och en Amendement agereecht iwwert den Artikel 37. Mir stëmmen also elo doriwwer of. Dir hutt jo den Text vun den Amendementer virleien, en ass och genügend erkläert ginn.

Vote

Déi fir den Amendement si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen.

Den Amendement ass verworf mat 35 Nee- a 25 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jos Scheuer), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Fernand Greisen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement (par M. Ady Jung), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel (par M. Gusty Graas), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

M. Jean Colombera.

Den Artikel 3 gëtt also an där Form ugeholl, wéi e vun der Kommissioun virgeschloe ginn ass.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz) (Suite)

Den Artikel 4 ass gelies an ugeholl.

Mir kéimen dann zur Ofstëmmung iwwert de gesamte Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Ech maachen nach eng Kéier drop opmierksam: Mir stëmmen elo iwwert d'Gesamtheet vum Gesetz of.

Déi fir d'Gesetz si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen.

De Projet de loi ass ugeholl mat 35 Jo- a 25 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement (par M. Ady Jung), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel (par M. Jeannot Belling), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

M. Jean Colombera.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jos Scheuer), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da kéime mer dann zur Motioun.

(Interruptions)

Ma jo, et ass dach kloer, dass d'Mehrheet domat d'accord ass.

Déi Leit, déi fir d'Gesetz gestëmmt hunn, sinn normalerweis och d'accord mat der Dispens vum zweete Vote.

Mir kommen elo zu de Motiounen.

Motion 1

D'Motioun 1 - ech mengen Dir hutt se am Text virleien - brauch net méi explizéiert ze ginn. D'Mme Minister huet Stellung geholl. Mir stëmmen also of.

Vote

Ass do e Vote électronique verlaangt?

(Assentiment)

Da stëmme mer of iwwert d'Motioun 1 vum Här Jos Scheuer.

Déi fir d'Motioun 1 si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen.

D'Motioun 1 ass verworf mat 34 Nee-, 25 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Fernand Greisen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia);

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement (par M. Ady Jung), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel (par M. Niki Bettendorf), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

S'est abstenu: M. Jean Colombera.

Dann huele mer d'Motioun 2 vum Här Robert Garcia.

Motion 2

Mir stëmmen elo of iwwert d'Motioun 2 vum Här Garcia.

Vote

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen.

D'Motioun 2 ass verworf mat 34 Nee-, 25 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement (par M. Ady Jung), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Gusty Graas), Mme Maggy Nagel (par M. Jeannot Belling), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

S'est abstenu: M. Jean Colombera.

Kolleeginnen a Kolleegen, domadder wiere mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut de Mueren ukomm.

Déi nächst Sitzung ass de Mëtten um halwer 3 a fänkt u mat deem Projet, dee mer nach um Ordre du jour hunn iwwert d'Chargés de cours, an dann uschléissend hu mer nach d'Interpellatioun vum Kolleeg Zanussi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 12.44 heures)